



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 15.11.2019





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	03
1. CORRESPONDANCE	07
2. CIRCULATION	07
2.1. Confirmation de quatre règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue Lentz, route de Luxembourg, rue de la Libération et rue du Commerce	
2.2. Approbation de trois règlements temporaires de la circulation – « Grands Marchés » 2020, « Bierenger Kiermes » 2020 et marché de Noël 2019	
2.3. Approbation de modifications à apporter au règlement général de la circulation du 13 juillet 2018 – rue Jean Jaurès et rue Grand-Duc Adolphe	
3. FINANCES COMMUNALES	09
3.1. Approbation du plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2020	
3.2. Approbation d'un acte de cession conclu avec la S.à r.l. « Constructions luxembourgeoises K-Home (C.L.K.) »	
3.3. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec Madame Sylvie Biever	
3.4. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec Madame Jill Rosalie Marguerite Audrit	
3.5. Approbation d'un acte de vente avec Madame Emilie Alberthe Bouchenaki-Berchem	
3.6. Approbation du contrat de fermage conclu avec Monsieur Francisco Rodrigues da Silva et Madame Soledade Maria Pacheco Martins	
3.7. Modifications à apporter au chapitre XVII – Lave-vaisselle – du règlement-taxes général	
3.8. Approbation du règlement instituant un régime d'aides pour l'acquisition d'un cycle ordinaire neuf ou d'un pedelec25 neuf	
3.9. Subside extraordinaire à allouer	
4. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE 2019/2020 DE L'ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE DE LA VILLE DE DUDELANGE	20
5. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE 2019/2020 DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	22
6. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DE CERTAINES COMMISSIONS COMMUNALES	30
7. STRATÉGIE À ADOPTER EN VUE DE RENONCER À L'EMPLOI D'EMBALLAGES PLASTIQUES À USAGE UNIQUE ET DE MATIÈRE PLASTIQUE EN GÉNÉRAL À L'OCCASION DE MANIFESTATION PUBLIQUES ET ÉTABLISSEMENT D'UN PLAN D'ACTION « ZERO WASTE »	31
8. PERSONNEL	38
8.1. Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite	
8.2. Annulation de la prime pour masse d'habillement accordée à deux fonctionnaires communaux (instructeurs de natation)	
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	40



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 15.11.2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude (à l'exception du point numéro 10 de l'ordre du jour), Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira (à l'exception du point numéro 11.2 de l'ordre du jour) et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

1 – Correspondance

Monsieur René Manderscheid, échevin, porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal :

- la Ville de Dudelange vient de recevoir le certificat pour l'honorer pour ses 25 années comme membre au sein de l'Alliance pour le Climat (Klima-Bündnis e.V.). Depuis 1994, la Ville de Dudelange est membre de L'Alliance pour le Climat (Klima-Bündnis). Depuis 25 ans la Ville de Dudelange s'engage en faveur d'une protection accrue du climat, notamment en soutenant les partenaires indigènes dans leur lutte pour la protection des forêts tropicales en Amazonie. A cet effet, un certificat est remis à la Ville par l'Alliance pour le Climat comme signe de reconnaissance et pour l'honorer de son engagement constant et de longue date en faveur de la protection du climat.
- au courant de l'assemblée plénière de l'Alliance pour le Climat, il a été retenu de proposer aux communes-membres à adopter chacune une résolution pour aider activement à sortir de la crise climatique. Ladite résolution sera instruite par la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature pour être soumise à l'approbation de notre conseil communal en temps opportun.

2 – Circulation

Le conseil communal confirme, avec les voix de tous les conseillers, quatre règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édictés par le collège des bourgmestre et échevins pour régler la circulation à l'occasion:

- de travaux de déploiement de la fibre optique pour Post Technologies par l'entreprise Jules Farenzena, nécessitant le barrage total de la chaussée de la rue Lentz ;
- de travaux de toitures par l'entreprise Realco, nécessitant le déplacement de l'arrêt bus à hauteur de la maison, 94, route de Luxembourg ;
- de travaux de démolition des maisons 115-117, rue de la Libération par l'entreprise Dicici, nécessitant le barrage d'une voie de la chaussée ;
- de la mise en place d'une benne nécessitant un rétrécissement temporaire de la chaussée de la rue du Commerce.

Ensuite, le conseil communal approuve à l'unanimité, les règlements temporaires de la circulation suivants :

- pour l'organisation des grands marchés, chaque 1er jeudi des mois de l'année 2020 ;
- pour l'organisation de la Bierenger Kiermes, du 18 au 26 mai 2020 ;
- pour l'organisation du marché de Noël 2019, du 2 au 17 décembre 2019.

Finalement, le conseil communal arrête avec toutes les voix les modifications suivantes à apporter au règlement général de la circulation de la Ville :

- aménagement définitif d'un passage pour piétons dans la rue Jean Jaurès, à l'intersection avec le chemin menant à l'ancien parking derrière la poste, à la hauteur de la maison n° 40 ;
- stationnement interdit, excepté pour personnes handicapées, sur le parking à côté de la maison n° 171, rue de la Libération sur 1 emplacement.

3 – Finances communales

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve :

1. le plan de gestion annuel des forêts de la Ville de Dudelange pour l'exercice 2020, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit:
Forêt soumise au régime forestier d'une contenance de 306 ha

INVESTISSEMENTS (EUR)

- Gestion durable des forêts
Salaires: 90 600 / Factures: 151 500 / Total: 242 100

- Gestion durable des forêts
Salaires: 7 500 / Factures: 10 000 / Total: 17 500

- Protection de la nature:
Salaires: 2 500 / Factures: 2 500 / Total: 5 000

- Sensibilisation:
Salaires: 42 500 / Factures: 30 000 / Total: 72 500

- Ressources cynégétiques:
Salaires: 6 500 / Factures: 3 500 / Total: 10 000

- Surveillance et Police:
Salaires: 1 000 / Total: 10 000

- Logistique et personnel:
Salaires: 75 000 / Factures: 72 000 / Total: 147 000

GRAND TOTAL:

Salaires: 225 600 / Factures: 269 500 / Total: 495 100



REVENUS (EUR)

- Gestion durable des forêts

Recettes: 29 100 / Total: 29 100

SYNTHÈSE DES RÉCOLTES DE BOIS

- Chênes - Vol sur écorce en m³:

Grume 45 / Trituration: 90 / Total: 135

- Autres feuill. - Vol sur écorce en m³:

Trituration: 500 / Total: 635

GRAND TOTAL:

Grume 45 / Trituration: 590 / Total: 635

2. l'acte de cession du 20 septembre 2019, aux termes duquel la société à responsabilité limitée «Constructions Luxembourgeoises K-Home C.L.K.», cède, pour l'Euro symbolique, à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, au lieu-dit «route de Zoufftgen», place voirie, contenant 3 centiares, terrain à intégrer dans la voirie publique ;

3. l'acte de cession gratuite du 23 septembre 2019, aux termes duquel Madame Sylvie Bieber cède gratuitement à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, au lieu-dit «route de Burange», place voirie, contenant 14 centiares, terrain à intégrer dans la voirie publique ;

4. l'acte de cession gratuite du 18 septembre 2019, aux termes duquel Madame Jill Rosalie Marguerite Audrit cède gratuitement à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, au lieu-dit «rue des Fleurs», place voirie, contenant 33 centiares, terrain à intégrer dans la voirie publique ;

5. l'acte de vente du 20 septembre 2019, aux termes duquel Madame Emilie Alberthe Bouchenaki-Berchem vend à la Ville de Dudelange, un terrain au lieu-dit «rue Dr Albert Schweitzer», pré, contenant 64 ares 85 centiares au prix de 200'000,- €. Le terrain est acquis dans un but d'utilité publique, à savoir la constitution d'une réserve foncière en vue de la réalisation future de logements à prix réduit (social) ;

6. le contrat de fermage, aux termes duquel la Ville de Dudelange afferme à Monsieur Francisco Rodrigues da Silva et Madame Soledade Maria Pacheco Martins, une parcelle de pré sur un terrain au lieu-dit «rue Dr Albert Schweitzer» pour un fermage de 125,- € par an ;

7. le nouveau règlement-taxe sur la mise à disposition de la voiture lave-vaisselle et de la vaisselle par la Ville de Dudelange. Peuvent profiter dorénavant de la mise à disposition de la voiture lave-vaisselle et des lots de vaisselle : les clubs et associations ayant élu siège social à Dudelange ; les clubs et associations, sans avoir leur siège social à Dudelange, à l'occasion de l'organisation ponctuelle d'un événement public dans la commune ; les associations caritatives et de bienfaisance, résidentes ou non-résidentes ; les administrations publiques. Priorité est toujours donnée aux demandeurs sub 1.

La location de la voiture lave-vaisselle et des lots de vaisselle est gratuite mais la caution remboursable pour la location de la voiture lave-vaisselle s'élève à 65,- € et celle pour la location de chaque lot de vaisselle à 50,- €. Le règlement entre en vigueur le 1er janvier 2020.

8. le règlement qui instaure une prime pour l'acquisition de cycles ordinaires et/ou à pédalage assisté neufs afin de promouvoir la mobilité douce sur le territoire de la Ville de Dudelange. Il est accordé, sous certaines conditions, une subvention pour l'acquisition d'un cycle à pédalage assisté (pedelec25) neuf ou d'un cycle ordinaire neuf. Sont exclus du règlement les cycles qui ne répondent pas aux prescriptions réglementaires et dispositions du Code de la route. Les bénéficiaires de la prime doivent remplir les conditions suivantes : être domicilié sur le territoire de la Ville de Dudelange ; ne pas avoir bénéficié de la présente subvention endéans les 5 dernières années ; être bénéficiaire de la subvention accordée par l'État instaurée par le règlement grand-ducal du 7 mars 2019 portant introduction d'une aide financière pour la promotion des véhicules routiers à zéro ou à faibles émissions de CO₂, respectivement par un futur règlement grand-ducal au même sujet. Le montant de la prime correspond à 50% du montant de la prime de l'Etat avec un maximum de 150,- €. En cas d'achat simultané d'un casque de vélo neuf, le montant de la subvention peut être majoré avec un maximum de 25,- €, en fonction du prix d'achat du casque. La demande écrite pour l'obtention d'une prime est à introduire auprès de la Ville après l'obtention de l'attestation de subvention par l'Etat, au plus tard 3 mois après réception d'un document attestant le montant de la subvention obtenue de la part de l'Etat, moyennant un formulaire, dûment rempli et signé, mis à disposition par la Ville. Les bénéficiaires ayant obtenu la prime étatique entre le 1er janvier 2019 et la date de publication du présent règlement sont éligibles à présenter leur demande dans un délai de 3 mois à partir de la date de publication du présent règlement. Le règlement entre en vigueur rétroactivement avec effet au 1er janvier 2019.

9. d'allouer un subside extraordinaire de 1'200,- € à l'Œuvre Saint Nicolas Dudelange à l'occasion du cortège de la Saint Nicolas 2018.

4 – Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive de l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange pour l'année scolaire 2019/2020.

Présentation sommaire - élèves :

- Élèves définitivement inscrits: 1 247
dont: 743 féminins et 504 masculins
- Nouveaux élèves 2019/2020: 319
- Anciens élèves non-réinscrits: 266
- Élèves résidents: 1048 (Dudelange 485, Bettembourg 276, Roeser 118, Weiler-la-Tour 99, Kayl/Tétange 70)
- Élèves non-résidents: 199 (dont autres: 174, dont étrangers: 25)
- Élèves 0-17 ans: 1 022, >18ans: 225, adultes inscrits en filière adulte: 76
- Liste d'attente: 145
- Cours collectifs: 1060, individuels: 1 454, total 2514



Présentation sommaire - enseignants :

- Enseignants: 52, dont à tâche complète (22h) : 18, dont à tâche partielle: 34
- CDI: 44, CDD: 8
- Statut d'employé communal: 16, salarié: 36
- Nouveaux engagements 2019/2020: 6
- Total d'heures d'enseignement hebdomadaire: 827,75
- Total d'heures contractuelles hebdomadaires: 796

5 – Enseignement fondamental

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive de l'enseignement fondamental de la Ville de Dudelange pour l'année scolaire 2019/2020.

6 – Composition des commissions consultatives communales

Le conseil marque, avec toutes les voix, son accord aux modifications suivantes à apporter à la composition de différentes commissions communales :

- Madame Margot Block est remplacée par Monsieur François Nicolay dans la commission du 3e âge et dans la commission de l'hygiène et de la salubrité publique ;
- Madame Sandra Lux est remplacée par Madame Annick Mathias en tant que représentante des sociétés de musique dans la commission de surveillance de l'école régionale de musique ;
- Madame Margot Block ne fait plus partie du pool des remplaçants.

7 – Stratégie pour renoncer à l'emploi d'emballages plastiques à usage unique et de matière plastique en général à l'occasion de manifestation publiques et établissement d'un plan d'action « Zero Waste »

A l'unanimité, est adopté un appel au collège des bourgmestre et échevins afin de mettre en pratique une stratégie pour renoncer à l'emploi d'emballages plastiques à usage unique et de matière plastique en général à l'occasion de manifestation publiques et d'établir d'un plan d'action «Zero Waste». Le texte adopté a la teneur suivante: «*De Gemengerot, (...) fuerdert de Schäfferot vun der Stad Diddeleng op, de Règlement d'ordre interne vun den Diddelenger Schoulen op déi ëffentlech Gebaier vun der Gemeindeverwaltung auszeweiten; eng Charte fir Veräiner ausschaffen ze loossen, déi d'Punkten ëffentlech Manifestatiounen, Offallgestioun, Beliichtung, Stroum, Heizung, Drénkwaasser an Transport behandelt; am Verdeelungsmechanismus vun de Subside fir d'Veräiner, zousätzlech Consideratioune vun ökologesche Kritäre bäizefügen; een allgemengt Verbuet anzeféiere fir all Form vun Eeweplastik, spezifesch fir ëffentlech Manifestatiounen, déi vun der Gemeng organiséiert ginn, déi op ëffentleche Plaze stattfannen, déi vun der Gemeng de Veräiner zur Verfügung gestallt ginn, oder vu Veräiner organiséiert ginn, déi dobäi vun der Gemeng logistesesch ënnerstëtzt ginn; ee konsequenten an intensiven Tri vum Offall bei sämtlechen ëffentleche Manifestatiounen ze garantéieren, vun egal wéi enger Gréisst an Envergure an onofhängeg vun der Lokalisatioun, woubäi den*

agesammelten Offall jee no Fraktioun z'erfaassen ass (Volumen resp. Gewicht). Dës Donnéeën mussen uschlëssend analyséiert an ausgewäert ginn, mam Zil, fir den Akaf bei gläiche Manifestatiounen z'optimiséieren an eeweekonschtstoffsfräi ze kréien ; Seminären a Workshope betreffend d'Offallgestioun (Schwéierpunkt Offallvermeidung, Reduktioun an Trenne vum Offall an de kommunale Strukturen) anzeféieren, un deene sämtlech Beamten an Aarbechter, verflucht sinn aktiv a reegelméisseg deelzehuelen, mee och gewielte Verrieder a Membere vu Kommissiounen invitéiert sinn ze participéieren; de Veräiner een eegene Méiweebecherssystem op Basis vu Pfand zur Verfügung ze stellen; all dës Mesuren an der uewegenannter Charte opzehuelen; d'Veräiner am Virfeld iwwert d'Charte an iwwert d'Mesuren, déi d'ëffentlech Manifestatioune betreffen, am Detail z'informeréieren an och d'Veräiner alueden hir Virschléi dozou ze maachen; dass en Aktiounsplang „Zero Waste“ Bestanddeel vum Nohaltegkeetsmasterplang soll ginn; de Service Protection de l'Environnement et du Développement Durable ze chargéieren eng Analyse ze maachen, wéi eng Informatiounscampagnen zu dësem Theme kënnen organiséiert ginn.»

8 – Personnel

Les décisions relatives au personnel communal suivantes sont arrêtées à l'unanimité :

1. approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite. Montres pour 20 ans de bons et loyaux services d'une valeur de 1'000,- € : Mesdames Barbara Bonn, institutrice, Linda Dominici, institutrice ; Monsieur Claude Kasel, instituteur ; Mesdames Carole Kolakovic, institutrice, Christiane Reding, institutrice, Françoise Reuter, institutrice, Violette Schleich, institutrice, Sylvie Serafin, institutrice, Carole Vinandy, institutrice, Anouk Weis, institutrice ; Monsieur Jean-Claude Fabeck, expéditionnaire administratif ; Mesdames Liliane Fattebene, agent de nettoyage, Myriam Hammes, expéditionnaire administrative ; Monsieur Bob Morhard, directeur école de musique ; Madame Kerstin Nass, salariée école de musique ; Monsieur Romain Nosbaum, salarié école de musique ; Madame Muriel Papeux, salariée école de musique et Monsieur Claude Tritz, expéditionnaire technique. Bon d'achat d'une valeur de 200,- € aux personnes parties à la retraite en 2019 : Madame Joëlle Bertante, institutrice ; Messieurs André Bury, instituteur, Felix Lentz, instituteur ; Madame Jaia Cloos, employée communale ; Monsieur Roland Davelli, chef d'atelier ; Mesdames Nicole Faber, expéditionnaire administrative, Paulina Gomes, agent de nettoyage, Danielle Igniti, rédactrice, Suzanne Kemp, employée communale, Chantal Klein, agent de nettoyage, Nadia Muller, chef d'équipe ; Messieurs Robert Muller, salarié école de musique, Candido Pazzaglia, chef d'équipe, Patrick Valdagno, ouvrier communal ; Madame Eliette Wolff, rédactrice ;



Messieurs Romain Zeimetz, ingénieur technicien et Gilbert Zuang, artisan.

2. annulation de la prime pour masse d'habillement accordée à deux fonctionnaires communaux, instructeurs de natation, sachant que cette prime est remplacée par une indemnité d'habillement suivant dispositions du règlement grand-ducal du 14 août 2017 déterminant les conditions et modalités de la mise à la disposition aux fonctionnaires et employés communaux de vêtements professionnels et de l'allocation d'une indemnité d'habillement.

9 – Questions au collège des bourgmestre et échevins

Plusieurs questions ont été soumises en amont de la réunion du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins par la fraction « CSV », toutes au sujet du futur quartier « NeiSchmelz » : géothermie, projet de la production audio-visuelle, avenir du site, mobilité. Le collège des bourgmestre et échevins fournit les réponses auxdites questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 15.11.2019

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleginnen a Kollegen, härezech wëllkomm hei am Gemengerot. De Gemengerot ass komplett, dofir géif ech proposéieren, dass mir ufänken. Ech begreissen lech ganz härezech an eiser Gemengerotssitzung vun haut, wou mir effektiv eng Rei Punkten zesummen ze traitéieren an ze beschwätzen hunn, dofir géif ech och proposéieren, dass mir direkt lassleeën. Den éischte Punkt, d'Korrespondenz, do ginn ech d'Wuert direkt weider un eisen Ëmweltschafften, de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Ma ech si frou an houfreg lech kënne matzedeele, dass mir dës Woch de Courrier kritt hu vum Klimabündnis. An do hu mir dann en Diplom iwwerrecht kritt fir 25 Joer „Mitgliedschaft im Klima-Bündnis, zur Ehrung: Klima-Bündnis der europäischen Städte mit indigenen Völkern der Regenwälder – Alianza del Clima“. Mir sinn elo säit 1994 do Member an als Unerkennung fir eis Aarbecht fir de Klimaschutz an d'Klimagerechtigkeit als europäesch Gemeng a Partnerschaft mat indigene Völker hu mir dann elo, wéi gesot, dës flotten Diplom geschéckt kritt fir eis Aarbecht dann och ze belounen. Dat ass dat eent.

An dat anert wat ech lech wëll matdeelen, mir haten dës Woch d'Plénier, e Méinden zu Mendsdorf, vum Klima-Bündnis. Do ass dann och eng Resolutioun zur Klimakris gestëmmt ginn. An do ass och eng Resolutioun, eng kommunal Resolutioun, e Projet entworfen ginn, deen hu mir och matgedeelt kritt. An dee solle mir dann an d'Gemengerot mathuelen an do diskutéieren an do och verabschieden. Wann Dir domat d'accord sidd, géif ech awer fir d'éischt dee Projet mat an d'Ëmweltkommission huelen, fir dass mir do eng Kéier driwwer kucken an da kommen ech domadder an de Gemengerot. Gesitt Dir dat och esou? Da soen ech lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid an och fir d'Zoustëmmung op alle Bänken. Soss nach e Punkt an der Korrespondenz? Ech kucken hei op d'Kollegen, dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kënne mir deen dote Punkt ofschléissen an da géife mir op den eigentlechen Ordre de jour iwwergoen.

2. VERKEËRSREGLEMENTER

2.1. CONFIRMATION VU VÉIER TEMPORAIEN DRÉNGENDE VERKEËRSREGLEMENTER: RUE LENTZ, ROUTE DE LUXEMBOURG, RUE DE LA LIBÉRATION A RUE DU COMMERCE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Elo geet et ëm d'Circulation an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. Ech fänken dann u mam Punkt 2.1 an zwar an der Lentzstrooss. Ech mengen ech erzielen lech all Kéier hei datt d'Post amgaang ass iergendwou Glasfaser ze leeën an dat ass si dann och hei erëm eng Kéier. Si leet en an den Trottoir op deenen zwou Säite vun der Strooss tëschen den Haiser 24 a 47 a fir datt den Entrepreneur sécher ka schaffen, ass d'Strooss tëschen deene genannten Haiser gespaart. A wéi ëmmer, d'Awunner komme natierlech bei hir Haiser an hir Garagé bäi. Dat wier et fir d'Lentzstrooss.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Sinn iergendwellech Remarquen oder Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da kënne mir iwwert dat Reglement ofstëmme. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

2.2. APPROBATION VUN DRÄI TEMPORAIRE VERKEËRSREGLEMENTER – GROUSS MÄERT 2020, BIERENGER KIERMES 2020 A CHRËSCHTMAART 2019

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Vun der Lentzstrooss an d'Lëtzebuerger Strooss, do op der Héicht Nummer 94 gëtt en Daach gemaacht an dofir mussen mir d'Bushaltestell, déi zoufälleg virun deem doten Haus ass, e bësselche verréckele fir datt de Busarrêt net ausfällt während der Phas vun eben deem Chantier. Dat heescht, de Busarrêt gëtt geréckelt vum Haus Nummer 94 op d'Haus Nummer 86 an dat ass natierlech och mat deem, deen dee Busarrêt ufiert, ofgeschwat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi dote Präzisierungen. Si Remarquen oder Froen dozou? Dat ass och net de Fall. Kënne mir dann doriwwer ofstëmme? Ass de Gemengerot domat averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.



2.3. APPROBATION VUN ÄNNERUNGE VUM ALLGEMEINE VERKEIERSREGLEMENT VUM 13. JULI 2018 – RUE JEAN JAURÈS A RUE GRAND-DUC ADOLPHE

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFE): Wat d'Libérationstrooss ugeet, do hate mir d'lescht Kéier schonn e Verkeiersreglement gestëmmt, well Haiser op Héicht 115 an 117 ofgerappt ginn. D'Firma ass alldéngs net fäerdeg ginn, sou datt mir dat haut nach eng Kéier musse verlängeren. Ech hat lech d'lescht Kéier scho gesot, do gëtt u sech de Verkeier net beeinträchtigt, well dat, wann Dir d'Libérationstrooss kennt, uewen op deem klengen Hiwwel ass, also u sech net an der Haaptstrooss.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Sidd Dir domat averstanen ? **Och dat ass unanime.** Merci !

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFE): Da komme mir an d'Commercestrooss. Beim Haus Nummer 14, do sti gréisser Renovéierungsarbeiten un, wou verschidde Mauere mussen ofgerappt ginn a fir dat Material ebe kënnen ofzetransportéiere muss den Entrepreneur eng Benne, wéi si dat nennen, u sech e Container, dohi stellen op den Trottoir an op een Deel vun der Fuerspuer. Vu datt dat awer eng Staatsstrooss ass, hu si missen den Accord vu Ponts et Chaussées kréien. Deen hunn si elo. Well dat awer och fir eis eng Haaptachs ass, kritt den Entrepreneur just d'Erlabnis dee Container ausserhalb vun de Spëttestonnen dohinnerzestellen. Dat heescht am Kloertext, datt just tëscht 9 Auer moies a 16 Auer mëttens een Deel vun der Fuerspuer gespaart wäert sinn an de Rescht vum Chantier sinn da weiderhin, wéi Dir dat gewinnt sidd, déi zwou Spuere vun der Rue du Commerce fir de Verkeier op.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen ? Oder Remarquen ? Da stëmme mir of. Wien ass domat averstanen ? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFE): Da fueren ech weider an zwar sinn hei dräi Reglementer fir eis Evenementer kënnen uerdentlech z'organisieren an dat sinn eng Kéier d'Bierenger Kiermes, eng Kéier de grouse Maart vum nächste Joer an ee Mol eise Chrëschtmaart vun deem Joer. An do bleift u sech alles beim Alen esou wéi Dir et kennt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Sinn dozou Remarquen, Froen ? Dat ass och net de Fall. Da kënnen mir doriwwer ofstëmmen. Wien ass domat averstanen. **Och do Unanimitéit.** Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFE): Voilà, an da wéinst dem Chantier an der Jean Jaurès Strooss do wou ee bei der Plaz Am Duerf eraus kënnt, do hate mir jo virun enger Zäit am Gemengerot e proviso-reschen Zebrastreife gestëmmt. Deen ass awer elo sou gutt ukomm well et eng immens flott Verbindung ass tëscht der neier Plaz Am Duerf an hei der Gemenge-plaz, sou datt mir lech géinge proposéieren, deen dann och nom Chantier do ze loossen an den definitiv do ze amenagéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. Froen dozou ? Den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Et ass mir oft opgefall, wéi ech et scho gesot hunn, dat deen Zebrastreifen, dee mir nomaachen, datt deen net wierklech méi déif ass wéi all déi aner, dat heescht mam Rollstull a mat de Kutsche kënns Du net ganz gutt erop do. Adaptéiere mir deen doten dann, fir datt en accessibel ass fir jiddwereen ?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, deen dote muss jo sou wéi sou frësch gemaacht ginn, definitiv gemaacht ginn. Deen ass jo sou wéi sou nach an enger anerer Faarf, giel, a mir mussen dee jo souwéisou anescht maachen. En plus, si mir jo amgaangen, dat hate mir jo d'lescht Kéier, also wéi mir Budget haten am Dezember, mir sinn amgaang alleguerten eis Zebrastreifen z'adaptéieren. Dat heescht, all eis Zebrastreife sollen esou gemaach ginn, datt se accessibel si fir jiddereen, ech soen elo Mol, mat Blannelinnen, wéi Dir richteg sot, fir datt ee mat der Kutsch, mam Rollstull erokënnt. Alldéngs ass dat e Projet iwwer méi Joeren, well mir musse fir déi allermeeschte vun eisen Zebrastreifen déi mir frësch maachen, e Projet och nach eng Kéier an d'Stad eraginn an déi mussen deen da guttheeschen. Bei verschiddene geet dat méi séier, bei anere geet dat manner séier, well si nach eng Remarque hunn an da muss de Projet erëm frësch erageschéckt ginn. Dat wat ech elo maachen, ass, ech kucken direkt wa mir deen heite maachen ob mir hei op d'mannst kënnen den Trottoir e bësselchen erofmaachen. Alldéngs hat ech dat d'lescht Kéier scho weiderginn, Dir hat déi Remarque schonn eng Kéier bei engem aneren Zebrastreife gemaacht, an du krut ech awer vun eisen zwee Servicer gesot, datt dat genee deenen Normen entsprécht, déi si och vun ADAPTH hunn. Ech ginn et einfach nach eng Kéier mat, fir datt si op déi dote Plaz kucke ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi doten Erklärungen a wéi gesot, do komme jo dann nach Adaptatiounen no och



wann dat sech mëttelfristeg wäert areien. Nach aner Stellungnahmen, Remarquen ? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFE): Ech hu nach een, an zwar geet et hei ëm en Emplacement fir Handicapéierter. Dat hate mir virun engem gudde Joer hei diskutéiert. Ech hat jo och eng Lëscht eraginn, wou mir iwwerall op eisen ëffentleche Parkingen eng Handicapéierteplaz hunn a mir kucken och ëmmer ob net nach iergendwou e kleng Parking ass wou mir kënnen eng maachen. Hei hu mir esou eng Plaz fonnt an dofir proposéiere mir lech eben do nach eng bäizemaachen. Dat ass dee kleng Parking direkt virum chinesesche Restaurant op der Schmelz fir en elo net beim Numm ze nennen an do géife mir proposéieren eng dohin ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Sinn nach dozou Remarquen ? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren datt mir dann in globo iwwer déi zwou Stroossen ofstëmmen. Ass de Gemengerot domat averstanen ? **Dat ass unanime.** Dem Claudia Dall'Agnol an dem Gemengerot Merci fir datt mir deen dote Volet Circulation konnten duerchhuelen.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. APPROBATION VUM JÄERLECHE FORSTPLANG FIR D'GESCHÄFTSJOER 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir bei d'Finanzen an do ass den éischte Punkt de Forstplang, d'Virstellung an Diskussioun an duerno de Vote fir d'Joer 2020, ech begréissen dann och eise Fierschter, de Guy Netgen hei an eiser Enceinte fir déi néideg Erklärungen ze ginn an ech géif dann dem Ëmweltschäfte René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci. Traditionungsméiss ass am November de Forstplang um Ordre du Jour vum Gemengerot, et ass och sou dass mir dëst Joer wéi all Joer och virdrun, d'Ëmweltkommission mat dem Gemengerot invitéiert haten, eng Visite des lieux vun eise Bësch ze maachen, sou dass de Forstplang den hei elo sou reng schwaarz op wäiss virläit, dass mir den och kënne méi aktiv mathuelen. Et ass esou, dass mir dëst Joer op de Ginzebiere waren, wou de Fierschter eis op seng kompetent Aart a Weis am Sënn vum Wuert duerch de Bësch gefouert huet. Do si mir interessant Saache gewuer ginn, déi een net esou erëmfënnt wann een dat Dokument wat Dir virleien hutt kuckt, dofir well ech net ze laang schwätzen an ech ginn eise Fierschter d'Wuert fir eis a kuerzen Ausféierungen duerch dee Forstplang ze féieren. Merci.

GUY NETGEN (FIERSCHTER): Merci, datt ech de Forstplang 2020 hei dierf virstellen. Also, wat ee vir um Deckblad gesäit, do gesäit een d'Zesummestellung vun de Käschten an och wat et erabréngt. Et gesäit een, dass d'Ausgabe par rapport zu de Joere virdrun an d'Luucht gaange sinn, elo net ganz staark mä awer, dat ass ënnert anerem doduerch bedingt, dass mir d'nächst Joer eng vun eise Camionnettë mussen ersetzen. Et ass awer och bedingt doduerch, dass an deene leschte Joeren, dat huet och sâin Nidderschlag fonnt an de Festmeter, déi mir géifen haen, dass mir mat neie Problemer am Bësch konfrontéiert waren, ënnert anerem elo déi Dréchent säit zwee Joeren, wou d'Beem vill gelidden hunn, wou dann och lues a lues der amgaange sinn ofzestierwen. Dann hu mir och d'Eschestierwen, also vun enger Bamaart, déi hei zu Diddeleng relativ vill verbreet ass, mir hunn an den Eechebëscher elo scho fir d'zweet, dëst Joer méi schlëmm wéi d'lescht Joer, den Eecheprozessionsspänner, do sinn och Fraise virgesi fir deen dann d'nächst Joer och ze bekämpfe wann e géif optrieden. Wann et elo esou weidergeet, wéi et sech och undeit an et géif nach eemol e relativ waarmt Fréijer ginn, ass domat ze rechnen, dass en dëst Joer esouguer nach méi staark wéi dëst Joer optrëtt. Dofir sinn all déi Fraisen, fir déi Schädlingen ze bekämpfen och an d'Luucht gaangen, ebe bedéngt duerch d'Dréchent an och den Afall vun den Eschen hu mir den Aschlag e bëssen erofgesat, fir ze waarde wéi de Bësch sech elo no deenen zwee dréchene Joere wäert entwéckelen.

Wann elo 2020 nach eemol esou en dréchent Joer gëtt, da wier et relativ katastrophal fir de Bësch an dofir hu mir virgesinn, elo net vill ze haen. Mir haten dëst Joer souwisou e bësse méi gehaen, bedéngt duerch de Borkenkäferbefall an de Fichten, do hu mir misse verschidde Parzelle bal kahlschloen, wéi hannert dem Home vun de Peaux-Rouges, well do alleguerten d'Danne vum Borkenkäfer befall waren. Dofir ass dann 2020 den Hiibsz erofgesat ginn op 635 Festmeter. Ech mengen den Amenagementsplang vun 2015- 2024 hat virgesinn, dass mir all Joer missten 1300 Festmeter haen, mä wéi gesot, dat ass dëst Joer bëssen anescht. Ech mengen, mir loosse d'Dokument op der Säit an da schwätze mer net méi dovun. Wéi gesot, wat och an den Einnamen ni virkënnt, dat ass den Erhuelungswäert vum Bësch, deen och relativ schwéier ze chiffrieren ass. D'Schwäizer haten eemol esou eng Studie gemaach fir de Schwäizer Bësch an do waren se drop komm, dass den Erhuelungswäert bei 2 300 Schwäizer Frang pro Hektar pro Joer géif leien, dat heescht bei eisen 300 Hektar vun engem Gemeengebësch si mir natierlech dann op engem Chiffer, dee wäit driwwer läit wéi déi Ausgaben, déi fir 2020 virgesi sinn. Also, deen Erhuelungswäert fënnt een och net am Amenagementsplang, dee gëtt hei zu Lëtzebuerg och weider net berechent,



dat ass och relativ schwéier fir déi Wäerter ze fannen, d'Schwäizer haten dee gemaach, déi Däitsch hunn et pro Bundesland gemaach awer och net eenheetlech, mir haten och eemol ugefangen e Gesondheetswäert vum Bësch ze berechnen, deen ass awer elo och net chiffriert, also do kann een elo näischt soen.

Wéi gesot, Coupe sinn e bëssen am Wal virgesinn, well mir jo ugefangen hunn, dat ass dee Bësch déi Säit vun der Autobunn, dee laanscht der franséischer Säit, do si mir amgaangen e bëssen ze verjéngen an dofir hu mir do gréisser Coupe virgesinn awer näischt wat elo de Bësch géif dramatesch veränneren, et sinn eben e bëssen Hobichen, déi mir eraushuele fir jonk Eechen opzekerien oder och mat Planzung wou d'Verjéngung net esou gutt ukënnt, fir do punktuell mat klengflächege Planzungen, also ëmmer nëmmen ënnert 50 Ar, éischer 20 Ar, wou sou eng Planzung dann eng aner Bamaart, wéi Elsbeer mat erabrénge, oder Wanterlann, déi d'Dréchent gutt verdréit an och d'Elsbeer, déi un déi Klimaverännerung ugepasst wier, fir déi dann einfach an de Bësch eranzebrénge a fir de Bësch dann och ze rüsten, wann effektiv an nächster Zäit dat méi schnell a méi dramatesch virun sech geet, dass de Bësch da gerüst ass. Ronderëm de Ginzeberg, also de Bësch ënnert dem Fernsehturm, do probéiere mir da weider esou ze schaffen, wéi mir dat ugefangen hunn, dat heescht, dass de Bësch op der ganzer Fläch esou beaarbecht gëtt, dass all Alter an all Holzaart an all Stäerktenduerchmiesser vertrauden ass, wat héchstwahrscheinlech fir d'Zukunft fir de Bësch bei enger Klimaverännerung dat ideaalt Bild ass, dass wann och dann emol eng Holzaart oder een Alter e bësse schwächelt, dass een dann direkt ënnendrénnen Jonkes huet oder Mëttelales, dat dann den Ausfall oder déi Lächer kann opfëllen oder kompenséieren. Ech mengen, dat war am grouse Ganzen dat wat virgesinn ass am Forstplang. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Guy Netgen fir seng Ausféierungen, den Här Gangler huet d'Wuert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, alle Jahre wieder, nicht nur zur Weihnachtszeit, et war alt erëm eng ganz interessant a léierräich Forstbegehung, déi mir d'Chance hate fir mam Fierschter ze maache mat der Ëmweltkommissioun. Och wann d'Stëmmung e bësse bedréckt war duerch dat grousst Fichtestierwen duerch de Borkekäfer, de Buchsbaumzünsler aus China, e Pilz um Ahorn deen um Kommen ass, dat grousst Eschëstierwen, d'Ulmestierwen, de Bamkriibs an de Schlämfloss vun de Bichen an net zu lescht déi grouss Dréchent vun de leschte Joeren, déi elo eréischt ufänkt hiren Effekt ze weisen, dat alles konnt eis de Fierschter gutt erklären an och deelweis plazeweis weisen, op

deem Punkt, dass eng Damm aus der Ëmweltkommissioun ganz erschreckt gesot huet "Ass dann nach eppes gutt an eiem Bësch!?" An do konnt de Fierschter dann awer d'Madamm berouegen, et ass net alles roseg, et gëtt Problemer, mä et ass awer nach net alles verluer. Dofir suergt hien dann och mat senger Ekipp, zum Beispill gëtt e bësse méi virsiichteg gehaen, dat huet en eis elo erkläert: Esoulaang wéi den Effekt vun der Dréchent nach net ganz ofzeschätzen ass, soll manner gehae gi fir dass de Bësch sech erëm erkréie kann. Da versichen si awer och alternativ Bamzorten unzeplanzen, déi méi resistent si géint déi opgezielte Kränken: Lannen, Käschten, Douglasien, asw. Iwwerleeunge ginn och ugestallt fir eventuell Bamzorten unzeplanzen, déi an eise Géigenden hei net authentesch sinn an awer trotzdem eng Chance hätten, méi resistent géint d'Dréchent ze sinn.

Dann ass anscheinend och geplangt, mat Drone géint den Eecheprozessiounsspänner virzegoen, also gëtt Hightech agesat fir e leedege Problem, deen och an der Le'h fir Problemer suergt, well d'Leit net méi kënnen dohinner goen an deem Mooss wéi se wëllen. Zum Beispill de Kloterpark, deen do ass, deen huet missen dat Béischt op seng eege Käschten ewechmaache fir dass en awer konnt weider bestoen. De Forstplang spigelt all déi Ustrengungen hei erëm, engersäits sinn d'Investissementer méi héich wéi vum leschte Joer an anerersäits sinn d'Recetté méi niddereg well manner gehae gëtt. Mir konnten eis also iwwerzeegen dass de Fierschter e kloert Konzept fir d'Forstwirtschaft vun den Diddeleger Bëscher huet an dass seng Ustrengungen och bestëmmt wäerte lounen. Dofir stëmme mir de Forstplang 2020 natierlech mat. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG) : Merci, ech huelen dann och wéi déi lescht zwee Joer Stellung am Numm vun de Gréngen zum Forstplang. Ech géif zwee Wieder zu dem Pabeier, schwaarz op wäiss wéi den Här Manderscheid gesot huet, vum Forstplang soen an duerno vum Zoustand vun eise Bëscher schwätzen an der Aart a Weis wéi domadder ëmgoen. De Forstplang selwer ass net einfach ze verstoe fir e Laien an et ass och net nozevollzéien eleng mat den Oplëschtunge firwat déi ënnerschiddlech Agrëffer op dee-ne Plaze gemaach ginn. Ech bleiwen nach wéi vor der Meenung, dass dat mat Pläng méi einfach ze verstoe wier. Déi Agrëff kéinten dann och an de Kader vun der Laangzäitgestioun gesat ginn, déi mir am Oktober 2012 fir zéng Joer a Form vun engem Zéngjoresplang hei virgestallt kritt hunn.

Meng éischt Fro ass dann ob dësen Zéngjoresplang iwwerhaupt nach esou duerchgefouert gëtt, oder ob dat just eng Richtlinn war, déi souwisou ëmmer ugepasst



gëtt. Een Aspekt deit drop hin, dass dat wahrscheinlech geschitt, nämlech de Fait, dass d'Holzernte fir 2020 esou kleng agesat ginn ass. Schon dat lescht Joer ware vill manner Stämm als Ernte virgesinn ewéi dat Joer virdrun. Si si vu 480 Kubikmeter erofgaangen op 275 Kubikmeter, fir dëst Joer sinn elo nëmme 45 Kubikmeter Stämm ugefrot, bei deem Holz fir d'Trituratioun, dat heescht dat Holz, dat kleng gemaach gëtt fir et als Pabeier ze notzen oder Pellets, ass d'Ofännerung no ënne manner grouss, vun an déi 700 op knapp ënnert 600 Kubikmeter. Dat ass vill méi niddereg wéi dat wat am Forstplang geschloe ginn ass. Ech mengen ech hätt awer elo schon eng Erklärung dofir kritt well scho vill Beem musse geschloe ginn, well se krank sinn. Dozou och nach eng Fro, ass dat Holz dann iwwerhaupt ze verkafen? Den Holzverkauf bréngt souwisou ëmmer manner an, och bei deene méi gesunde Beem, wat sech och déi lescht Jore schon ofgezechent huet, dat hänkt natierlech och mat der Konkurrenz vum Importholz zesummen. Mir wëssen awer alleguer, dass de Bësch méi ass wéi en Holzliwwerant an dass d'Funktione vum Naturerliwwen an der Erhuelung am Bësch ëmmer méi eng grouss Roll spillen. Ass dat Deel vun engem Ëmdenken, dass déi natierlech a sozial Aspekter vun eise Bëschere elo méi zum Zuch kommen? Ech hat och gemengt, eppes vun engem Ëmdenken eraus ze spieren, bei der Wanderung iwwer de Ginzebiërg ënnert der Leedung vun eise Fierschter, den Här Netgen.

Mir hunn als Ëmweltkommissioun a Gemengeréit do vill Erklärungen kritt zu dësem Bësch an et kann ee sécherlech d'Erklärung och op déi aner Bëschere vun Diddeleng iwwerdroen, och wann et Ënnerscheeder bei de Standuerten an der Zesummesetzung gëtt. Fir d'alleréisch muss ee soen, dass den Här Netgen eis op eng beandrockend Aart a Weis un eenzele Beem gewisen huet wéi schlecht et deene Beem geet. Wann ee gemengt huet, et géif een en idyllesche Spazéiergang a spët Hierschtpuercht maachen, dann ass ee séier erëm op de Buedem vun der haarder Realitéit erokomm. Déi Spuren, déi déi ënnerschiedlech Schädlingen hannerlooss hunn, grad esou wéi d'Dréchent vun deenen zwee leschte Summere loosse keen Zweifel opkommen. Klimawandel wéisst sech och an de Bëschere an e weist sech net vill anescht wéi och bei eisen Noperen. Ech wëll mech net an eng Endzäitstëmmung erasteigere, fir déi mir als Gréng jo awer e bësse berüchtegt sinn, et geet dorëms nozefroe wat Moossnamen si fir op kuerz Siicht mat deenen ënnerschiedlechen Schädlingen eens ze ginn, déi geféierlech fir geschwächte Beem sinn. Do ginn et jo allerlee Pisten, et geet awer och ëm eng Laangzäitstrategie well an der Forstwirtschaft jo am Zäitraum vu Jorzéngte muss geschafft ginn an net just iwwer 1-2 Joer eraus.

Ech hu probéiert nozeliesen, wéi an eisen Nopeschlänner, Däitschland oder Frankräich, op Erausfuederungen reagiert gëtt, besonnesch eben an den Nopeschgéigenden. Et ass mir dobäi kloer ginn, dass an der Forstwirtschaft vill mat Erfahrungswäerter geschafft gëtt, déi wou méi oder manner gläichbleiwende Konditiounen gutt ugepasst waren. Wann awer grouss Verännerungen kommen, da sinn d'Erfahrungswäerter net méi esou ganz passend. En plus ka kee wëssen, wéi staark déi Verännerungen si wäerten a wéi upassungsfäeg och eise Bësch ass a wéi e reagiert. Et besteet awer bei de Forstexperten aus den Nopeschlänner e gewësse Konsens. Ech hat och gemengt eng ähnlech Approche aus den Aussoe vun eise Fierschter, dee jo och en Expert ass, erauszehéieren. D'Bëschere si wuel ugeschloen a mussen sech an engem schnellen Tempo den Ëmweltbedéngungen upassen, dobäi muss nogehollef ginn an et schéngen do awer e puer Emfeelungen ze ginn. Eng wichteg ass déi vun der Vielfalt vun der Zort vun de Beem, déi sollen déi Beem ersetzen déi duerch Krankheete verschwannen. Dat soll och bei eis esou ëmgesat ginn. Dobäi soll versicht ginn, de Virzug de Lafbeem ze ginn an och den eenheemeschen Aarten. Dozou eng Fro: Hu mir hei zu Lëtzebuerg eng Richtlinn vum Prozentsaz vun Nolebeem, déi dierfen an eise staateleche Bëschere ugeplazt ginn? Laut Zéngjoresplang soll et zu Diddeleng net méi ginn ewéi déi 7 Prozent vum Ausgangsjoer. Si mir elo nach bei deem Prozentsaz? Eng aner Fro ass ob et bestëmmten Zorte Beem ginn, déi an Zukunft méi gezielt solle geplazt ginn? Bei deenen Neiplanzungen, déi mir um Ginzebiërg gesinn hunn, waren oft Douglasien dobäi, also eng net-eenheemesch Nolebamzort, déi zimlech widderstandsfäeg ass, wou een awer op laang Siicht net weess op wat een sech do aléisst. Soll dann net éischter Probéiert ginn, souvill wéi méiglech Ahorn, Kiischtebeem, Lannen, Edelkäschten, Nësarten asw. zousätzlech zu deenen empfindlechen Bichen unzeplanzen an neizeplanzen? Naturschützer fannen och, dass een Deeler vu Bëschere roueg sech selwer soll iwwerloossen, a kucke wat dobäi erauskënnt. Dat kéint dann och eng Léisung sinn.

Erlaab mir eng lescht Fro: An deem Zesammenhang ass gesot ginn, dass een Deel vum Wal an den Daerebësch vun deem scho joerelang geschwat gëtt, dass déi 2 zu nationaler Réserve naturelle deklaréiert géife ginn. Wéi eng Inzidenz kritt dat dann? Ginn déi dann net méi bewirtschaft? Oder wat ännert sech? Ech wier frou wann Dir, Här Netgen, als Expert a Fierschter op meng Aussoe kéint agoen an zu de Froe Stellung huele kéint. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci Madame Goergen an da ginn ech d'Wuert weider un Äre lénken Noper, den Här Garcia.



ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert un de lénken Noper weider ze ginn, dat kann ee jo interpretéiere wéi ee wëllt. Keng Angscht, ech wäert weder Nostradamus spillen nach déi kompetent Aussoe vu menger rietser Nopesch kompletéieren, ech hu just eng ganz kuerz Fro un de Fierschter: Ech hunn elo kierzlech an engem Artikel gelies, dass et an enger hollännescher Gemeng, zu Groesbeek, wou et och den Eecheprozessiounsspänner gëtt, genau wéi zu lechternach an zu Diddeleng, dass se do géifen op Chimie verzichte fir déi ze bekämpfen an si hätten do Meesen agesat an zwar hunn se un d'Beem Këschte gehaangen an der Hoffnung dass d'Meesen déi Spanner géife friessen. Anscheinend huet dat gutt geklappt, et sinn awer anerer, déi soen, datt déi dat op laang Siicht net géifen iwwerliewen. Dofir wollt ech Froen ob esou eppes zu Diddeleng och kéint an d'A gefaasst ginn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Garcia, sinn nach weider Stellungnahmen? Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt kuerz am Numm vun eiser Fraktioun och dem Här Netgen Merci soe fir d'Opstellung an d'Presentatioun vum Forstplang. Ech mengen, d'Gestioun vun eise Bëscher wäert net méi einfach ginn an Zukunft, wa mir et weiderhi mat esou extrem dréchen a waarm Wiederkonditiounen ze di kréien. Ech wëll awer net weider op d'Artikele vun deem Forstplang agoen, mä ech wollt dem Guy Netgen awer Merci soe fir seng Bereetschaft fir op d'Bedierfnesser an Demandé vu Maison Relais a Schoul ze reagéieren, sief et duerch Féierungen, duerch Erklärungen zu verschidden Themen, Déieren am Bësch an esou weider, sief et awer och fir déi flott Infrastrukture fir Kanner a Familljen, an der Le'h zum Beispill. Merci och fir d'Uleeë vum Buerfousswee. Mir sinn nach net ganz doduerch. An der Le'h soll dat jo entstoan an dee soll am Mee 2020 fäerdeg ginn. Et war zu enger klenger Ennerbriechung bei den Aarbechte komm. Nodeems den Tornado gewütet hat, war d'Equipe vum Fierschter am Raum Bascharage-Péiteng fir do an de Bëscher ze hëllef raumen. Déi Zäit huet eis ebe gefeelt fir nach rechtzäiteg dëst Joer fäerdeg ze ginn. Jiddefalls vun eiser Säit aus Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi dote kloer Wierder. Da ginn ech d'Wuert un de Guy Netgen an de René Manderscheid fir déi verschidde Stellungnahmen.


RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech hunn näischt méi do ze ergänzen.

GUY NETGEN (FIERSCHTER): Also op d'Fro vum Här Gangler, also fir den EPS (Eecheprozessiounsspänner)

mat deenen Dronen dat ass eng Iddi, déi opkomm ass, well déi Firma déi och op der Musel mat Dronen an de Wéngerte sprëtzt, déi Iddi hei virgedroen huet. De Produit géint den EPS ass och vun der ASTA zougelooss fir a Lëtzebuerg, mä mir hunn nach keen Accord vum Ëmweltministère ob dat iwwerhaupt zoulässeg ass, ob de Produit dierf agesat ginn. De Gesondheitsministère an den Ëmweltministère sollen e Plan d'action géint den EPS liwweren, mir waarden nach drop, mir hoffen, dass en dëst Joer virum Abrëll-Mee kënnt, dass mir wësse wéi mir kënne reagéieren a fir ze wësse wéi dee Produit ass. Am Moment ass dat e Produit wéi all déi Produiten, dat ass net geziilt op eng Aart, dat ass och de Problem mat der Zouloossung well de Produit mécht keen Ënnerscheid tëschent enger Raup vum Eichenprozessionsspinner oder enger Raup vun engem anere Päiperlek. Dat muss ee kloer soen, e Produit deen nëmme geziilt op den EPS geet, dat gëtt et net.

Fir d'Fro vum Här Garcia ze beäntweren, mat de Meesen, dat ass richtig, d'Hollänner hu mat deene Studie gemaach, dass och Meese géifen déi Raupen huelen, si huelen se an da klappen se se hin an hir bis d'Hoer eroffléien an da kënnen si se iessen. Natierlech bréngt dat bei enger Masseverbreedung net vill well esouvill Meese kann een net usidelen, wéi vun Natur aus de Liewensraum hirgëtt, si hunn alleguerten esou eng Meesekoppel, déi hunn e Brutrevéier wou si sech ophalen an doriwwer eraus kann een net domat rechnen, dass wann een elo nach Näschter ophänkt, dass een da méi Meese kritt wéi der vun Natur aus an dee Liewensraum passen. Dofir ass net nëmme op déi biologesch Bekämpfung vun de Meesen eleng ze hoffen. An der Literatur fënnt een och, dass de Guckuck der géif huelen, well deen dat herno einfach erausspäit, mä och deen ass esou rar, dass déi eng Koppel Guckucken an der Le'h net esouvill bréngt. Also, wéi gesot, e Patentrezept géint deen EPS gëtt et net a mir waarden op den Aktiounsplang fir ze kucken, wat si dann do virschloen, mä wann een awer an der Fachliteratur kuckt, einfach esou d'Bekämpfung ass dat wat mir och hei gemaach hunn, dat heescht manuell d'Näschter asammelen, wat e bëssen zäitopwenneg ass, an uewe kënnt een net un all déi Näschter. Et ass also relativ schwéier fir se geziilt ze bekämpfen.

Dann, fir op d'Fro vum der Madame Goergen anze-
goen, de Forstplang, jo dat ass richtig, mir hunn der Direktioun e puer Mol gesot, dass mat Pläng an esou weider dat alles méi iwwersiichtlech wier, dass de Programm et misst fäerdeg bréinge wann een déi Parzelle wou ee wëll dra schaffen, dass déi dann och faarweg gemaach ginn, mä esouwäit si mir nach net. Ech mengen och net, dass ech dat nach mat erliewen. Wat de Plan d'aménagement vun deenen 10 Joer ugeet, dat ass en Abrégé, deen ass gemaach gi wéinst dem



Fleckgesetz, dat ass e Gesetz iwwer den Holzverkauf innerhalb vun der EG an alleguerten d'Proprietairen, déi Holz verkafen, iwwer 20 Hektar, déi brauchen en Aménagementspang fir hir Bëscher, soss kënnen se hiert Holz net méi op de Marché bréngen. Dofir ass a kuerzer Zäit fir all déi Propriétaires hei am Land den Aménagement abrégé gemaach ginn, wou am Fong weider guer net op aner wéi Wuelfahrtswierkunge vum Bësch oder sou agaangen ass, et ass also reng nëmme gemaach ginn, et sinn esouvill Hektar Bësch, wat do méiglech ass fir dran ze haen. De Problem ass awer, et ass net de Feeler vun de déi Bureau-d'étuden, mä déi fuere mat esou Lëschten, wat den Alter ass, wat den Zouwuess ass a wat dann do esou steet a wéivill kann erausgeholl ginn, an déi Lëschten halen ab engem gewëssen Alter op, dat heescht dat gëtt dann einfach prozentual héichgerechent, wat dann net ëmmer stëmmt. Do war och schonn dovunner riets fir dann effektiv esou Tabelle fir de Lëtzebuerger Bësch selwer opzestellen, fir ze kucken. De Problem ass eben och, dat si Virgaben déi si hunn, a si ginn un, wéi eng Fläch an deem Zäitraum muss verjénkt ginn. De Problem ass awer, dass si fir déi Opstellung nëmmen déi al Bëscher ophuelen an d'Verjéngung, déi ënnen drënner ass, déi Ongläichstufegkeet vum Bësch, dass déi net berücksichtegt gëtt. Dat heescht, de Bësch gëtt gekuckt, deen ale Bestand ass esou al, do steet esouvill, mä et gëtt awer net gekuckt an dem Aménagement, dass ënnendrënner scho Verjéngung ass, dass do Staangelholz ass oder eng Dicket vum 20 cm bis 1,5 Meter, dat gëtt net berücksichtegt. Dat heescht, u sech sinn déi Amémentspäng net aussagekräfteg an do misst dann och gekuckt ginn, dass an deenen eenzelne Parzellen, déi se do ëmmer ophuelen, dass do d'Verjéngung oder den Zwëschestand deen do ass, dass dee mat opgeholl gëtt, da géif d'Bild e bëssen anescht ausgesinn.

Also, den Holzmarkt, mir haten effektiv d'lescht Joer e klengt Lous, d'Stammholz huet ofgeholl, mir haten e Lous vun Eschenholz, dat ass an de Vietnam geliewert ginn: Dat ass de Problem effektiv, hei an Europa bestinn net méi all déi Seeëreien, dat meescht Holz gëtt hei kaaft an an d'Ausland geliewert (China, Vietnam oder Indien) an do gëtt et verschafft bis et dann deelweis hei op den europäesche Marché erëm zeréckkënnt. Déi eenzeg Seeëreien, déi hei an der Emgéigend sinn an déi och nach funktionéieren, dat sinn ebe Seeëreien, déi Nolenholz verschaffen, Fichten, déi sech elo och scho bekloe mam Ausfall vun de Fichten hei an der Regioun duerch de Borkenkäfer, dass déi och an der nächster Zäit wahrscheinlech Problemer kréie fir Holz aus der Regioun direkt ze huelen an ze verschneiden. De Problem eben, ass dass déi sech all op Nolenholz spezialiséiert hunn, déi hunn iwwerlieft well d'Nolenholz ass dat wat am Bau verwäert gëtt, fir Daachgespär

an esou, an et si Bestriewunge fir ze kucke fir dat mat Lafholz ze maachen, mä do ass alles nach an der Fannungsphas, oder fir ze kucke wéi een Holz een do kéint huele fir dat Gespär wat elo keen Nolenholz wier. Wéi gesot, do war dann och riets bei den Neiplanzungen, also Fichte gi sécher keng méi geplanz, mir hunn Douglasie geplanz, dat waren awer ëmmer nëmme ganz kleng Ecker, dat ware kleng Ecker vun 10 Ar maximal, méi grouss waren déi Flächen net an et ass och net ugeduecht fir d'Douglas elo hei am Gemengebësch a méi engem grouss Mooss unzeplanzen. Et ass ebe just fir e bëssen Nolenholz ze hunn, well mir dat Holz jo deelweis och selwer verschaffen, mir probéieren alles wat hei an de Bëscher gemaach gëtt, Bänken an déi Saache wéi um Bëschkierfecht, d'Spillplaz an der Le'h, dat probéiere mir alles mat Holz aus der Gemeng ze verschaffen, dat sinn alles Holzarten aus der Gemeng, déi mir op der Plaz verschaffen, wat een sech jo dann och kann urenne loosse beim Klimapakt. Do kritt een dat guttgeschriwwen, do kann ee bis zu engem halwe Prozent oder esou sech guttschreiwe loosse wann een d'holz selwer verschafft an der Gemeng.

Also d'Laangzäitstrategie ass schwéier ze soe well een net weess wéi séier oder wéi staark déi Klimaverännerung kënnt, effektiv fënnt ee bei den Nopeschlänner, wann ee kuckt wat si probéieren, si probéiere mat neien Holzarten, esouguer auslänneschen Holzarten. Dat eenzeg wat mir awer bis elo nei erabruecht hunn ass d'lesskäscht, dat ass jo kee friemlännesche Bam, et ass e Bam, deen et säit der Réimerzäit hei an eise Géigende gëtt, fir deen dann op Plazen, wou se hi passt ze planze well se effektiv déi Drécheperioden an och déi méi waarm Temperature verdréint. Un sech ass d'Strategie esou geduecht, dass de Bësch einfach duerch Ongläichméissegkeet am Alter, d'Décktenduerchmiesser, ebe probéiert fit ze maache fir déi Klimaverännerung a wat ubelaangt fir Dealer leienzeloossen, fir net dran ze schaffen, dat hu mir scho gemaach, am Wal hu mir esou eng Alholzinsel, am Daerebësch hu mir eng vun iwwer 6 Hektar wou net méi dra geschafft gëtt, déi och esou gezechent ass. Mir hunn där Alholzinselen ronderëm de Ginzebiereg, am Bloklapp an esou weider. Si sinn nach net um Geoportail mat drop, mir hunn se awer schonn opgeholl mam GPS. Dat kënnt dann och nach, dass een déi ausgewisen Alholzinselen och um Geoportail erëmfënnt. Wat dat Naturschutzgebitt am Wal-Daerebësch ubelaangt, do soll effektiv en neit Naturschutzgebitt gemaach ginn, also den Daerebësch vun der Eisebunn, eriwier bis bei d'Autobunn an dann déi aner Säit dee ganze Wal mat der Bauschuttdeponie an dann och nach Bëschelcher zu Reiser géife mat an dat Naturschutzgebitt kommen. Do waren och elo déi éischt Versammlungen, de Bureau d'études soll elo an nächster Zäit dat méi genau ausschaffen.



Mir müssen elo awer nach kucken, do hate mir nach keng Donnéeën, do hu mir déi nächst Entrevue bei Ponts et Chaussées fir ze kucke wéi dat elo ausgesäit mam Ausbau vun der Autobunn, plus déi nei Brëttellen, déi virgesi sinn, ënnen a kuerz hannert der Grenz, do sollen déi Brëtellen neigemaach ginn an do muss gekuckt ginn, wou déi sollen hikommen, ob se de Wal iwwerhaapt touchéieren, an eréischt doropshi kënnen mir déi genau Delimitatioun vun deem Naturschutzgebitt maachen. Wat awer ass, de Wal an den Daerebësch sinn elo scho geschützt duerch d'national Gesetzgebung an et sinn eben och Natura2000 Gebieter, wou awer och kloer Richtlinne sinn, wat een dierf maachen a wat een net dierf maachen. Wat elo herno wéi ausgesäit a wat an dem Gebiet dierf gemaach ginn, dat géif dann herno réischt kommen am Règlement grand-ducal, villäicht Aschränkunge vun der Juegd, oder sou. Dat muss een da gesinn. Deen Dossier wäert awer eréischt an 2 Joer sou wäit sinn, dass e ka gestëmmt ginn. Ech mengen, dat war alles, fir den Här Zuang nach, de Buerfousspad ass esouwäit ofgeschloss, mir sinn elo mat de leschten Etappen amgaangen, dass mir dat da kënnen effektiv am Abrëll an der Le'h opriichten an da misst alles fir den 1. Mee do stoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Domat soen ech dem Guy Netgen Merci a mir stëmmen elo of fir dass dat alles kann ëmgasat gi vun eisem Fierschter mat senger Ekip. Ass de Gemengerot mam Forstplang fir 2020 averstanen? **Dat ass unanime.** Merci dofir. Och Merci dem Guy Netgen. Mir géifen da weidermaache mat enger Rei Akten, déi mir virleien hunn.

3.2. APPROBATION VUN ENDEM ACTE DE CESSION MAT DER GESELLSCHAFT CONSTRUCTIONS LUXEMBOURGEOISES K-HOME (C.L.K.)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Deen éischten Akt ass en Acte de cession mat der d'Sàrl Constructions Luxembourgeoise K-Home C.L.K. vu Mäerzeg, déi vertrueden ass duerch den Här Jamie Ferris an déi an der Zouffterstrooss 3 Zentiar cedéiert. Si hunn dat kritt duerch en Acte de vente vum 29. Abrëll 2017 an déi Cessioun gëtt gemaach am Kader vun der Integratioun an d'Voirie publique. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech Merci.

3.3. APPROBATION VUN ENDEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER MADAME SYLVIE BIEVER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir gi weider op deem nächsten Acte de cession gratuite,

dat ass tëschent der Madame Sylvie Biver an der Gemeng, hei befanne mir eis an der Bierenger Strooss, do ass och e Stéck Voirie, dat sinn 0,14 Ar an dat war 2017, hei ass och d'Utilité publique, dass dat Stéck an d'Voirie publique erageholl gëtt. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

3.4. APPROBATION VUN ENDEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER MADAME JILL ROSALIE MARGUERITE AUDRIT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider un déi nächst Cessioun, déi ass och gratuite, tëschent der Madame Audrit an der Gemeng Diddeleng, do gi mir an d'Rue des Fleurs, do ass och en Deel Voirie, dat sinn 0,33 Ar déi hei der Gemeng cedéiert ginn, och do gëtt eng Integratioun an d'Voirie publique gemaach. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

3.5. APPROBATION VUN ENDEM ACTE DE VENTE MAT DER MADAME EMILIE ALBERTHE BOUCHENAKI-BERCHEM

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op en Acte de vente iwwer, wou mir als Gemeng en Terrain kafen an hei an deem Kontext eist Virkafsrecht spille loosse. Dat heiten ass en Terrain, dee gehéiert der Madame Emilie Alberthe Bouchenaki-Berchem wou mir hei am Kader vun der Vente vun deem Terrain ugemellt hunn, dass mir eist Virkafsrecht wëlle spille loosse, wéi den Notaire eis informéiert huet, dat war den 22. Mee 2019. Dat ass en Terrain, dee befënnt sech an der Rue Docteur Albert Schweitzer, dat si 64 Ar a 85 Zentiar, déi mir hei kafen, mir müssen et duerch eist Virkafsrecht zu deem Präis kafe wou d'Vente och um normale Marchéspäis stattfannen, ouni awer elo hei d'Präisspiral als éffentlechen Acteur weider an d'Luucht ze driwen. Op alle Fall bezuele mir hei 200 000 Euro a mir maachen déi Acquisitioun am Kader vun der Utilité publique well deem Terrain ka kaaft gi fir - an dat war jo och net méi spéit wéi gëschter eng Diskussioun - fir Logement a Logement à coût modéré, dofir maache mir déi doten Acquisitioun. Dat heiten, muss ee soen, ass en Terrain, deem zum Deel an enger Zone différée d'habitation ass, wou och e PAP muss drop gemaach ginn, wann et entwéckelt gëtt, wann een och kuckt an der Logik vun deem neie PAG dee mir eis wäerte ginn, gëtt dat e PAP Nouveau Quartier, dat fléisst an déi dote Logik an, respektiv ass awer och en Deel vum Terrain an enger Zone agricole.

Dat ass d'Situatioun wéi se de Moment ass. Mir loosse hei eist Virkafsrecht spillen, sou wéi d'Gesetz et och virgesäit, fir do d'Réserve foncière ze erweideren,



dat ass eng Bestriewung wou mir an eiser Schäfte-rotserklärung dran haten. Dat gëtt jo och generell hei begréisst, eis Reserve foncière auszubauen an dat maache mir och hei mat engem Präis vun net méi wéi 3000 Euro/Ar, also mengen ech, datt mir hei an enger ganz korrekter Präislag leie fir deen Terrain, dass een deen och kann deementspreechend entwéckelen. Voilà, dat ass déi néideg Erklärung zu deem Kafakt an ech ginn d'Wuert der Madame Andrich.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci, ech hätt just eng Detailfro, Dir hutt jo elo just mat Recht gesot, dat ass en Deel an enger Zone différenciée d'habitation agestuft, awer och en Deel an der Zone agricole. Wat fir en Impakt huet dat op de Präis, deen d'Gemeng do bezilt an deem Fall? Well mir jo elo nach beim ale PAP sinn an deen neien ass an der Maach.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, mir wollten lech als Gréng begléckwünsche fir dee Kaf. Fir d'éischt eng Fro: Wéi gëtt een dann als Gemeng gewuer, dass esou en Terrain zum Verkauf steet? An da wollt ech soen, dass deen Terrain eng gutt Méiglechkeet ass fir abordabel Wunnengen ze schafen an ech wollt just eng Bemierkung maachen zu der zukünftiger Verwennung. An de Pabeiere stoung eppes vu sozialem Wunnensbau, dat heescht fir déi schwächste Mënschen aus eiser Gesellschaft, déi sinn am meeschte betraff vun eiser Wunnensnout, mä net méi spéit wéi virgëschter hu mir vun eise Minister héieren, dass d'Wunnensnout längst an der Mëtt vun eiser Gesellschaft ukomm ass, an allen Hënsichten, Mëtt, sozial Mëtt, awer och vun der Altersstruktur hir, dofir hunn ech gemengt et soll een net ëmmer vu soziale Wunnengen, mä villäicht méi vun abordable Wunnengen schwätzen an et ass iwwerhaupt e bësse schwiereg mat där Terminologie. A gläichzäiteg eben och fir de Präis vun de Wunnengen méi kleng ze halen, och fir ze kucken wéi ee baut, Plaz spuerend a besonnesch op där doter Plaz wou vill Terrain, vill Gréngs ass, géif sech dat gutt eegenen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Dir laaft bei eis oppen Dieren an, wann Dir Terraine kaaft fir doraus bezuelbare Wunnraum ze schafen. D'Fro ass natierlech och, wann een elo schonn doriwwer ka schwätzen, ob mir selwer bauen, ob mir mat den ëffentlechen Bauträger, Fonds de Logement oder SNHBN bauen. Wichteg ass och, dass een am Sënn vu bezuelbarem Wunnraum och driwwer schwätzt ob een an déi Richtung geet fir déi Terrainen herno mat engem Bail emphytéotique zur Verfügung ze stelle, fir dann no 50-60 Joer ze verkaufen, oder ass et esou geduecht, dass mir als Gemeng bauen a mir verlounen et? Dat ass jo eppes wou de Logementsministère sot, dass ee méi muss an déi Richtung goen, dass een och méi Wunnraum schafft, deen och an

ëffentlecher Hand bleift, dass ee soll méi verloune wéi verkaufen. Dat ass just eng Fro ob do eppes ugeduecht ass?

Mir begrëssen dat hei explizit well mir och an eise Walprogramm stoen haten, Kaf vu Bauland fir d'Schafe vu Wunnraum och fir jonk Familljen, dat ass och dat wat d'Madame Goergen sot, dass net nëmmen de soziale Wunnensbau muss gefërdert ginn, mä och de bezuelbare Wunnraum muss gefërdert ginn. Ech profitéieren och dervun, well mir grad am Quartier Biereng sinn, fir emol nozefroen, wéi et mam Projet "Baulücken" ass? Mir haten e Projet gestëmmt, do sollt eng Baulück erschloss ginn, do wollt ech mol nofroen, wou si mir do elo drun, well et gesäit net esou aus wéi wann et do géif virgoen. Villäicht kënnt Dir eis do Detailler ginn, well dat war jo dee groussen nationale Baulückeprojet, mat ministeriellen Eieren, ass dat promovéiert ginn, do ass bis elo nach näischt geschitt. Just eng Zousatzfro dozou. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, wéi gesot, mir als Fraktion begrëssen, dass Dir den Droit de préemption hei spille gelooss hutt. Dat ass immens wichteg, dass mir Terraine kréien, hei kréie mir ee mat enger anschaulicher Gréisst, bal 65 Ar, domadder kann een e schéint Lotissement maachen. Dëst soll awer am Sënn vum soziale Wunnensbau gemeet ginn. Jidderee kennt de Problem vum Wunnensbau hei zu Lëtzebuerg. Et ass en Thema dat ... all Dag am Gespréich ass. Engersäits gëtt et ... eng riseg Demande fir Wunnengen an op där anerer Säit Terrainen a Logementer, déi vun Dag zu Dag méi deier ginn. De Staat an d'Gemeng mussen also abordable Wunnensraum schafen, fir dass an Zukunft jonk Leit kënnen zu engem Logement kommen, respektiv an der Vente oder an der Locatioun. Deemno ass dat heizen eng gutt Initiativ, A) fir eis Réserve foncière opzestocken, B) fir eise Opdrag, abordable Wunnensraum ze schafen, nozekommen. Mir hoffen, dass mir an nächster Zukunft nach Geleeënheete kréie fir esou Terrainen ze kafen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Här Zuang fir seng Stellungnahmen. Da géif ech op déi verschidde Punkten agoen, soen awer och schonn hei deene verschiddene Parteien, déi och zu deem Kafakt Stellung geholl hunn, Merci fir hir Zoustëmmung. Dat weist, dass mir hei an déi selwecht Richtung ginn. Ech géif mat der éischter Fro ufänken, mat der Madame Andrich, dat hei huet jo keen Impakt op de Präis, mir kafe jo elo haut deen Terrain, iwwer deen Akt kafe mir den Terrain an der aktueller Situatioun vum PAG. Dat wat ech skizzéiert hunn, dat ass d'Zukunftsmusek wou et kann higoen, wann ech soen, dass dat e PAP Nouveau Quartier gëtt, da leenen ech mech un d'Bestëmmunge



vum Gesetz am Kader vum PAG un, wou mir am Februar an d'Prozedur schécken, mir kafen elo haut hei zu 3085 Euro pro Ar an droen dozou net zu der Präisspiral bäi an dat doten ass och en Terrain, deen an der Hand vun der Gemeng bleift a mir wäerte sécher net als Gemeng deen doten Terrain weiderverkafen. Dat heescht, mir wäerten dru steieren, iwwer de PAP wou mir effektiv mat deem Terrain oder déi Haiser déi kënnen do drop gebaut ginn, ganz kloer definéieren. Mir hunn op alle Fall hei d'Responsabilitéit, dass mir déi Präisspiral net wëlle weider no uewen dréinen. Wann dat de Fall gewiescht wier, hätte mir de Kafakt net virleien, da géife mir net den Droit de préemption spille loossen. Dat vum Prinzip hir.

Dann op d'Fro vun der Madame Goergen, wéi ass d'gängeg Praxis? Ma déi ass esou, d'Virkaufsrecht gëllt nëmme bei Terrainen, net bei Haiser déi verkaf ginn. Wann een a Frankräich kuckt, do sinn et och deelweis Haiser, mä hei sinn et just Terrainen iwwer d'Gesetz vum Pacte Logement, do wou och den Droit de préemption agesat gëtt an normalerweis ass et esou, dass wann en Terrain am Bauperimeter verkaf gëtt oder just ausserhalb vum Bauperimeter, dann ass den Notaire verpflichtet der Gemeng dat mat ze deelen. A wann den Notaire dat mécht, deelt en och de Präis mat, fir deen de Propriétaire an de Vendeur vum Terrain e wëlle verkafen. Da muss d'Gemeng kucken, ob se dat notifiéiert kritt an ob se wëll d'Virkaufsrecht spille loossen oder net. Ech muss awer och soen, dass mir eng Rei kéieren d'Virkaufsrecht net spille gelooss hunn aus deem Grond, well et extrem héich Marchéspräisser waren a wa mir als Gemeng d'Virkaufsrecht spille loossen zu engem Marchéspräis oder nach méi héich, da komme mir hei als öffentlichen Acteur net méi eraus well da sëtze mir och eng gewësse Präisspiral fest an dofir hu mir eng Rei an der Vergaangenheet ofgelehnt oder effektiv gräifen zou, wann d'Geleeënheete sech bidden a wann et en accessible Präis ass, sou wéi dat och haut bei deem Akt ass.

Et ass esou ewéi sech dat ganz ofspillt an da gëtt den Akt opgeschriwwen a kënnt an de Gemengerot. Dat ass also e bëssen d'Prozedur, den Notaire ass verpflichtet dat der Gemeng matzedeelen an d'Gemeng muss dann eng Réckmeldung ginn. Dann, par rapport zu ärer Diskussioun, jo natierlech et ginn de Moment Remarquen, et gëtt keng richteg Definitioun wat "Logement abordable, social" etc. ass. Dat muss effektiv méi kloer definéiert ginn. och am Kader vun engem Pacte Logement 2.0 sou wéi och déi ganz Diskussioun ronderëm d'Beneficiairen, dass och déi Kritäre gekuckt ginn. Ech mengen, dass do deen neie Pacte Logement d'Ouverture gëtt fir dat méi kloer ze definéieren mat deene Gegebenheeten, déi ronderëm dat neit Gesetz, notament d'Loi grande-ducale ëm 1979. Ech mengen also, dass do Diskussiounen wäerte stattfannen an natierlech wäerten déi doten

Iwwerleeunge sécherlech och an déi zukünfteg Affektatioun vun deem doten Terrain afléissen. Dir wësst jo, dass wa mir deen doten Terrain kafen an no vir kucken an deen doten Terrain wëllen entwéckelen, dass mir natierlech do och Partner wäerte si vum Logementsministère fir dat doten ze entwéckelen, fir abordabele Wunnraum ze schafen a wou mir dann och kucken, dass déi néideg Beneficiairë kënnen dohinner kommen ouni déi sozial méi schwach Leit auszegrenzen. Dat ass do wou mir den Accent musse setzen, well et hei d'Volontéit déi ass, eng sozial Mixitéit ze kréien an déi ass och ëmmer am Virdergrond an eise Quartieren zu Diddeleng. Dat par rapport zu de Remarquë vun der Madame Goergen.

Par rapport zu de Remarquë vun der Madame Kayser, ech hat scho virgegraff, mir wäerte Propriétaire vun deem Terrain bleiwen, natierlech hu mir d'Diskussioun nach net gefouert, entwéckele mir selwer de Wunnensbau oder schaffe mir mat engem Promoteur public zesummen? Dat ass eng zweet Etapp, déi mir wäerten huelen, elo hu mir einfach emol hei déi Situatioun genotzt fir dat Virkaufsrecht spille ze loossen a wa mir deen heite Kafakt guttgeheescht kréie vum Gemengerot, da kënne mir déi nächst Etappen huele fir ze kucken, wéi een dat weider kann entwéckelen. Op alle Fall wäerte mir net weider verkafen un iergendeen anere fir dass deen do e Wunnensbau ka maachen. Also, et kënnt net an d'Tut, op gutt lëtzebuergesch gesot, dass mir dat un e private Promoteur verkafen, deen dann e Wunnensprojet do mécht. Mir wäerte ganz kloer dat heite wëlle steieren. Dann, par rapport zu Ärer Demande par rapport zu der Baulücke am Quartier Biereng. Dee Projet gouf ni gestëmmt, well et ass eng staatlech Baulück an do hat de Staat e Concours lancéiert wou en Architektbüro zeréckbehale gouf. De Staat ass Propriétaire, respektiv de Fonds de Logement ass Entwéckler vun deem Projet. Wat ech hei ka soen ass, dass am Fong d'Pläng prett sinn, ech weess dass hei Diskussiounen stattfonnt hunn zwëschen dem Fonds de Logement an dem Architektbüro, mir hunn awer de Moment e Projet hei virleien, dee kéint genehmegt ginn. Dat zu den Erklärungen vun deem Projet, wou en de Moment drun ass an déi Ausféierungen, déi den Här Zuang gemaach huet, deene kann ech och nëmme zoustëmmen.

Ech hu probéiert iwwer dësen Akt eraus op Froen anzegeen, an da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwer ginn. Ass de Gemengerot domat averstanen, dass mir hei d'Virkaufsrecht spille loossen? **Dat ass unanime**, villmools Merci.



3.6. APPROBATION VUN ENGEM PACTVERTRAG MAT DEM HÄR FRANCISCO RODRIGUES DA SILVA AN DER MADAME SOLEDADE MARIA PACHECO MARTINS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir op deen zweete Punkt iwwergoen, dat ass am direkte Lien mat deem Terrain, dee mir kafen, déi viregt Propriétaires haten e Contrat de fermage mam Här Rodrigues Da Silva an der Madame Pacheco Martins, mir hunn eis verpflichtet, vu dass mir deen Terrain net direkt entwéckelen, dee Contrat de fermage weiderzeféieren, dat heescht, dat ass elo e Contrat de fermage tëschent der Gemeng Diddeleng an dem Här Rodrigues Da Silva an der Madame Pacheco Martins. Dat ass e Kontrakt, dee mir fir dräi Joer schléissen, deen den 1. Dezember 2019 uleeft bis den 30. November 2020. Duerno kann dann eng Reconduction tacite gemaach gi vun engem Joer an effektiv gi mir eis d'Virrecht fir deen dote Contrat de fermage ze maache mat eng Preavis vun 3 Méint, souwuel de Locataires ewéi och eis, wann een e Projet huet fir deen dann och kënnen ze agéieren. De Fermage gétt op 25 Euro pro Joer fixéiert an effektiv de Preneur, den Här Da Silva an d'Madame Pacheco, engagéieren sech, dass se keng Konstruktioun drop bauen. Dat zu den Ausféierunge vun dësem Contrat de fermage, dat heescht mir féieren dat weider wat déi viregt Propriétaire vis-à-vis vun der Koppel Da Silva a Pacheco hat. Ass de Gemengerot mat deem Kontrakt averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech och do dem Gemengerot Merci.

3.7. ÄNNERUNG VUM KAPITEL XVII – LAVE- VAISSELLE (SPULLWEENCHEN)– VUM ALLGE- MENGEN TAXËREGLEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da fueren ech weider a mir ginn iwwer bei eise Spullweenchen, en neie Règlement de taxe an do ginn ech hei eisem Ëmweltschäffe René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Dir hutt hei eng Ännerung am Taxëreglement virleien, wou d'Gemeng op d'Sue verzicht Dir wësst an der Vergaangenheet war et esou oder et ass esou, dass wann een de Spullweenche wollt lounen, huet een 80 Euro den Dag bezuelt, plus an och wann een da wollt d'Material léinen, dat waren 40 Euro den Dag, respektiv mat 10 Euro pro Dag supplémentaire. Firwat maache mir dat? Dat ass e Virgrëff op de Punkt 7, mä et ass esou, dass mir als Schäfferot der Meenung waren en Akzent hei ze setzen, dat heescht an Zukunft wann d'Veräiner an d'Clibb sou eppes lounen, da gesitt Dir am Punkt 2 vun den neie Kontrakter, do steet "La location de la Voiture lave-vaisselle est gratuite", dat

heescht Veräiner an Associatioune kréien an Zukunft de Spullweenchen tel quel gratis zur Verfügung gestallt. Dofir géif ech lech bieden, dass Dir mat eis op dee Wee gitt. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, et ass eng ganz lueflech Affär dat dote, zemoos a Vue op de Punkt 7. Eng Fro ass just well do elo steet den Transport muss de Beneficaire selwer organiséieren. Wann ech richtig leien, war et fréier esou dass d'Gemengeservicer de Weenchen op d'Plaz bruecht hunn, ugeschloss hunn an en owes erëm siche komm sinn. Fält dann elo ewech? Gëtt dat dann e Problem fir Veräiner, déi d'Logistik net hu fir dat ze maachen oder ass et esou, dass wann d'Veräiner d'Gemengeservicer froe fir hinnen de Weenchen ze bréngen an unzeschléissen, dass se da musse bezuelen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Och wann dat am Règlement steet, bleift et och an Zukunft esou dass d'Gemeng wäert de Veräiner de Spullweenche bréngen an si kommen en owes sichen. Do ännert sech guer näischt drun, wéi an der Vergaangenheet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, da géife mir iwwert dat Taxëreglement ofstëmme, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

3.8. APPROBATION VUM REGLEMENT IWWER D'AFÉIERUNG VU BÄIHËLLEFE FIR DE KAF VUN ENGEM NEIEN NORMALE VËLO ODER ENGEM NEIE PEDELEC25

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da fuere mir weider, mir hunn hei e Règlement wat mir wëllen aféiere fir Subventionnementer fir Vëloen, respektiv Pedelecen, an och do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Dir wësst dass d'Regierung de Règlement grand-ducal 1979 an d'Liewe geruff huet wou se wëlles hu fir d'Mobilité douce, d'CO2-Reduktioun e bëssen ze féerden an Dir wësst, dass mir als STEP-Gemengen (Diddeleng, Beetebuerg, Réiser, Käl, Téiteng) eis regelméisseg treffe fir kënnen zesummen ze schaffen, an Dir wësst dass mir an der Vergaangenheet all déi Subventionen déi den Ëmweltministere ginn huet, hu mir als STEP-Gemengen zesummen harmoniséiert an deem mir all eis Gemengen dee selwechte Montant ginn, wann de Bierger



e Subsid beim Ministère ufreet. Dat heite spillt voll an déi Geschicht eran, et ass sou dass wa mir wëlles hunn e Vëlo nei ze kafen, dass mir eis dann do och dru bedeelegen. Dat heescht, deejéinegen dee beim Ministère e Subsid kritt fir de Vëlo ze kafen, do leeë mir 50% vum Subsid bäi, respektiv de Maximum ass 150 Euro op de Vëlo an eppes Klenges wann een en Helm dobäi keeft, sou dass déi 5 Gemengen eis eens waren, dat an d'Gemengeréit mat eranzebréngen. Et muss een awer soen, d'Gemeng Beetebuerg hat schonne Reglement a mir hunn eis mat hinne kuerzgeschloss fir déi Reglementer mat op de Wee ze setzen an ech wier frou wann de Gemengerot dat géif esou gesinn ewéi mir. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech wollt just froen, mat deem groussen Opkomme wat mir do hu mat deenen elektresche Vëloen: Dat ass eng gutt Saach, mä ass vläit am Konzept vun eisem Schäfferot och virgesinn, dass mir méi Statiounen an Diddeleng opriichte fir esou Vëloe kënnen ze lueden oder bleiwe mir bei deem Bestand, dee mir bis elo hunn?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, et wäert lech net verwonneren, dass mir dës Initiativ ënnerstëtzen. All Subventioun fir d'Mobilité douce ze fërderen ass gutt ugeluecht. De Virdeel, wa mir eis un esou staatlech Subventiounen drunhänken ass, dass mir och keen oder wéineg administrativen Opwand hunn. Bei aller Sympathie fir dës Initiativ muss ech soen, dass dat ganz e klengen Hoken huet. Vill Leit hunn nach e Vëlo am Keller stoen, müssen sech also keen neie kafen. E Kaf vun engem Elektrovëlo ass natierlech interessant fir méi wäit Strecken ze fueren, mä mir waarden nach drop, dass mir un dat nationaalt Vëlosnetz ugestréckt ginn an an Diddeleng selwer huet sech och net vill geännert a Richtung Vëloleitsystem. Ech muss awer soen, et si scho kleng Vëloen op verschiddene Plazen, ech gesinn dat als e gudden Ufank an ech hoffen dass do dann och eppes nokënnt, fir dass een déi Vëloe gebührend notze kann. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hat dës Woch an der Zeitung gelies, dass se zu Berlin ufänken, Parkplazen ze maache fir d'Elektrobikes well den Elektrovëlo kënnt och de Cargovëlo dobäi fir mat de Kanner ze fueren. Dee Wee kéinte mir och iergendwann eemol aschloen, dass mir Plaze virgesi fir méi grouss Vëloen hinstellen. Zu Berlin hunn se verschidde Parkplazen ewechgeholl, op kee Fall mä ech wollt just déi Iddi mat an de Raum ginn, dass wa mir méi där Vëloen herno hunn, musse mir se och iergendwou histelle kënnen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Ureegungen. Den Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci, mir feelt do eng gewësse sozial Nott, mir schwätze vun neie Vëloen, déi Leit déi sech elo en neie Vëlo kafen, ee vun 2000 oder 5000 Euro, déi sinn net ugewisen op 300 Euro vum Staat oder 150 Euro vun der Gemeng. Déi Leit, déi net vill Suen hunn, déi kafen sech keen neie Vëlo vun 1000 Euro, déi kafen sech en Occasiounsveëlo, déi schlësse mir hei aus. Dat selwecht, et gëtt geschwat et misst een 18 Joer hunn, wann een awer bedenkt, dass ee mat 16 Joer ka schaffe goen, do huet ee keen Auto, och déi misst een do berücksichtegen. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech menge gelies ze hunn, dass dat och zoutreëft fir Occasiounsveëloen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech denke just an der allgemenger Diskussioun et muss een och elo dat heiten net a Stee gemeesselt gesinn, well wat och elo ëmmer méi opkënnt sinn déi Trottinnetten, déi Elektrotrottinnetten déi stinn net dran, dat heiten ass just fir e Vëlo wou s de drop sëtzt. Jo, et ass och dat wat den Här Jadin sot, och déi Jonk investéieren emol an e Skateboard oder sou, et muss een elo am A behalen, wéi d'Entwécklung allgemeng ass vun den Notzungen, an et ass just fir dat am Hannerkapp ze behalen, dass een dat muss nobesseren. Mir war och effektiv deeselwechte Problem opgefall, mir wëlle jo och déi Jonk initiéiere fir méi ëmweltfrëndlech Mobilitéit ze notzen, hei sinn d'Kanner ausgeschloss. Geet dat esou, dass wann d'Elteren e Vëlo fir hir Kanner kafen, gëtt deen dann och subventionéiert, et steet net genau dran, hei steet, dass een eng Demande ka maachen all 5 Joer. Wann s de elo awer eng Famill bass mat 3 Kanner, wéi gesäit dat dann aus? De Papp seet, ech kafen ee fir deen Eelsten an dann deen zweeten? Dat ass och dat wat den Här Jadin sot mat sozialer Ongläichheet. Dass een do muss nohaken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci ech ginn d'Wuert weider un de René Mander-scheid, respektiv un d'Claudia Dall'Agnol, ech well lech awer soen, dass dat doten e Reglement ass, dat um Esprit an um Prinzip vum Règlement grand-ducal ulehnt, wa mir hei verschidden Initiativen ophuelen, déi och deelweis berechtigt sinn, da bewege mir eis ausserhalb vum Règlement grand-ducal. Dat ass richtig, et ass net a Stee gemeesselt an e Reglement kann een ëmmer adaptéieren, mä prinzipiell war d'Linn hei, eis ze alignéiere par rapport zum Règlement grand-ducal well mir dann engersäits och niewent dem administrativen Opwand eng gewësse Facilitéit hunn an dat schreift sech an déi generell Subsidpolitik an an den Ëmweltfroen déi mir hunn, wou mir eis iwwer all déi lescht Joeren un de Règlement grand-ducal drugehaangen hu fir do eng kloer Linn ze hunn a fir och deem-



spriechend do aus deem Arbiträren erauszekommen oder méi kokeleg Situatiounen an ech mengen och, dass ee muss oppe bleiwe fir aner Gegebenheete wann déi sech weiterentwickelen. Dat als prinzipiell Remarque, mä de René Manderscheid an d'Claudia Dall'Agnol ginn op eng Rei Punkten nach an.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech ka mech kuerz halen, ech well just ënnersträichen, de Règlement grand-ducal gëllt just fir d'Joer 2019, eist Règlement wat mir stëmmen ass och réckwierkend op den 1. Januar 2019, sou dass déi Leit, déi an dësem Joer nach ee kaaft hunn, an de Genoss vum Subsid wäerte kommen. Wéi gesot, et gëllt just fir 2019.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Bon, ech ginn op e puer Saachen an. Madame Goergen, Dir sot Dir braucht mir net ze äntweren, ech äntweren awer gären, Dir wësst genau, Roum ass och net an engem Dag gebaut ginn a mir hunn ni gesot, dass mir an Zäit vun engem Joer wéi Kopenhagen oder Amsterdam ginn, mir hu virun e puer Joer ugefangen iwwerall ze kucke bei eisen ëffentleche Plazen a Gebaier fir mol Vëlosstänneren ze maachen. Mir hunn am leschte Budget, nodeems mir déi Joere virdrun de Foussgängerleitsystem gemaach hunn, hu mir eis op de Vëlo konzentréiert, eis zwee Servicer, de Service des sports an de Service de la circulation sinn am stännegen Kontakt mat der neier Diddelenger Vëlosinitiativ, wou se och ronderëm fueren, wou se kucken, wat ka besser gemaach ginn.

Eise Service de la circulation huet zesumme mam Service des sports Pläng erstallt wéi een d'Iwwergäng ka maachen, et gëtt ee grouss Problem, dee kenne mir allegueren, dat ass en Deel vum Zentrum, do komme mir awer weider, mä dat ass näischt wou ee muer einfach mol e puer Stricher op de Buedem moolt wéi deemools an der Stad an da seet OK, mir hunn elo e super Vëloskonzept. Wa mir eppes maachen, da maache mir et uerdentlech, iwwerall wou mir neibauen, kënne mir dat virgesinn, mä hei musse mir doktere mat deem wat mir hunn. Dir hutt och gesot, wéini gi mir un d'nationaalt Vëlosnetz ugeschloss, dat hu mir genau virun engem Mount an enger Entrevue mam Minister gefrot an hie sot hie géif eis dat schrëftlech matdeelen. Mir hunn awer elo nach eemol schrëftlech nogehakt. D'Vëlosparkplazen, ouni eng aner Parkplaz ewechhuele geet et net, do huet Madame Kayser richteg gesot, et muss een och d'Entwécklung kucken, wann de Bedarf méi grouss gëtt, wann et da keng aner Méiglechkeet gëtt a mir wëllen d'Mobilité douce fërderen, da bleift eis näischt anescht iwwereg wéi Plazen ewechzehuelen. Da war nach mat de Statiounen, u mech perséinlech oder un ee vun eise Servicer ass keen erugetrueden dee gesot huet et géif net duergoen,

et kann een awer och doriwwer kucken, och wann do d'Entwécklung méi grouss gëtt, da muss ee souwisou norüsten, mä mir ass net bekannt dass een sech bei eis beschwéiert hätt dass e keng Platz fonnt hätt fir de Vëlo ze lueden. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Hu mir iwwerhaapt Luedstatiounen ausser déi vun de Gemengevëloen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Du hëls déi Vëloen vum Vël'OK, dat sinn elektresch Vëloen, gell. Op der Fohrmannsplaz si vun ENOVOS Statiounen an eis Chargiboxen fir Autoe. Dat anert wat Dir elo mengt, dat sinn eis normal Vëlosbornen, déi Vëloen, déi mir hunn, sinn allegueren elektresch, déi kann een do iwwerall lueden. Déifferdeng zum Beispill huet deemools elektresch Vëloen geholl an där anerer: An déi beim Hild, déi war futti an déi ass elo gefléckt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Sinn elo nach Froen zum Règlement? Dat schéngt net de Fall ze sinn, kënne mir dann ofstëmmen? Ass de Gemengerot mat deem Règlement averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

3.9. VERDEELE VUN AUSSERUERDENTLECHE SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op dee leschte Punkt, dat sinn d'Subside-extraordinaires, do hutt Dir gesinn, den Dekont vum Oeuvre Saint Nicolas, si froen eis do 1179, 69 Euro a mir proposéieren, hinnen e Subsid ze stëmmen vun 1200 Euro. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Da soen ech Merci, a wéi gesot, da si mir mat de Gemengefinanze fäerdeg.



4. APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION 2019/2020 VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL VUN DER STAD DIDDELENG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ënner dësem Punkt gi mir iwwer op eis regional Museksschoul. Mir begrëssen do och eisen Direkter, de Bob Morhard. An ech ginn dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech begrëssen dann och nach eng Kéier eisen Direkter. Ech fueren eng Kéier queesch doduerch, wann dann Detailfroen sinn dofir ass hie jo och gär heihinner komm. Dir wësst datt d'Diddelenger Museksschoul schonn e puer Joer op Konstanz, Qualitéit a Vernetzung an och Innovation setzt an och dat wäert dann dëst Joer net anescht sinn. Mir haten eng aussergewöhnlech gutt Rentrée dëst Joer, mir si vun 1156 Schüler lescht Joer op 1246 geklommen, also e Plus vun 90 Schüler, wat ënnert anerem och duerch dee groussen Succès vun der Offer fir kleng Kanner ab 4 Joer ze erklären ass. Awer och duerch deen neien Departement "Danse", wou mir virun e puer Gemengeréit eng Kéier hei rieds haten. An domat si mir dann och aktuell déi gréisste Museksschoul hei am Land. Mir hunn awer ëmmer nach méi weiblech Schüler wéi männlech. Dëst Joer sinn et der 240 méi Frae wéi Männer. Datt eis Schülerzuel all Joer an d'Luucht geet, dat ass engersäits natierlech op déi gutt a qualitativ héichwäerteg Aarbecht déi mir an der Museksschoul zënter laangem maachen zréckzeféieren. Mä mir hunn natierlech och vill méi verstärkt Publicitéit gemeet an de leschte Joeren.

Mir hunn och eng verbessert Präsenz op de sozialen Netzwierker, wat haut mengen ech den A und O ass, wann s du wëlls Pub fir d'Produit, dee Moment hei d'Museksschoul, maachen. An natierlech och eis Journée Porte ouverte, fir déi wou alt emol schonn do waren, déi wëssen, datt do ëmmer eng lass ass. Mir hunn natierlech déi konsequent Collaboratioun och mat eise Structure-d'accueil a mir maachen och ëmmer beim Familljendag mat. An natierlech jiddwereen deen eis do op déi eng oder déi aner Manéier gesäit oder kenneleiert, dat dréit da seng Friichten, an deen ass interesséiert fir bei eis matzemaachen. Dann hu mir natierlech deen neien Departement Danse, wou ech schonn ugesprach hat, wou aktuell 65 Schüler, also 60 Meedercher a 5 Jongen op 6 Klasse verdeelt an ageschriwwen sinn. Mir sinn och ganz stolz op déi 5 Jongen, ech mengen, de Bob Morhard ka vläicht herno nach eng Kéier kuerz

dorop agoen. Mir haten dann awer och e puer Change-menter am Corps enseignant, den Depart vum Robert Muller, Clarinette, deen ass an d'Pensioun gaangen. D'Linda Vandewalle, Formation musicale, an d'Olja Kaiser, Formation musicale, sou wéi de Sascha Leufgen, Clarinette, sinn ewéi gesot fort gaangen. Congé parental a Congé sans solde d'Annalena Castagna, wat Piano a Formation musicale gëtt an d'Laura Clement am Violon. Nei Kollege si bäikomm, d'Véronique Bernar, Clarinette a Formation musicale. D'Jenny Spielmann am Éveil musical. D'Victoria Twaldowskaia an der Danse classique. D'Sarah Wolter an der Formation musicale. De Pierrick Demoisy, Basson a Formation musicale. Dat zum Corps enseignant, wie fortgaangen ass a wie bäikomm, respektiv wien nëmme kuerz Zäit fort ass am Congé parental oder Congé de maternité, déi mir jo hoffen, datt se och da bei eis zréckkommen.

Da probéiere mir nach déi Qualitéit, déi mir lo schonn an eiser Schoul hunn ze steigern. Eng Kéier, andeems mir verstärkt och Ensemble-Aarbecht maachen, zum Beispill permanent Ensembelen, déi mir hunn an de Sträicher mat der Kreatioun dëst Joer och vun engem Schüler-Symphonieorchester, an de Gittaren, wou et eigentlech am Fong keng vergläichbar Strukturen am Veräinswiese gëtt. A mir hunn awer och esou punktuell Ensembelen am Beräich vun der Blosmusek, fir eben hei keng Konkurrenz ze maachen zu eise lokale Museksveräiner. Dann och duerch d'Harmonisatioun natierlech vun de Programmer am ganze Land, wou een den neie Cours an der Formation musicale vläicht soll ervirhiewen. Dee vill méi kandgerecht elo opgebaut ass an doduerch och eng Reduktioun vun den Horairen an den theoreteschen Inhalter huet. Parallel dozou natierlech d'Aféierung vun Ensembleaarbecht vu Klengem un, ech mengen dat ass ganz wichteg, a Form och vu Chorallen an Instrumenter-Ensembelen.

A mir sinn dann och, an dorobber si mir och ganz ganz houvreg, weiderhin déi enzeg Museksschoul am Land, déi am Beräich Formation musicale Schüler an der Division moyenne spécialisée enseigniert. D'Vernetzung, déi erreeche mir doduerch, datt mir bei europäesche Projete matmaachen, zum Beispill eis international Echangen, do ware mir 2018 an Italien mat Mirandola an 2019/2020 mat Basel an der Schwäiz, sou wéi och eng Kooperatioun mat der EMU. D'EMU, dat ass d'European Music School Union. Da schaffe mir natierlech och an der AEM mat. D'AEM, dat wësst Dir, dat ass déi lëtzebuergesch Association des écoles de musique. A mam VdM Saar- an Rheinland-Pfalz, de Verband deutscher Musikschulen. Zum Beispill d'Journée de Chant choral, déi war hei zu Diddeleng. De Concours Piano ass dëst Joer am Saarland. An dann hat ech lech och nach gesot, datt mir ëmmer innovéieren. Do hu mir



jo de Projet "Musek fir all Kand", deen engersäits eng Animatioun an de Structure-d'accueillir an anerersäits awer och eng Navette dënschdes an donneschdes zur Vernetzung mat der Museksschoul virgesäit. Dat ass eppes wat ganz gutt ukomm ass, dës Navette, déi 2016/2017 mat nëmme 7 Schüler gestart ass, gëtt aktuell vu ronn 50 Schülerinnen a Schüler genotzt, an erméiglecht och Kanner wou déi zwee Eltere schaffen, an d'Museksschoul ze kommen. An ech mengen, et war jo dat wat mir u sech mat deem Projet deemools wollten erreechen.

Villäicht e puer Remarques zur der Presentatioun, esou wéi se an Ärem Dossier läit, am Verglach mat der provisoirescher Schoulorganisatioun, déi mir jo an engem leschte Gemengerot um Ordre du jour haten. D'Schülerzuel, esou wéi d'Coursenzuel, ass liicht méi héich, 1143 op 1246, respektiv 2431 op 2512, wéi op der provisoirescher Schoulorganisatioun eben, well eng ganz Rei Schüler sech nach am Schoulufank ageschriwwen hunn. Dir wësst esou eng Schoulorganisatioun, déi gëtt op engem bestëmmten Datum festgehalten, mä et ass e bësse wéi en Organigramm, dat ass näischt statesches, dat ännert vu Moment zu Moment. Ech sot lech deemools, wou mir déi provisoiresch Schoulorganisatioun hei gestëmmt hunn, et ass e bësse wéi wann een an eng Glaskugel kuckt an réit wat herno hannen erauskënnt, well déi Zuelen eben zu deem Moment ëmmer, wéi gesot, nach provisoiresch sinn, vu Stonn zu Stonn änneren an esouguer bei der Rentrée nach Neies kënnt. Ech mengen, domat hunn ech alles gesot, ouni elo an d'Detailer ze verfallen, dofir ass de Bob Morhard mengen ech hei. Dir gesitt, eis Museksschoul ass um richtege Wee. A mir hunn natierlech och déi definitiv Schoulorganisatioun der lwwerwaachungskommissioun virgestallt. An dat war de leschte Mëttwoch. An och do konnten d'Leit natierlech hir Froe stellen a kruten dann och vum Bob Morhard a vum Laurent Felten d'Äntwerten. An ech mengen, elo wär et un lech, wann Dir Froen un hien hutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia, fir deng Ausféierungen. D'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Also och vu Säite vun der CSV villmools Merci dem Bob Morhard a senger ganzer Mannschaft, fir déi exzellent Aarbecht. Ech denken, mir sinn déi gréisste Museksschoul aus dem Land, hu mir lo grad héieren. Dat ass jo och de Succès, dat kënne mir net eis als Gemeng op d'Schëller klappen, oder net nëmmen eleng, mir stelle jo och vill Infrastrukturen zur Verfügung, mä ech denken dat ass einfach d'Aarbecht um Terrain, déi weist, dass d'Leit frou si bei eis a gäre bei eis kommen an, d'Claudia Dall'Agnol huet scho gesot

gehat, d'Erhéijung vun der Unzuel vun de Schüler, dat ass och well mir vill bei déi kleng Kanner Musek maache ginn. Mir gefällt virun allem, an dat gesinn ech och a menger Clientèle, dee Projet Museksgaart a Museksstuf ganz gutt. Dat ass fir Bëbee vu 6 bis 18 Joer ass de Museksgaart, an 18 bis 3 Joer ass d'Museksstuf. An dat huet ganz ganz gudd Succès. An do hunn ech lo witzegerweis hei gekuckt gehat, do ass d'Part Jonge-Meedercher ëmgedrënt, do si 7 Bouwen an 3 Meedercher zum Beispill an der Museksstuf ageschriwwen. Vläit ass dat zukunftsweisend, dass mir och do méi eng Paritéit kënne kréien. Mä ech denken, wat Paritéit ubelaangt, et dierf een ni eppes, wéi soll ech soen, erzwingen. Dat muss sech einfach esou erginn. A mir begreifen och explizit déi gutt Zesummenaarbecht mat eise Maison Relais. A mir hoffen och, dass dat an déi Richtung och weider geet. Et ass immens impressionant ze héieren, dass mir lo mëttlerweil 50 Schüler hunn, déi mat der Navette an d'Museksschoul aus eise Maison Relais erausfueren. Dat ass, denken ech och, de richtege Wee. Ech hu just am Fong eng praktesch Fro: Op der Liste d'attente, do sinn 145 Kanner uginn. Do ass just meng Fro: Wou sinn d'Engpäss, firwat kënne mir dësen Demanden net noginn? Mä ech denken do wäert Dir och probéieren, esou gutt wéi méiglech deenen Demandë Rechnung ze droen. Mä, wéi gesot, am grouse Ganze si mir extrem zefriden a frou, a weider esou. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Stellungnahmen? D'Madame Bodry-Kohn an dann d'Madame Goergen.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech hunn eigentlech keng Fro am eigentleche Sënn. Ech wëll och just hei, vun der Säit vun der LSAP eigentlech just dem Bob Morhard villmools Merci soe fir déi wonnerbar Aarbecht déi do um Terrain geleescht gëtt, mä awer och fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht ëmmer rëm mat de Responsabelen hei vum Schäfferot a vun de Gemengenservicer. A voilà, ech wëll einfach hei och net vergassen dat och nach eng Kéier vun eiser Säit ze soen. Oft mengt een et wier alles gesot wann de Schäfferot geschwat huet, wann déi Responsabel geschwat hunn, mä meng Virriedner hunn hei alles scho gesot. Merci Claudia Dall'Agnol och fir d'Ausféierungen. Voilà, also en décken häerzleche Merci och vun eiser Säit.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci. Ech wëll betounen, dass ech lo just eppes soe well ech mir denken, dass déi Gréng mol eng Kéier solle verbaliséieren dass se déi Museksschoul ënnerstëtzen. Bon, ech wollt just da soen, dass ech déi Echoen déi ech kréie vun, och Kolleginnen, sou déi méi Quereinsteiger sinn, dass déi Museksschoul en extrem gudd Ruff huet an dass och



jiddwereen d'Gefill huet dass en an der Museksschoul gutt opgehuewen ass, och wann e vläicht net wëll an engem Concert matmaachen, mä dass en eben och kann d'Grondsätz vun der Musek do leieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci deene Gréngen dass se sech am kulturelle Secteur beweegen. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert weider ginn un de Bob Morhard an un d'Claudia Dall'Agnol fir op déi verschidde Punkten anzegoen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen de Bob kann dat maachen. Dir hutt mech haut genuch héieren.

BOB MORHARD (MUSEKSSCHOUL-DIREKTER): Merci fir déi léif Wieder. Ech wollt ufänke fir dem Gemengerot op dëser Plaz Merci ze soe fir d'Ënnerstëtzung vun der Diddelenger Museksschoul, dat iwwer Joeren. An deenen dräi leschte Joere wou déi nei Equipe um Rudder ass huet dat sech verstärkt an dowéinst wollt ech eng Kéier op dëser Plaz lech wierklech alleguerte Merci soen. An och e grouse Merci geet un d'Structure-d'accueillen. Wa mir hei vu 50 Kanner schwätzen, déi déi Navetten huelen, heescht dat wierklech, dass zwee Educateurs de Bus huelen, op d'Kanner oppassen, d'Surveillance maachen. An dat ass just méiglech wann déi Collaboratioun mat deenen dote Servicer esou gutt funktionéiert. Dat ass an anere Gemenge keng Selbstverständlechkeet. Dat muss een elo wierklech nach Kéier op dëser Plaz, mengen ech, präziséieren. An och hinnen e grouse Merci.

Vläicht déi kuerz Fro wat d'Liste d'attente ubelängt. Do ginn et engersäits Horairesproblemer, dat heescht wann een elo wierklech dëschdes wëll an déi Klass um zwou Auer oder samschdes moies an déi Klass um 11 Auer, ma da muss een eben den éischten op der Porte ouverte moies sinn um 9 Auer an net dee leschten um halwer eng. Dat ass sécher e Problem vun den Horaires. Mir hunn eng riseg Demande wat individuell Instrumenter ubelaangt. Guitarre classique, Piano, wéi d'Claudia Dall'Agnol virdrun ausgefouert huet, do probéiere mir awer éischer op Ensemble-Aarbecht ze goen, d'Musek zesumme maachen, d'Chorallen. Mir kéinten nach 15 Pianosensegnanten astellen a 15 Gittarseinsegnanten an da wier de Problem nach net onbedéngt geléist. Wat d'Ufro ugeet, datt all Persoun sech bei ons gutt opgehuewe fillt, mengen ech, ons Aarbecht ass eng Breetefërderung. Mir bidden natierlech och eng Spëtzt u vun der Pyramid, mä do ginn et aner Haiser déi méi drop spezialiséiert sinn, wierklech fir d'Spëtzt ze fërderen, an dowéint probéiere mir all Kand an all Erwuessene bei ons esou gutt ze betreie wéi mir kënnen.

Merci fir d'Ënnerstëtzung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och Bob Morhard fir deng Ausféierungen. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn. Wien ass hei mat der definitiver Schoulorganisatioun vun der regionaler Museksschoul averstanen? Dat ass de ganze Gemengerot, dat ass unanime. Ech soen lech villmools Merci. Ech soen och dem Bob Merci fir seng Präsenz. An domat géife mir op déi aner definitiv Schoulorganisatioun iwwergoen.

5. APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION 2019/2020 VUM FONDAMENTAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir begréissen dann elo den Erni Ferrari an ech géing fir d'éischt dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci Herr Buergermeeschter, wéi gewinnt maache mär ëmmer am Oktober oder November déi definitiv Schoulorganisatioun. Ech menge mir hu schonns relativ vill de 7. Juni am Gemengerot hei geschwat, iwwer déi provisoersch do schafe mär am Fong de Kader an herno setze mir dann Nimm drop. Wat awer dobäi kënnt, dat ass ëmmer, datt Ännerunge sinn am Contingent an och Kanner déi bäikommen oder ewechfalen. Dir gesitt an ärem Dokument wei gewinnt déi verschidde Schoulgebaier mat den Horaires leien. D'Klasse mat hiren Titulaires, de Ressort scolaire, de Plan de surveillance an dann natierlech d'Leçon-special, den Appui an d'Chargen vun den Titulaires. Ech wëll awer déi Chifferen, déi geännert hunn zu der provisoerescher, do wëll ech e bësse méi geziilt drop agoen. Dofir géif ech e puer Chifferen lech hei matdeelen. Dat wat geännert huet. D'lescht Joer am Schouljoer 18/19 hate mir an eise Schoulen 1942 Kanner, dëst Joer si mär nach bei 1912. Dat sinn 30 Kanner manner wéi d'lescht Joer. Dat ass erstaunlech mä dat ass awer e Chiffer dee mär sou hunn. Dovunner waren 942 Jongen an 970 Meedercher an 1070 Kanner si vu lëtzebuergescher Nationalitéit an 842 hunn eng aner Nationalitéit. Wat weider an d'Luucht gaangen ass wann Dir d'Chiffere gekuckt hutt vum leschte Joer, dat sinn d'Kanner, déi nach bei eis am Fundamental sinn an iwwer 12 Joer hunn. Dat waren der d'lescht Joer 60 an et sinn der elo 69. Dee Chiffer ass e bësse weider an d'Luucht gaangen. Dovunner sinn 28 Kanner déi entweder nach DPI oder BPI elo scho sinn, dat sinn een Deel déi nach am Foyer



sinn, an déi awer schonns an der Rei sinn.

Wat nach dobäi kënnt, mir hunn och 10 Nouveau-arrivants an eise Schoulen, déi am Fondamental nach sinn an iwwer 12 Joer hunn. Weider Chifferen, déi mär nach hunn, datt 40 Kanner aus anere Gemenge bei eis an de Schoule sinn. Do kommen och 8 Kanner, déi wunnen am Frankräich, déi sinn awer hei bei eis scolariséiert. Dat kënnt ganz oft doduerch, datt si hei bei eis versuergt ginn, oder d'Elteren hei schaffen. Mir haten och nach den een oder anere Fall wou ee ka soen, wou d'Elteren am Laf vum Joer geplënnert sinn, wou mär awer gesot hunn, si si «en fin de cycle», da loosse mir si am Cycle am Fong nach hei. Dann zum Precocé. Ech mengen, mär schwätzen ëmmer relativ vill iwwer de Precocé. Do sinn de Moment 118 Kanner bei eis ageschriwwen. Dat sinn 59 Prozent vun deene méigleche Kanner, déi kéinte bei eis an de Precocé goen. Wat besonnesch hei ervirstécht, ech mengen ech hat et bei der provisoirescher Schoulorganisatioun gesot, dat war déi Plage "X" déi mär den Elteren ugebueden hunn. Dat sinn entweder fënnf mol Hallefdeeg, de Minimum, oder aacht Hallefdeeg. Duerch dës Plage "X" do gesäit een, et sinn awer 15 Kanner, déi déi Plage benotzen. Dat huet eis ganz vill bruet an dofir hu mär och am Eecherdall elo vill méi Kanner wéi am Fong am Ufank bei der provisoirescher Schoulorganisatioun virgesi war.

Den Ausbau vum Precocé, an ech kann dat hei awer schonns soen, fir d'Ganztagsbetreierung oder och vir mam Mëttesdësch spëtstens wann d'Bildungshaus opgeet natierlech erweidert kënne ginn, wou mär den Eltere vill méi Méiglechkeete kënne ginn. De Moment hu mär am Cycle1 431 Kanner. Dat sinn der 10 méi wéi mär virgesinn hate bei der provisoirescher Schoulorganisatioun. Wat do dobäi kënnt, do vun sinn der 7 méi um Strutzbiérg. Dat ass schonns ganz vill wann an engem Gebai 7 Kanner bäikommen. Dofir ass dann och do den Duerchschnëtt vun de Klasse bei 19 bis 20 Kanner. Do ass den Erni Ferrari, dee weess do ganz détailléiert Bescheed. Um Deich konnte mär allerdéngs den C 1 entlaaschten, well do sinn 8 Kanner vun C 1 déi mëttlerweil am Quartier an d'Schoul ageschriwwen gi sinn. Cycle 2.4, do hate mär 1363 Kanner virgesinn, do bleift de Chiffer och sou wéi en ass. Et war ee Moment gefaart gi mir hätten um Site Brill-Baltzing ze vill Kanner, ze vill héich Effektiver, mä och dat huet sech agependelt an och do leie mär bei 19-21 Kanner.

Dann zum Contingent. Mir haten eigentlech an der provisoirescher 3820 Stonnen am Contingent déi mär zegutt hunn, do krute mär 38 Stonne weider. Do war awer schonns am Virfeld ausgemat, datt e groussen Deel vun deem Contingent wou mär géife kréien dem Strutzbiérg géif zu Verfügung gestallt ginn, well awer

d'Situatioun um Strutzbiérg heiansdo méi schwierig ass wéi an anere Gebaier. Nach hu mär 138 Stonnen. Dat sinn 6 Remplaçant-permanentes an 69 Stonnen, also 3 Poste Cours d'accueil. Dat ass en Total vu 4045 Stonne wou mär lo si bei der definitiver Schoulorganisatioun. Nach ass et e Minus vun 41 Stonne par rapport zum Joer 2018/19. De Moment hu mär 217 Enseignants an de Schoulen. Och hei wollt ech dat eng Kéier soen. Weiblech 170, männlech 47. Ech muss awer soen et sinn der 3 méi wéi d'lescht Joer. Do gesäit een, datt lues awer sécher eng Steigerung kënnt. Mir hunn 185 Schoulmeeschter oder Schoulmeeschteschen déi fäerdeg sinn. Dann hu mir 7 Stagiairen, 17 Chargéen, dovun si 4 Quereinsteiger am zweete Joer wat no Bestätegung vum Här Michaux och ganz gutt leeft. Déi si ganz gutt integréiert. A mir hunn 8 Educatrices, déi dann och zur Verfügung sti bei méi schwierige Klassen. Bon, am Contingent hu mir awer nach, wat eis zur Verfügung steet, déi 7 Enseignants IBS, déi mir natierlech dréngend brauchen, well awer ganz vill Schwierigkeeten am Enseignement heiansdo sinn. Dann hu mir zwee Enseignantë fir Portugisechcoursen, déi um Deich gehale ginn an eng Enseignante, déi d'Däitscht ënnerstëtzt an dat och um Deich well do ëmmer rëm festgestallt gëtt, datt do méi Schwierigkeeten am Däitsche sinn. Dann, wat mir nach zur Verfügung hunn si natierlech d'Remplaçantë vun der Direktioun, dat sinn der 13 an dovunner si 5 Quereinsteiger am éischte Joer.

Wat mir scho gesot hate bei der provisoirescher Schoulorganisatioun ass natierlech déi Pädagogen, déi Psychologen, Psychomotriciennes, déi och an eise Schoulen intervenéieren. Och dat wëll ech elo net nach eng Kéier vu vir erklären, mä déi stinn awer zur Verfügung an déi brauche mir. Dat eigentlech zur Schoulorganisatioun. Ech wëll awer do e groussen Merci soen un den Erni Ferrari, un de Service Enseignement an natierlech un d'Direktioun awer och un dat ganz Léierpersonal wou exzellent geschafft ginn ass, ech menge, wou mir eng ganz gutt a flott Schoulorganisatioun haten. Ech wëll awer nach e puer Wuert soen iwwer de PEP. Ech menge mir hunn d'lescht Woch an der Schoulkommissioun hu mir de PEP virgestallt, den hu mir soss ëmmer bei der provisoirescher Schoulorganisatioun hannendru gehaangen. Mir hunn en dës Kéier da bei der definitiver Schoulorganisatioun virgestallt an dofir wëll ech awer ganz kuerz do lo awer e bësselchen op déi Zesummenaarbecht agoe well dat ass och eppes wat ëmmer méi an eise Schoule gemaacht gëtt, dat heescht ëmmer méi schaffen d'Maisons Relais zesumme mat de Schoule, wat, natierlech, e Virdeel ass an dem ganzen Enseignement. Deen Echange, den eigentlech relativ intensiv ginn ass d'lescht Joer, den hu si weider ausgebaut. Et sinn och elo mëttlerweil Schoulen déi wann d'Schoulmeeschtere soen datt si verschidde Kanner



hunn, wou et méi schwéier ass, déi dann awer ëfters d'Hausaufgabe net gemaacht hunn, maache si dann en Echange mat dem Personal aus der Maison Relais wou si dann an der Maison Relais och besser op dat Kand oppassen. Dofir ass den Echange immens wichteg.

Bon Aktivitéiten, d'Schoulgäert, Liesclub Makerspace, Art à l'Ecole gi sou wéi sou schonn zesumme gemaach. Si organiséieren hir Schoulfester zesummen, an och d'Notzung an dat ass dat wat och, mengen ech, immens wichteg ass, wat och elo am Bildungshaus nach méi wäert kommen, dat ass déi Notzung vun deene gemeinsame Raim. Dat heescht, do ass et elo net méi sou, dat ass mäi Raum, dat gëtt schonn zesumme genotzt. Villäicht, wat ganz flott ass, de Ribeschpont, déi hunn zesumme mat der Maison Relais eng Charte ausgeschafft, wou si zesummen hier gemeinsam Wäerter festgehalten hunn. Bon, d'Collaboratioun mat der Musekschoul, mir haten, de Bob huet dat jo och nach eng Kéier bestätegt, ech mengen déi leeft immens gutt. Mir hunn awer och Collaboratioun mam Jugendhaus, mat der Eltereschoul hu mir och ganz vill an eise Maison Relais. Esouvill mengen ech zum PEP. Ech ginn elo net ze vill wäit dodran, ech menge beim Budget komme ganz aner Projeten déi nach wäerten an eise Schoulen a Maison Relais lafen. Bon, bei Froe stinn ech gäre bereet fir ze äntwerten, mä ech géing do am Budget méi intensiv drop agoen. Merci awer och all deene Leit aus dem Service Structures d'accueil an och fir déi formidable Zesummenaarbecht mat hinnen.

Nach d'Médecine scolaire, ech mengen dat ass e Service dee mir net méi ewechzedenden hunn an eise Schoulen. Ech muss lech no der Presentatioun soe, wou d'Manon Haag d'lescht Woch an der Schoulkommissioun gemaach huet, datt dat extrem wichteg ginn ass. Eleng wann ech d'Statistike kucke bei de Kanner wou d'Zänn kontrolléiert ginn, déi hunn dëst Joer 1737 Kanner kontrolléiert wat enorm ass. Wat awer erschrecken ass, datt do 705 Avisen erausgeschéckt gi si fir Saachen déi net an der Rei ware bei Kanner. Si maachen natierlech och Kontrolle bei Obesitéit, Skolios, Plattféiss an och do hunn si 1807 Kanner gesinn an et si 789 Avisen raus gi ginn. Also dat ass eppes richtig Opwenneges wat ech awer fanne, wat wierklech muss gemaacht ginn. Wat ganz wichteg ass, well ganz oft Kanner soss keen Zännokter gesinn oder och nëmmen da wann si eng Gripp hunn, bei den Dokter ginn, dofir sinn dat do Kontrollen, déi ganz wichteg sinn. Ech muss och do, an dat ass dat d'lescht wat ech well soen, ech wëll och de Service wierklech e grouse Merci gi fir déi gutt Zesummenaarbecht ech mengen och mam Wibbel, mir schaffe ganz vill mat hinnen, och dat klappt, och d'Myriam Keller huet elo schonn e Projet lancéiert, dee Vélosparcours wou d'Kanner e bësselchen d'Beweeglegkeet an d'Koor-

dinatioun léieren. Och deem Service Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Voilà, dat war et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir allegueren deng Erklärungen an Ausféierungen zu der definitiver Schoulorganisatioun. D'Diskussioun ass op. D'Madame Kayser:

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buegermeeschter. Och am Numm vun der CSV Villmools Merci allen Intervenanten, sief an der Schoul, sief et dem Joël Michaux seng Direktioun, sief et all eis Titulaires, all eis Leit déi niewent dem "normale Schoulmeeschter" an der "normaler Joffer" aktiv sinn, eben IEBSen, Enseignanten an esou weider. Ech hunn d'Dokumentatioun e bësselchen duerchgelies an et hunn sech awer e puer kleng Froen erginn, och am Bezuch zu der Diskussioun déi mir am Summer haten. De Joël Michaux hat gesot gehat e géif eng Demande maachen datt zum Beispill déi Psychomotricienne déi mir an der Schoul hunn, déi mir jo vum Centre de compétences zur Verfügung gestallt kréie, datt déi och kéinten intervenéieren an de Maison Relais. Dat ass eng Demande déi d'CSV ëmmer gesot huet, ech soen ëmmer opfälleg Kanner déi hale net um 12 Auer op opfälleg ze sinn, déi brauchen och eng Ënnerstëtzung villäicht an de Maison Relais. Do ass meng Fro: Si mir do erhéiert gi vum Ministère? Krute mir dat gestatt?

Dann eng aner Fro: Et huet och geheescht, mir maachen eng Ëmfro bei den Eltere vun de Kanner déi hätte kéinten an de Precoc goen, déi net an de Precoc komm sinn. Ass déi Ëmfro gemaacht ginn a wéi ass dat Ergebnis? Ech si ganz frou ze héieren datt eis Plage X déi eben eng méi grouss Flexibilitéit de Leit gëtt, datt dat e grouse Succès huet an dat ass och dat a wéi eng Richtung datt mir musse goen, datt mir einfach müssen den Elteren d'Méiglechkeet bidden... zum Beispill hues Du och Elteren déi nëmme mi-temps schaffen an awer onregelméisseg mi-temps schaffen, datt een deenen och d'Méiglechkeet gëtt, d'Kanner nëmme fënnel halwer Deeg ze ginn awer méi flexibel wéi eis Plagen ABC. Dat weist jo och datt mir elo awer op en Taux komme vu bal 60% wat jo awer absolut gutt ass, mä mir kënnen deen Taux nach an d'Luucht dreiwen, ech hunn et scho gesot gehat, mir sinn a staarker Konkurrenz mat de private Crèches, mä mir musse, fannen ech, nach villäicht do eng besser Promotioun maachen. D'Claudia Dall'Agnol hat et gesot gehat, d'Museksschoul, déi geet op de Wee fir och an de neie Medie vill méi proaktiv virzegoe fir sech besser duer ze stellen. Do, mengen ech, dierft een och net scheie fir zum Beispill, dat kann elo kommunal sinn, et ka natierlech och landeswäit sinn, fir ze weisen, hei am Precoc gëtt eng pädagogesch wäertvoll Aarbecht gemaacht, dat ass net nëmmen eng Garderie, do



ginn d'Kanner gefördert.

En plus ass et gratis, quitte datt elo och d'Crèche mat deene neien Reforme vun de Chèque-Servicé bal gratis ass, mä ech denken, do musse mir eis e bësselche besser duerstellen a villäicht eng Promotiounscampagne maachen – firwat net eng Kéier am Bliedchen eng Annonce maachen, hei schreift äert Kand an de Precoce? – an dat e bësselche promovéieren. Da kréie mir nach méi Kanner. Well de Problem ass awer, ech mengen wann Dir mat den Enseignanten aus den éischte Cycle schwätzt, d'Wuertlosegkeet vun de Kanner, d'Sproochlosegkeet vun de Kanner, d'Defiziten an de Sproochen an der Mobilitéit, an der Motricitéit virun allem, dat kann ee schonns opfänken a fréie Joeren. Ganz interessant wier och, ech mengen do gëtt et nach keng national Etude, mir hunn elo de Precoce, ech weess net, zanter 10 Joer? Méi laang – 15 Joer. Awer net vill méi laang, ech géif soen. Op jadder Fall, datt een do villäicht einfach mol eng Kéier géif de Verglach maachen deene Kanner déi vum Precoce schon opgefaange goufen, wéi deenen hier Erfolleger sinn an de Schoule par rapport zu Kanner déi villäicht méi spéit scolariséiert sinn. Et wier villäicht eng Kéier interessant ze gesinn, mä bon, dat sprengt elo hei de Rahmen.

Mä wéi gesot, meng Fro ass: Wéi ass eis Ëmfro ausgefallen? An ech denken datt mir an eng absolut richteg Richtung gi fir och de Mëttesdësch ze promovéieren. Dat ass jo ëmmer eisen Dada och gewiescht, ech mengen dat huet ee gesinn. Déi Ganztagsbetrieungsstrukturen, Precoce, Lenkeschléi a Strutzbierg, déi hunn och ganz gudde Succès an do maachen ech direkt de Link dann och zu de Structure-d'accueillen. Mir ware ganz frou ze héiere, datt och op Baltzing an am Wolkeschdall, bei deene kleng Spillschoulen elo de Mëttesdësch och an der Spillschoul ass, datt déi kleng Däbbesse dann net musse pilgere vum Baltzing bis an d'Schwämm, wat jo awer e wäite Wee ass fir sou e kleng Männche vu véier Joer deen da bei Wind und Wetter muss do hin an hier trëppelen a keng Zäit huet fir ze raschten.

Dofir fannen ech dat eng ganz gutt Initiative, datt mir elo deenen zwou Spillschoulen d'Méiglechkeet ginn, datt déi kleng Kanner kënnen do an der Schoul iessen an dann och duerno e bësselche raschten an dann an hirem Schoulhaff nach e bësselchen sech austoben éier et erëm lass geet ouni da mussen esou e wäite Wee ze goen. Dann hat ech nach eng Fro och zum Accueil matinal. Wat opfällt ass, datt do ëmmer ënnerschiddlech Horaire sinn, Baltzing, Eecherdall, Gaffelt, Ribeschpout fänken um 6:45 Auer un, de Brill um 7:00 Auer, Butschebuerg 7:10 Auer. Meng Fro ass just do: Firwat sinn do déi ënnerschiddlech Zäiten? Wier et net villäicht awer méi sënnvoll eng uniform Offer unzebidden, datt

mir iwwerall deeselwechten Accueil maachen? Et ass jo traureg genuch, datt déi kleng Männercher musse schon um véirel vir siwe ofgeliiwert ginn, mä d'Realitéit ass déi, wann s de wëlls an der Stad um 8 Auer op denger Aarbecht sinn, geet et net datt s Du réischt um véirel op siwen hei zu Diddeleng fortifiers. Dat ass awer en anert Thema.

Dann, wat ech och flott fannen, wann ech hei noliesen, datt de Projet Pedibus net gestuerwen ass nom mangelhafte Succès, mä ech mengen mir haten dat och scho gesot wéi mir en agefouert hunn, datt een déi Procédure sécher muss e bësselchen erliichteren. An dat mat virdrun aschreiwien an hei an do, dat ass méi schwéier. Ech gi villäicht och nach eng Kéier mat op de Wee, aner Gemenge ginn och op de Wee, datt Leit agestellt ginn. Et si Senioren, ech hunn zum Beispill Mamm vu Kanner, déi einfach nëmmen e kleng Kontrakt kréien, déi hiren normale Schoulwee einfach ofgi mat hire Kanner an dann och aner Kanner mathuelen. Do gëtt et nach aner Méiglechkeete fir dat einfach e bësselche méi attraktiv ze maachen. Ech ginn och nach eng Kéier mat op de Wee, datt een och d'Kanner muss initiéieren ze Fouss an d'Schoul ze goen. Do ass de Projet vu Suessem, ech hat et am Summer scho gesot gehat, déi hu sou e kleng Carnet, all Kéier s wann d'Kanner mam Vëlo an d'Schoul kommen, wann si ze Fouss an d'Schoul komme, kréien si e Stempel. Dat ass sou e Bewegungscarnet, sou nennen si datt, wann si op hiren Training ginn, kréien si e Stempel an am Enn vum Joer, kréien si dann, déi déi dann déi meeschte Stempelen hunn, kréien dann e Kaddo vun der Gemeng. Ech mengen dat ass och eppes, ech soen ëmmer, den leselchen dee lackels Du mat der Muert, a villäicht ass dat och eng Richtung wou ee ka goen.

Ganz schuet ass, datt de Projet Bewege Schoule nach net op de Bee steet, mä awer e soll ulafen Ech mengen, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries ka villäicht do nach eng kleng Zousazinformatioun ginn. Dann hunn ech awer nach eng Fro un den Erni. Et huet eng Mamm mech drop opmierksam gemaacht, déi koumen aus enger anerer Gemeng, do ginn d'Kanner dräi Stonnen turne vun der Schoul aus awer bei eis ginn si a Cycle 2 an 3 net wéi virgesinn dräi Stonnen pro Woch turnen, mä nëmmen zwou Stonnen. Dat ass mir am Fong nach ni esou richteg opgefall, datt dat am Fong am Gesetz vum Ministère steet, datt fir de Cycle 2 an 3, dräi Stonnen Turne pro Woch virgeschriwwen sinn. Do ass meng Fro: Wourunner läit dat, datt dat hei zu Diddeleng net esou ass? Da wollt ech nach kuerz och wéi d'Josiane all de Leit aus der Maison Relais villmools Merci soen, dat ass och eng wichteg Aarbecht wou déi maachen an och do gëtt sech ëmmer beméit, flexibel ze sinn an och sech de Bedierfnisser un ze passen an och dofir eise Respekt vis



à vis vun dem Personal an och mir soen hinne Merci fir hiert Engagement.

Zu der Schoulmedezin, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet scho ganz vill Saache gesot virun, virun allem och de Projet Wibbel ass ganz wichteg, mä ech denke wat och frappant war oder impressionant war, dat waren och déi sozial Interventione vun eisem schoulmedezinesche Service déi awer och an d'Famillje ginn. Eis Assistant-d'hygiène-socialen, dat ass denken ech en Atout, well mir eben e kommunale Schoulmedezin-service hunn, deen net nëmmen dat Medezinescht, dat Organesch kuckt, mä sech och këmmert ëm d'Doleancen an de Familljen an dat nennt een "die Arbeit der kleinen Wege", "der kurzen Wege", do si Familljen, déi oft méi laang mussen betreit ginn an déi och e Vertrauen hunn zu eise Leit well mir eben e Personal hunn, dat immens empathesch ass vis-à-vis vun de Familljen, wou Problemer sinn a wou d'Kanner an och d'Familljen sech gären un si wenne fir gehollet ze kréien. Ech denken, dat ass och e Punkt deen ee wierklech net vernoléissegan däerf, well dat geet e bësselche verluer. An eiser Gesellschaft gëtt ëmmer en Apparat nach méi komplex gemaacht, wou ee kann eppes mellen, wou dann een intervenéiert an esou weider an do si mir frou, datt mir nach dee schoulmedezinesche kommunale Service hunn an do däerfe mir och net dru rüttelen goen.

Da kuerz zur Schoulkommissiounsarbeit, och nach eng Kéier villmools Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. D'Josiane ass eng exzellente Presidentin, déi Zesammenarbeit leeft super gutt. Mir diskutéiere ganz vill. Ech wollt awer villäicht just hei profitéiere fir ze soe wat ganz schuet ass, mir haten d'Fro gestallt, wat ganz schuet ass wat elo d'Eltereparticipatioun ubelaangt, dat war erëm e bësselchen traureg ze héieren, et waren erëm Wale vun den Elterevertrieeder an de Schoulen, zum Beispill um Deich sinn 2% vun den Elteren opgetaucht fir sech un deene Walen ze bedeelegen an ech mengen, de Joël Michaux huet net zu Onrecht gesot, d'Eltere wëssen och net esou richteg wat si solle maachen, wat hir Aufgab ass, hir Job description. Soe mir emol esou, wann si gewielt sinn ass dat och net ganz eendeiteg, mä trotzdem ass et awer e bësselchen traureg ze gesinn, datt d'Participatioun an den Engagement vun den Elteren awer nach e bësselchen ze wënschen iwwereg léisst. Ech wollt och nach kuerz soe fir d'Schoulkommissioun, ech mengen op eis kënnt jo och nach vill Aarbecht duer. Mir mussen virun allem nach eng Kéier kucken de Plan d'occupation des postes, Bildungshaus Lenkeschléi, dat ass nach ëmmer net ganz kloer wéi et do soll weider goen.

Wichteg ass och d'Zukunft vun der Waldschoul, dat ass och en Thema wou d'Leit mech och schonn drop

uschwätze. Villäicht kanns Du eis do och schonn e bësselchen virgräifen. Et ass gesot ginn, d'Leit krute jo och e Bréif. Déi Kanner, déi an der Waldschoul sinn, sinn d'nächst Joer net méi an der Waldschoul, well déi soll zougemaach ginn. Déi Kanner sollen integréiert ginn an d'Bildungshaus Lenkeschléi. Wéi sinn d'Iddien? A wéi eng Richtung gi mir? Entwéckele mir eis wonnerbar Waldschoul? Dee geniale Site däerfe mir op alle Fall net einfach zoumaachen. Ech denken, do muss ee wierklech eng flott Alternativ fannen, sief et och nëmmen eng Naturschoul oder soss eppes programméieren, plangen. Voilà, dat war elo e bësselchen e Rundumschlag vun de Positiounen vun der CSV. Mir si ganz frou, datt mir hei zu Diddeleng engagéiert Leit hunn op alle Posten an datt et alle Kanner an den Intervenanten och wéi gesot Spaass mécht, hei an d'Schoul ze goen. Sou soll et jo och sinn. De Joël Michaux huet och nach gesot gehat, wat impressionant ass, hie brauch ni iergendwou soueren ze goe fir Personal ze kréien, well d'Schoulmeeschteren déi sinn treu, déi Diddelenger Schoulmeeschter bleiwe gären hei an ech denken domat kanns de dann och opbauen. Doduerch ass et och deen Dialog tëscht de Schoulen ëmmer ginn a mir hoffen datt et och esou weidergeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Kayser. Nach wieder Stellungnahmen? Den Här Zuang an dann den Här Friedrich.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Esou wéi d'Claudia Dall'Agnol et virdu scho gesot hat, fir d'Organisatioun vun der Museksschoul trëtt dee selwechte Fall a wéi fir d'Schoulorganisatioun vum Fundamental. Et ass ëmmer, wann een am Juni eng provisoresch Schoulorganisatioun stëmmt, dann ass dat esou eng Foto déi een am Fong huet vun deem Moment an natierlech gëtt een dann an der definitiver Schoulorganisatioun déi eng oder aner kleng Differenz par rapport notament wat d'Schülerzuelen ugeet. Mir haten am Juni nach vun ëm déi 1900 Schüler, déi sollten ageschriwwen ginn, wat schonn e stramme Minus war, ech mengen an deem Moment vu 59 Kanner par rapport zu dem Joer virun, elo si mir awer bei 1912 Schüler gelant am September wat natierlech och erëm eng Saach ass, déi lieweg ass. Dat heescht, mir wëssen datt all Dag kann d'Dier opgoen, nei Schüler kommen a natierlech kéinten och Schüler goen. Bon, natierlech ass an deem heite Fall déi néideg Adaptatioun vum Contingent da gemaach ginn, déi puer Stonnen déi mir da méi kritt hunn. Bon, wann déi Mutatiounen do sinn, kann ee natierlech och ëmmer vu Gléck schwätze wa Schüler bäikommen, datt si dann net grad an déi Essore kommen oder a Klasse bäikomme wou mir souwiesou scho vill Schüler haten. Ech schwätzen hei nach eng Kéier vun deene Klassen aus dem C2.1 déi mir am Brill hate, wou



mir jo de Choix haten tëschent C2. 1 zwou Klassen oder dräi Klassen a wou dann sech herno decidéiert ginn ass zwou Klassen ze maachen, wou awer schonn déi Zäit bal 23 Schüler dra waren. Natierlech, wann da Schüler bäikommen, da si mir natierlech an esou Situatiounen gehäit. Dat ass awer net agetrueden. Par contre, sinn elo, wéi ech héieren hunn, 7 Schüler derbäikomm um Strutzbierg, wat och do d'Moyenne natierlech vum C1 an d'Luucht gedriwwen huet. Mä wéi gesot, do kann ee ganz oft a komesch Situatiounen kommen an dat huet awer de Service Enseignement säit jee hir ëmmer trotzdem probéiert gutt ze léisen andeems si Elteren dann an aner Essoren drainéiert hu fir Chaossituatiounen ze evitéieren.

Positiv ass och den Zouwuess am Precocé Eecherdall wou mir da ganz skeptesch waren am Juni. Dat ass kloer. Ob déi Unitéit iwwerhaupt nach sollt e Sënn hunn, ob se sollt iwwerliewen, mä ech mengen déi zousätzlech Plagen, déi offréiert gi sinn, plus den Aflux vu neien DPlen am Foyer do uewen hunn dann awer esou d'Moyenne gehuewe, datt mir elo 16 Kanner do ageschriwwen hunn. Bon, déi Geschicht mat dem méi Werbung maache fir de Precocé dat ass net schlecht, et ass net falsch, mä mir wëssen awer effektiv, mir schwätze jo ëmmer hei driwwer, ëmmer vun dem berühmte Mëttesdësch an esou, datt dat kann dozou féieren, mä nach wie vor ass dat och, ech mengen den Enjeu vun de private Crèchen respektiv... bon datt d'Leit do wierklech léiwer d'Kanner nach e Joer do loosse well et si heiansdo besser arrangéiert mat hire Plage-horaires, wou si selwer schaffe respektiv well d'Kanner dann do gewinnt sinn a jo all Crèche jo awer och déi gratis Stonnen ubitt. Dat heescht, do kënnen mir also net esou punkte mat der Geschicht, datt de Precocé gratis ass an och do d'Obligatioun fir Coursen ze ginn, fir Sproochecoursen ze ginn, dat ass an de Conventiounen vun de Crèchen awer och zréckbehalen ginn. Gutt, déi Enquête do, mengen ech, si mir e bësselche hänke bliwwen gewiescht. Natierlech huet de Schoulservice am Ufank aner Suergen wéi elo eng Enquête ënnert d'Leit ze bréngen, mä mëttlerweil missten d'Déngen eraussinn, sou datt mir da kucke wat dann d'Leit eis do zielen, wou de Schung dréckt.

Bon, da sinn ech frou, datt duerch de Changement am Quartier Italien, wou et nëmme nach C1 Klasse ginn, dat et sou wäit keng Problemer säitens den Eltere gouf. Ech hat e bësselche gefaart, datt do d'Leit déi nach Kanner am C2 haten, datt déi awer villäicht gesot hunn, Merde, elo musse mir dee Wee do bis op den Deich a Kaf huelen, mä dat ass awer, wéi ech mech renseignéiert hat, net de Fall gewiescht. Ze begrëssen ass, datt mir dann elo effektiv an all Schoul en IEBS hunn, dat ass jo dann den Instituteur pour enfants à besoins spécifiques, dat ass jo deejéinegen deen am Fong hëlleft wann d'Krisen ent-

stinn an där hu mir der jo net wéineg, datt fir do den Enseignanten ze hëllefen éischtens eemol d'Kanner aus dem Sall erauszehuelen, plus dann awer och ze hëllefen, wéi kann ee mat deem Kand do ëmgoen, wat fir Mesuré kann een do huelen.

Wat den Accueil matinal ugeet, do war ech e bësselchen iwwerrascht elo ze héieren datt do ënnerschiddlech Zäite stoungen. Ech géif awer just mengen, datt dat awer eng kleng Faute de frappe war, well wa mir, wéi mir dat an der Zäit gemaacht hunn, wa mir eppes aféieren iwwer Diddeleng da féiere mir et net a fir dat eent oder anert Gebai, mä fir se alleguerten an dofir géing ech mengen, dat wier eng Faute de frappe. Et ass iwwerall véirel vir siwen, och fir d'Eltere vum Brill, wou Dir do gesot hutt Madame Kayser.

Wat de PEP ugeet, et fält op, villäicht lech net esou mä mir awer, datt d'Aktivitéiten och emol vun de Schoulen ausginn a net méi just vun der Maison Relais aus. Dat heescht, mir hunn 2009 am Fong déi Missioun do iwwerholl. PEP heescht Plan d'encadrement périscolaire. Do kéint jidderee mengen dat wier alles wat ausserhalb vun de Schoulen ass mä et war deemools geduet ginn, datt effektiv d'Schoulen och sollten do Aktiounen maachen no der Schoul, wéi zum Beispill, wéi deemools ugeduet war, anzeféieren an esou weider an esou fort, an dofir, déi Aktivitéiten déi elo am PEP hei stinn, sinn effektiv och déi Initiativ vum de Schoulen. Dat heescht, de Brill in Concert ass vun engem Schoulmeeschter gemaacht ginn. D'Maison Relais ass ëmmer do fir z'ergänzen a fir Aktivitéiten weiderzeféieren, mä et muss ee soen, datt d'Aktivitéit selwer vun engem Schoulmeeschter deemools ausgeféiert ginn ass. Grad wéi de Liesclub an der Mëttesstonn um Deich ass och d'Léierpersonal déi do mat de Kanner liesen. Also, wéi gesot, dat sinn awer Saachen, och d'Schoulgäert, dat ass dann éischter eppes fir d'Hänn. Den Deich an de Strutzbierg, do ass d'Collaboratioun Schoul – Maison Relais natierlech méi grouss. Gutt, voilà, also wéi gesot, dat ass net méi datt dat reng sech resüméiert datt d'Maison Relais do muss Aktivitéiten erfanne, respektiv ausféieren, mä si gi wierklech an Zesummenaarbecht mat der Schoul gemaacht. Ze begrëssen ass dann eben déi gutt Zesummenaarbecht vun der Schoul mat der Maison Relais, dee villen Austausch, d'Maison Relais huet gutt Relatiounen mat der LASEP, der Musekschoul ; d'Schoul mat der Maison Relais a mat der Eltereschoul an esou weider an esou fort.

Also, et ass scho flott fir dat ze gesinn, wéi dat haut bal zu enger Selbstverständlechkeet ginn ass wou een am Ufank dann awer e bësselchen huet missen de Leit fléiwe fir do awer trotzdem déi zwou Strukturen un een Dësch ze kréien. Viru ville Joeren ass dat jo am Ufank getrennt



gewiescht a schwierig gewiescht, mä dat ass awer elo wierklech esou gewuess datt mir hei vun enger Normalitéit schwätzen, datt mir hei och d'Maison Relais quasi ëmmer an d'Schoulorganisatioun mat eranhuelen an eben, wéi gesot, datt dat wierklech gutt funktionéiert. Dann awer och wéi gesot e Luef vun eis un de Service Santé scolaire fir hire Rapport vun hirer Aarbecht, hiren Aktiounen am Kader vun der Éducation à la santé mat de Schoulkanner. Do gëtt och, wéi gesot, ganz vill Aarbecht nach gemaacht, déi am Fong net misst gemaacht ginn, awer wierklech dofir e Luef fir déi ganz Aktivitéiten.

Voilà, an dësem Sënn e grouse Merci un all Acteuren, déi un der Schoulorganisatioun Joer fir Joer schaffen, der Schoulschäffin, dem Erni Ferrari a sengem Service, dem Service Maisons Relais, deen och do sàin Dénge mat eraspillt, plus alleguerten dem Léierpersonal, Schoulpresidenten an esou weider an esou fort fir datt mir iwwerhaupt kënnen esou eng Schoulorganisatioun definitiv stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER) :

Merci dem Här Zuang fir seng Ausféierungen. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Friedrich.

JEAN PAUL FRIEDRICH (CSV): Jo, ech wollt just kuerz e puer Wuert soen, well ech duerch déi familiär Situatioun – dat Klengt ass dëst Joer fir d'éischt an de Precoce gaangen uewen an der Lenkeschléi an ech ka nëmmen all deenen, déi dat organiséieren an och dem Léierpersonal e grouse Luef zouschousteren well ech muss soen, datt dat wonnerbar klappt do uewen. Si hunn eng Manéier fir mat de Kanner ëm ze goen, déi wierklech exzellent ass an et gesäit een datt si elo net... datt déi Kanner och frou si fir dohinner ze goen. Dat beweist datt dat och eppes ass, datt d'Léierpersonal elo net nëmmen dohinner kënnt an da seet hoffentlech ass den Dag geschwënn ëm, mä et gesäit een datt si effektiv ganz vill mat de Kanner maachen an et ass och esou, datt si ganz vill mat hinnen erausginn. An dat ass och eppes wat immens begréissenswäert ass, soubal d'Wierder et eenegermoossen zouléisst, da sinn si dobaussen, wat de Kanner immens gutt deet. Déi ganz Organisatioun klappt wonnerbar. Et kann een zu all Moment, also wann een dat mat Zäite seet, am Precoce soen, ech kommen zum Beispill dat Klengt um zwou Auer sichen, dat ass gutt organiséiert mat de Formulieren, déi een dann dee Moment zur Verfügung huet. Mam lesse klappt et tipptopp. Et gesäit een, datt d'Kanner dat mat Wuel eranhuelen. Dat ass och elo esou, datt mol eng Kéier ee Menu derbäi ass deen och net schmaacht, dat ass normal. Dat war och zu eiser Zäit esou.

Mä, wéi gesot, e grouse Luef un si alleguerten, dat klappt wonnerbar, déi sinn immens frëndlech an d'Kan-

ner sinn immens frou do uewen an ech mengen, datt dat immens begréissenswäert ass a wann dat an deenen anere Gebaier och esou ass, da kann een dat nëmmen ervirsträichen, datt dat wonnerbar klappt. An déi Leit sinn tipptopp engagéiert an et ass Genoss ze gesinn, datt déi Kanner déi do si mat enger Freed dohinner ginn. Dat wollt ech eng Kéier bemierken. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Friedrich fir Är Zoustëmmung an Äre Plädoyer. Nach weider Stellungnahmen ? Dat ass net de Fall. Da géng ech proposéieren, datt souwuel d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wéi och dann den Erni Ferrari op déi verschidde Punkte wäerten agoen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci. Ech probéieren op déi eenzel Punkten anzegoen. Psychomot ass gesot ginn, hei den Här Michaux géng probéieren ze intervenéieren fir datt och d'Psychomotricienne kënnt bei eis an d'Maison Relais. Also, ech stelle mir dat elo relativ schwierig vir, well hie jo eigentlech nëmme fir den Enseignement fondamental, fir d'Schoul zoustänneg ass. Nach ass et esou, datt mir awer kënnen eng Ufro och als Maison Relais, also och do kréie mir der accordéiert. Mir sinn awer do nach net sou wäit, mir sinn do amgaang auszeschaffen. D'Ëmfro Precoce, den Här Zuang huet et gesot, jo déi ass eraus, mir hunn awer nach keng Auswärtung, dat heescht d'Äntwerte kenne mir net, mä déi ass awer gemaacht ginn. Ech wëll awer dozou soen, et gëtt ëmmer vill spekuléiert ëm de Precoce, et ass relativ schwéier. Mëttlerweil ginn d'Kanner vun 0 oder 3 Méint bis ech weess net wéini an d'Crèchen an ech fannen et ëmmer ganz schwierig wann Elteren e Kand an der Crèche hunn ab 3 Méint, dann d'Kand erauszehuelen an an de Precoce e Joer ze ginn an dono an d'Spillschoul. Dat heescht, dat ass fir kleng Kanner relativ vill Wiessel. An an der Crèche mengen ech, sinn si jo och gutt versuergt, si kréien do och ganz vill bäibruecht. Also, ech mengen, mir hu jo lo selwer Crèchen, wou mir gesinn datt ganz ganz vill och mat de Kanner geschafft gëtt.

Baltzing/Wolkeschdall ass gefall. Ech muss lech éierlech soen, dat Ganzt war nëmme méiglech well d'Personal, souwuel d'Léierpersonal wéi och d'Personal aus der Maison Relais hei erëm eng Kéier zesumme geschafft huet. Et ass ganz gutt ukomm zu Baltzing. Virun allem déi ganz Kleng déi soss hu missten hin- an hier transportéiert ginn, déi kënnen um Site bleiwen. Mir hunn e Beweegungssall. Mir hunn awer op deenen zwee Sitte probéiert e bësselchen aner Saachen ze maachen, am Schoulhaff hu mir Molereien, mir maachen Héichbeeter, déi sollen elo mat sou datt d'Maison Relais awer e bësselchen aner Saache mécht wéi d'Schoul. Dofir hu mir och baussen erëm dofir gesuergt, datt si awer e



bësselche méi hunn. Bon, Accueil, do muss ech mech entschëllegen, dat ass effektiv en Tippfeeler, dat ass 6:45 Auer iwwerall an all Gebai.

Pedibus – jo mir hunn de Projet net opginn. Mir wäerten e vereinfachen. Nach ass et immens schwéier fir elo am Wanter ze soen oder am Hierscht, mir starten dee Projet. Also, mir bleiwen do derhannert an am Abrëll wollte mir dann erëm eppes Neies lancéieren, wou d'Kanner net mussen onbedéngt an der Maison Relais ageschriwwen sinn. Bewegte Schule war gefall, schuet, datt dat net uleeft. Ech hunn elo de Moien zwou Schoule gesinn, déi sech gemellt hu beim Guy. Dat ass de Strutzbierg an den Deich, sou datt déi och elo amgang sinn, dat ulafen ze loossen. D'Bildungshaus wëll dat sou wéi sou maachen. Do huet de Guy och e Rendez-vous mam Aarbechtsgrupp. Also, mir hu jo och eigentlech réischt lancéiert an d'Schoulmeeschteren, bis datt si ageschafft sinn, si brauchen awer e Mount, Oktober, wou si sech aschaffen an déi wäerten och elo mam Guy zesumme kucken. Ech halen lech och do um Lafenden. Bildungshaus ass gefall – jo, do kënnt nach ganz vill Aarbecht op eis duer, och de Reglement. An da war eppes wat mech awer e bësselchen iwwerrascht huet an dat ass de leschte Punkt, dat ass dee Brëif deen un d'Eltere soll gaange si vun der Waldschoul... Also dat kann net sinn. Ech wéisst net wien dee sollt erausgeschéckt hunn, dat ass guer net esou. Et si Gespréicher, wat geschitt mat der Waldschoul, wat fir eng Kanner sollen an d'Bildungshaus goen. Ech mengen, mir hu jo och mam Aarbechtsgrupp geschafft a geschwat, wat fir eng Kanner mir herno an dat Bildungshaus schécken.

Waldschoul, dat wëll ech ganz éierlech soen, do si mir jo all Joer an dat weess jiddereen heibannen, et gouf och virdrun ugeschwat, d'Situatioun mat deenen EichenprozeSSIONsspinner, déi wäert sech an deene nächste Joeren net verbessern a mir kommen dann ëmmer esou an en Zwang – maache mir zou, maache mir net zou? Wéi schlëmm ass et? An an an... sou datt en Undeken do ass – Wat maache mir mat der Waldschoul? Fir mech soll all Kand kënne an eng Waldschoul och emol goen a net nëmmen dräi Joer déi aus dem Brill, mä do si mir nach ze wäit dovun ewech. Mir sinn amgaangen... mir hu Leit, déi e Konzept ausschaffen, wat ee kéint mat der Waldschoul maachen. Déifferdeng huet eng Bëschschoul, muss ech soen, ass ganz flott, awer do si mir nach villäicht e bësselchen dovun ewech. An de Brëif ass mat Sécherheet net un d'Eltere gaangen... Voilà, Erni Ferrari, villäicht du nach?

ERNI FERRARI (CHEF VUM SCHOULSERVICE): Dir Dammen an Häre vum Schäfferot an och vum Gemeengerot. Als alleréischte wëlt ech nach eng Kéier der Schoul-direktioun gäre Merci soen. Déi Zesummenaarbecht

mat hinne klappt wonnerbar. Mir hu guer kee Problem fir mat hinnen eens ze ginn. Wat d'Schüler dann betrëfft fir dëst Joer. Mir hunn elo keng gréisser Ännerunge gehat, glécklecherweis. Mir hunn zum Beispill déi Klassen am Brill, wou schon 20 Schüler am Cycle 2.1 waren, déi sinn dann och op der Zuel bliwwen. Mir sinn net op eng Moyenne vun 23 geklomme wéi ee Moment gefaart gouf. Et muss een awer och soen, datt mir zwee Kanner um Ribeschpont am Cycle 2.1 ënnerkruten, déi dann elo net 10 Kanner hunn, mä 12 Kanner. Deemno hu mir dat iergendwéi gutt equilibréiert kritt. Dat selwecht och mat de Kanner am Cycle 1 vum Quartier Italien an Deich, do hu mir och d'Moyenne an d'Kanner relativ gutt op déi eenzel Klasse verdeelt kritt, esou datt d'Moyennen do och zimlech OK sinn. Op der anerer Säit hu mir nach 10 Kanner am Cycle 1 iwwer de Summer bäikritt an et sinn der onglécklecherweis och 7 fir de Strutzbierg gewiescht. Bon, bei fënnf Klassen krut dee Surplus sech nach gutt verdeelt. Si sinn elo op 15-16 Kanner pro Klass. Et ass elo net datt et dramatesch ass. Mir wëssen awer och datt do vill Kanner sinn, déi aus Foyere kommen a mir hate probéiert fir d'Effektiffer do esou kleng wéi méiglech ze halen, wat eben elo net ganz gelungen ass.

Bon, soss ganz allgemeng... mir hunn 30 Kanner mander wéi d'lescht Joer ëm dës Zäit. Dat wäert sech och d'nächst Joer erëm op de Contingent auswierken. Et muss een awer och soen, datt doduerch, datt mir elo am Precocé déi X-Plagen ugebueden hunn (an d'Kanner fënnf Mol oder méi oft kënne kommen), déi Kanner herno fir de Contingent als ganz Kanner verrechent ginn, sou datt mir dann doduerch och erëm e puer Stonne gewanne wäerten. Am Precocé si mir ongeféier op deem Niveau wéi mir d'lescht Joer och waren. Et sinn eng 80 Kanner awer elo net am Precocé ageschriwwen ginn. Do war och gesot ginn, datt mir eng Ëmfro maachen. Déi geet eréischt haut oder de Méindeg eraus. Eise Problem ass, mir mussen momentan am Schoulservice kucke fir en anere Programm ze kréie fir d'Kanner ze geréieren. Dee Programm, dee mir vum Bob Claude iwwerholl hunn a deemools vum Schoulmeeschter Luc Hensen opgebaut gouf, dee stéisst no 20 Joer lues a lues u seng Grenzen an do si mir zënter enger Zäit amgang fir en neie Programm op d'Been ze setzen. An do mussen awer nach kleng Feeler behuewe ginn. A mir wollten elo net d'Bréiwer un Elteren erausschécken déi guer net beträff sinn. Do hate mir nach kleng Korrekturen ze maachen. Dee Brëif wäert awer hoffentlech de Méindeg spëtstens erausgoen. An dofir hu mir leider nach kee Resultat fir de Moment, mä dat ass da fir e bësselche méi spët. Bewegte Schule - d'Schoule krute dëst Joer erëm nei Comitéen, no fënnf Joer sinn nees nei Schoulcomité gewielt ginn. Do si verschidde Comitée komplett nei opgestallt gi mat neie Presidentinne oder Presidente.



Déi hunn sech mol misste déi éischt Wochen aschaffen. Si treffen sech wahrscheinlech de 26. November mam Service des Sports fir no deem Projet ze kucken. Et war de Wonsch vun de Schoulpresidenten fir dee Projet net direkt am Ufank ze diskutéieren. Déi drëtt Turnstonn, do muss ech soen, genee kennen ech elo de Plan d'études net, deen d'Schoule anhale mussen. D'Schouldirektioun huet och bis elo näischt drun ausgesetzt gehat. Et sinn nëmmen zwou Stonnen an eise Planning virgesinn. D'Enseignantë hu jo nach ëmmer nach d'Méiglechkeet fir déi drëtt Turnstonn selwer mat de Kanner ze halen. Mir hu fir déi meeschte Klasse vum Cycle 2-4 fest Turnstonne virgesinn, déi vun engem aneren Intervenat gehale ginn. Mir hunn awer och eenzel Enseignante, Titulairë, déi Turnstonne selwer halen, dat kënnt lues a lues och ëmmer méi. An dann, wéi gesot, hunn d'Enseignantë jo och d'Méiglechkeet fir déi drëtt Turnstonn an hirem Horaire selwer ze halen. Et muss een awer bedenken, eis Turnhale stoussen deelweis, wéi am Brill, un hir Grenzen, sou datt dat net iwwerall méiglech ass. Zu Butschebuerg kéint si et gutt maachen, do hu si nach genuch Plaz oder Zäitplagë fir et ze maachen. An der Schoule Brill, Gaffelt, do gëtt dat méi enk... Wéi gesot, d'Titulairë kennen hire Plan d'études, also denken ech, datt si dat awer elo esou maachen, datt d'Direktioun och domat averstanen ass. Mir hunn do weider keng Remarquë gemaach kritt an deem Sënn.

Voilà, dann ewéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries scho sot, Bréiwer punkto Waldschoulsklassen hu mir net erausginn, dat ass mir elo wierklech nei. Mir hunn elo réischt ugefaang ze kucken wéi eng Kanner iwwerhaapt a Fro komme fir d'nächst Joer an d'Bildungshaus geschéckt kënne ze ginn. Mir sinn amgaang ze kucken, wéi een Ressort kéint a Fro kommen, an elo mussen mir am Detail kucken wéivill Kanner a Fro géife kommen, wéivill Klasse mir dohinner kréien... Déi Aarbecht leeft am Moment. A wéi gesot, do wëlle mir och näischt iwwerstieren, well mir jo och keng Feeler an deem Punkt maache wëllen. D'Josiane hat nach erwänt, datt mir och Remplaçantë vun der Direktioun zur Verfügung gestallt kréien. D'Schouldirektioun huet jo och e ganze Koup Enseignantë vum Staat kritt fir Ersetzen ze maachen. Dovu hu mir elo momentan 13 Remplaçanten, déi eng École d'attache an eise Schoule hunn. Dat heescht, wann si elo net agesat gi fir op Käl, Téiteng oder Rëmeleng ersetzen ze goen, dann hëllefen si an eise Schoule punktuell do aus wou de Besoin am gréissten ass. Et muss een awer elo natierlech och soen, datt besonnesch zu dëser Zäit vill Enseignantë krank sinn, sou datt am Moment net immens vill Stonnen iwwereg bleiwe wou si asprange kéinten. Voilà. Ech mengen ech hätt elo näischt vergiess. Da géing ech lech och Merci soe fir Är Ënnerstëtzung, déi mir ëmmer vun lech kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER) :

Merci Erni Ferrari och fir deng Erklärungen an Ausféierungen, déi s Du ginn hues unhand vun deene Froen, déi hei gestallt goufen. Merci, wéi gesot, och fir den Asaz vun den Enseignanten an dem edukative Personal um Terrain am Alldag. An ech mengen, fir datt mir dat och weiderhi kënnen ënnerstëtzen, brauche mir d'Zoustëmmung vum Gemengerot fir déi definitiv Schoulorganisatioun op de Wee ze schécken an dofir géing ech froen, ass de Gemengerot esou wéi se hei presentéiert gouf averstanen ? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci an och dem Erni Merci datt en de Moien Zäit hat heihinze kommen. Merci.

6. APPROBATION VUN DE MODIFIKATIONEN AN DER ZESUMMESETZUNG VU VERSCHIDDENE KONSULTATIVE GEMENGEKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER) :

Bei deem nächste Punkt geet em d'Kompositioun vun eise konsultative Gemengekommissionen an do hate mir e Courier kritt wou dann och d'Demande ass, datt an der Drëttalterskommissioun den Här François Nicolay d'Madame Margot Block soll ersetzen. Den Här François Nicolay soll och d'Madame Block ersetzen an der Hygiëneskommissioun. Aus dem Pool des Remplaçants soll d'Madame Margot Block erausgeholl ginn an an der Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul gëtt am Fong d'Madame Sandra Lux ersat vun der Madame Annik Mathias eben am Kader vun der Kompositioun vun de Museksensembeln.

Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen ? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



7. ADOPTION VUN ENGER STRATEGIE AM HIBLÉCK OP DE VERZICHT OP EE-WEE-PLASTIK-VERPAKUNGEN A PLASTIK AM ALLGEMENGE BEI ÉFFENTLECHE VERANSTALTUNGEN A KONZEP-TION VUN ENGEM “ZERO WASTE” AKTIUNSPLANG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Adoption vun enger Strategie par rapport zum Plan d'action "Zero waste" fir effektiv déi Diskussioun weiderzeféieren unhand vun där Diskussioun, déi mir jo schonn am Juli hei am Gemengerot hatten. Unhand vun der Motioun vun deene Gréngen, wou mer jo wéi gesot esou verbliwwe waren, datt dat vun der zoustänneger Kommissioun, der Umweltkommissioun, sollt weiderbehandelt, traitéiert ginn, completéiert ginn, an ech mengen do hu mir jo och Wuert gehalen. Dofir si mir och haut hei wou mir déi Strategie effektiv kënne virstellen. An ech géif och do dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Effektiv, nodeems mir am Juli jo hei am Gemengerot diskutéiert hatten an eis net eens waren iwwer déi Motioun vun deene Gréngen, an och an der Press, d'Iwwerschrëft war "Wenn Nachhaltigkeit zum Zankapfel wird", dat mir awer net wëllen, hat ech lech jo versprach, dass mir géifen d'Umweltkommissioun mat deem Dokument befaassen an ech hat och gesot, dass mir géifen déi zwee gréng Conseilleren, déi déi Motioun jo initiéiert hunn, géifen an déi Kommissiounssëtzung alueden, dat hu mir dunn och gemeet. De 15. Oktober, war déi Sitzung. Ech wëll nach derbäifügen, dass mir och an déi Sitzung den Ökozentler Pafendall invitéiert hatten, wéinst de Green Events, wou si jo elo och an d'Liewe geruff hunn. Et ass och esou, dass ech mat mengen zwee Umweltberoder en neit Dokument ausgeschafft hat fir der Umweltkommissioun virzeleeën. An Dir wäert lech da froen, wat ass dann elo Grousses dobäi erauskomm, respektiv wou sinn déi grouss Ännerungen? Opgrond vun der Motioun vun deene Gréngen, kann ech just mol schonns soen, dass mir eleng schonn optesch e puer Ännerunge virgeholl hunn. Dat heescht, d'Einleitung, de Préambule, war bei deene Gréngen dräi Punkten, elo hu mir der 7. An d'Suitten, d'Moosnamen, dat waren der deemools 6, an dat sinn der elo schonns 11. Dir gesitt also, dass do awer scho relativ vill geschitt ass. Ech géif da proposéieren, dass ech dann lech déi Motioun oder déi Resolutioun oder déi Opfuerderung eng

Kéier géif ganz kuerz virstellen, wéinst der Press och eleng. Dass de Gemengerot a Consideratioun vun der europäescher Strategie fir Kunststoffen an der Kreeslafwirtschaft vun der EU Richtlinn fir Ee-Wee-Kunststoff an den entspreche Voté am Europaparlament, vun der Regierung hirer Strategie "Pour un avenir sans plastique. En route vers une société "zéro déchet", vum Klimapakt mat dem EEM-Moosnamekatalog, vum Règlement d'ordre interne, vun den Diddelenger Schoulen, duerch deen an den Diddelenger Schoulen a Maison Relais op Ee-Wee-Plastik verzicht gétt, vum Bestrewe vun der Stad Diddeleng, sech un enger regionaler Wäschanlag fir Méi-Wee-Becheren ze bedeelegen, vum Projet Green Events, vun de rezenten Iwwerleeunge vun der Umweltkommissioun an hirer Sitzung vum 15. Oktober 2019, vum ëmgeännerte Gemengesetz vum 13. Dezember 1988, fuerdert de Schäfferot vun der Stad Diddeleng op, de Règlement d'ordre interne vun den Diddelenger Schoulen op d'effentlech Gebaier vun der Gemeindeverwaltung auszeweiden, eng Charta fir Veräiner ausschaffen ze loosse, déi d'Punkten effentlech Manifestatiounen, Offallgestioun, Belichtung, Stroum, Heizung, Dréinkwaasser an Transport behandeln.

Am Verdeelungsmechanismus vun de Subside fir d'Veräiner zousätzlech Consideratiounen vun ökologesche Kritäre bäizefügen. En allgemengt Verbuert anzeféiere fir al Form vun Ee-Wee-Plastik, spezifesch fir effentlech Manifestatiounen, déi vun der Gemeng organiséiert ginn, déi op effentleche Plaze stattfannen, déi vun der Gemeng de Veräiner zur Verfügung gestallt ginn, oder vu Veräiner organiséiert ginn, déi dobäi vun der Gemeng logistesche ënnerstëtzt ginn. De konsequente an intensive Tri vum Offall bei sämtlechen effentleche Manifestatiounen ze garantéieren, vun egal wéi enger Gréisst an Envergure, an onofhängeg vun der Lokalisatioun, woubäi de gesammelte Offall jee no Funktioun ze erfassen ass, Volumen respektiv Gewicht. Des Donnéeën mussen uschléissend analyséiert an ausgewäert ginn, mam Zil fir den Akaf bei gläiche Manifestatiounen z'optimiséieren an Ee-Wee-Kunststofffräi ze kréien. Seminaren a Workshope betreffend Offallgestioun, Schwéierpunkt Offallvermeidung, Reduktioun an Trennung vum Offall an de kommunale Strukturen anzeféieren, un deene sämtlech Beamten an Aarbechter verpflichtet sinn, aktiv a regelméisseg deelzehuelen, wéi och gewielte Vertrieeder a Membere vun der Kommissioun invitéiert ginn ze partizipéieren. De Veräiner en eegene Méi-Wee-Bechersystem op Basis vun engem Pfand zur Verfügung ze stellen. All dës Mesuren an der uewe genannte Charta opzehuelen. D'Veräiner am Virfeld iwwert d'Charte an iwwert d'Mesuren, déi effentlech Manifestatiounen betreffen, am Detail z'informéieren, an och d'Veräiner anzeluende fir Virschléi dozou ze maachen.



Dass en Aktiounsplang "Zero waste" Bestanddeel vum nohaltege Waasserplang soll ginn an de Service Protection de l'environnement et du développement durable ze changéieren. Eng Analys ze maachen, wéi eng Informatiounscampagnen zu dësem Thema kënnen organiséiert ginn. Ech wëll dozou bemierken, dass dat heiten an der Ëmweltkommissioun eestëmmeg ugeholl ginn ass. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid fir seng Ausféierungen. An d'Wuert hunn sech gefrot den Här Gangler an den Här Garcia.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Bürgermeeschter. Ech géif direkt awer elo virausschécken, d'CSV ass jo selbstverständlech mat allem d'accord wat ekologesch an energetesch Mesurë sinn, déi d'Diddelenger Gemeng trifft an déi eis am Klima virubringen. An dësem Projet geet et jo dann ëm de Verbuet vun Ee-Wee Plastik an d'Reduktioun vum Gebrauch vum Plastik am allgemengen. De Gemengerot baséiert sech jo do op déi ganz Rëtsch vun europäeschen, nationalen a lokalen Efforten, dorënner och de Projet Green Events, mä wien heibanne weess dann, ëm wat et do geet, wann en net grad do an der Ëmweltkommissioun vum 15. Oktober war, wou dat virgestallt ginn ass? Musse mir dann eben unhuelen, dass dat supposé connu ass? An de Gemengerot fuerdert also de Schäfferot op, eng Rëtsch Mesuren ze huelen, vun deenen der e puer un déi Motioun ebe vun deene Gréngen erënneren.

Ënner anerem steet elo do, dass de Schäfferot de Règlement d'ordre interne vun den Diddelenger Schoulen op ëffentlech Gebaier vun der Gemeindeverwaltung soll ausweiden. An ech muss soen, ech fannen déi Formulatioun elo e bëssen onglécklech, well et geet jo hei net ëm ee Règlement d'ordre interne vun den Diddelenger Schoulen, well et gëtt 4 Règlement-d'ordre-internen an deene 6 Schoulen an an deene Reglementer do sti jo nach eng Hellewull aner Saachen dra wéi Themen déi d'allgemengt Behuelen, de Schoultransport, d'Disziplin, de Gebrauch vun Handyen asw. regelen. Ausserdem ass an deene Reglementer jo da just den Zousaz gemeinsam, deen no Proposition vum der Schoulkommissioun an duerch de Vote vum Gemengerot vum 8. Juli als komplementären Artikel opgeholl gouf an zwar dee vum "Esprit de promotion écologique", deen de Gebrauch vu Plastik an d'Vermeide vun Ee-Wee Plastik behandelt. Et ass genau just dësen Artikel, dee mir also wëllen op d'ëffentlech Gebaier vun der Gemeindeverwaltung ausweiden an net de Rescht vun deem ganze Règlement interne. Sou wier et vläit ubruecht, d'Uspilling op dëse spezifischen Artikel vum Esprit de promotion écologique an den Énoncé vun dësem Reglementsprojet dranzesetzen an net dee ganze Règlement d'ordre interne.

Da soll eng Charte mat de Veräiner ausschaffe gelooss ginn, fir allméiglech Ustéiss zur Ee-Wee Plastik Vermeidung, awer och zur Offallgestioun an Energiespuere mat de Veräiner ze regelen. En éischte Croquis vun esou enger Charte war jo schonn och an der Ëmweltkommissioun virgeluecht ginn. Meng Fro ass: Wie soll elo déi Charte ausschaffen? A gëtt déi duerno och dem Gemengerot virgeluecht, fir dass e kann driwwer ofstëmmen? Ech hat schonn an der Ëmweltkommissioun gesot, dass ech et net gutt géif fannen, wann een elo d'Veräiner an där Offall- an Energieproblematik géif wëlle sanktionéieren, esoubal déi Charte fäerdeg ass. Vill méi misst ee probéieren, d'Veräiner ze motivéiere fir mat der Gemeng op dee richtege Wee ze goen, fir se ze incitéieren, ze sensibiliséieren an ze begleeden. Mir hoffen, dass dat an där definitiver Versioun vun där Charte dann och ëmgesat gëtt. Fir déi Veräiner, déi déi Charte matdroen an och anhalen, ass an deem Sënn geplangt hir Subsiden unzepassen an an de Verdeelungsschlëssel déi nei ökologesch Kritären eranzebréngen. Well d'Oppositioun, an d'CSV am speziellen, an de leschte Joere regelméisseg hei den aktuelle Verdeelungsschlëssel wéinst Intransparenz a willkürleche Variatiounen op dëser Plaz ugefecht huet, bleift et fir eis natierlech elo spannend, fir gewuer ze ginn, wéi dësen Ökosubsid da soll ausgesinn. Déi selwecht Froe wéi bei der Charte drängen sech op. Wie schafft dann elo de Verdeelungsschlëssel aus? A kann de Gemengerot hoffen, an deem Fall herno matschwätzen ze dierfen oder gëtt deen och no der Appréciation personnelle vum Schäfferot opgesat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

"D'Appréciation personnelle vum Schäfferot", dat do geet ganz wäit, dat do geet ganz wäit, Här Gangler. D'Appréciation personnelle vum Schäfferot bei der Verdeelung vun de Subsiden ass keng Realitéit. Dat do geet ganz wäit.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat wier eng Citatioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat ass keng Citatioun, pardon.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat misst een nosichen, mä ech hat dat als Citatioun an Erënnerung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

Da si mir net ganz wäit vu Favoritismus. Dat loosse ech hei net gëllen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass awer eng Citatioun. Bon. Mir kënnen dat nokucken... Maja et war awer eng, jo mä et war jo am Kontext, et ass jo entre guillemets...



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dir kënnt weiderfuere Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Do muss een och bedenken, dass déi gréisst Zuele vun de Veräiner net op Gemegefester aktiv ass, déi jo hei ugeschwat sinn, mä dofir awer och ganz grouss Ustrengungen an dëser Richtung op hire sougenannte Privatfester, op hiren eegene Sitte mécht. Elo dierf een net vergiessen, och déi Veräiner mat an d'Boot ze huelen a mat de Subsidien ze belounen. Wat dat geplangte Verbuet fir Ee-Wee-Plastik bei ëffentleche Manifestatiounen ugeet, sou ass et an eisen Ae scho richtig, een drastesch Verbuet opzesetzen an net zaghaft Recommandatiounen. Wat den Tri vum Offall an d'Recycléieren ugeet, sou bemängelt d'CSV scho säit längerem, dass bei grousser Gemegefester bis elo nach ni eng Méiglechkeet geschaf gouf, fir Offall ze trennen, mä dass generell alles an déi rout Dreckskeeschte geheit gouf. An domat begrësse mir dann och, dass elo éischt Ustrengungen an déi richtig Richtung vun der Offalltrennung gemat ginn. Da gëtt hei geschwat vu Seminairen an Aarbechtkreesser, Workshopen, déi solle geschaf gi fir Offallvermeidung an Offalltrennung un de Mann respektiv un d'Fra ze bréngen. Informatioun ass zweifellos eng ganz wichteg Saach an si bréngt eis och ganz bestëmmt nach Pluspunkten am Klimapakt.

Allerdéngs, si mir e bësse skeptesch iwwer dësen obligatoreschen Ënnertoun vum gesamte Gemegepersonal an och de Gemengerot an d'Kommissiounsmembere sollen do invitéiert gi fir ze partizipéieren. Bei der Envergure vun deene Moosnamen drängen sech natierlech eng ganz Rei Froen op, déi mir frou wiere vum Schäfferot beäntwert ze kréien. Wien hält déi Seminairen of? Ass dat de Service de protection de l'environnement et du développement durable, also déi dräi Leit aus dem gréngen Haus, déi jo och méi wäit am Text mat der Informatiounscampagne beoptraagt ginn? Hunn déi Leit dann Zäit dozou fir eis iwwer 500 Gemegebeschäftegten ze forméieren? A wéi bannend ass d'Präsenz op deene Fortbildungen? Ginn Absencë sanktionéiert? Well mir eis de Moment guer net kënne virstellen, wéi deen dote Volet vum Reglement soll realiséiert ginn, wiere mir frou, wann de Schäfferot eis do seng Iddie vun deem Konzept géif erläutere. An da sollen d'Veräiner och am Virfeld iwwert d'Charte informéiert ginn, an si sollen och kënne Virschléi dozou maachen. Wat fir en Delai schwieft dem Schäfferot do vir? Soll alles virun deenen nächste grousser Gemegefester, Chrëschtmaart, Nuit des sports, Fête de la musique, Nationale Feierdag, Familljendag, Fête des Cultures, Butschebuenger Buergfest, scho ficeléiert sinn? Op Ministèrenniveau gëtt, esou wäit ech informéiert sinn, vun enger Iwwergangszäit bis 2021 geschwat. Wat fir en Delai wëll

sech dann de Schäfferot an dësem Fall setzen? A wéi ass et dann elo mat de konkrete Virschléi, déi d'Veräiner kënne maachen, mä hoffentlech och Privatleit, zum Beispill dass ee kéint Drénkfontainen opriichten, wou ee säi Bidon ka fëllen, oder aus wat fir engem Material d'Veräiner solle bei Lafcoursen hir Pisten zeechne kënne. Dat sinn deelweis Froen, déi d'Veräiner sech stellen a wou kënne si déi dann eraginn? Kéint een do vläit op Dudelange.lu eng Art Forum ariichten? A schlussendlech hoffe mir dann och, dass déi geplangte regional Wäschanlag fir Méi-Wee-Becheren endlech Realitéit gëtt. Fir dass deen Unfug ophéiert, dass knaschteg Bechere mussen op Ëlwe geféiert ginn, fir do gespullt ze ginn. Schlussfolgerung: Et bleift also ze soen, dass d'CSV selbstverständlech dee Projet hei matdréit, dass awer nach verschidde Formuléierungen onkloer sinn an nach e puer Froen misste beäntwert ginn. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Gangler. Den Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ier de Plastiksbecher elo hei vun Emotiounen iwwerschaimt, wollt ech da mech kuerz faassen a méi sachlech ginn. Ech wëll just vläit kuerz drop zrëck kommen, firwat dass déi Motioun awer an der Ëmweltkommissioun gelant ass, obwuel mir dat net wollten. Dat wollt ech awer vläicht kuerz rappeléieren, an och da vläicht d'Fro stellen ob dann elo dee Plastiksbecher hallef voll oder hallef eidel ass. Ech wollt vläicht e kleng Rappel maache vum 7. oder 8. Juli. Do hate mir jo eng Situatioun, déi hei op Facebook esouguer als Eclat am Diddelenger Gemege-rot bezeechent ginn ass. Well, et war jo skuril, do ass eng Motioun am Kader vun enger Interpellatioun hei deposéiert ginn, wou de gesamte Schäfferot e bëssen ugefangen huet "Jo, jo mir si mat allem d'accord, mir huelen se awer net un an d'geet an d'Ëmweltkommissioun. An do huet dann ee vun de Grénge kraaft senger Erfahrung gesot, wann se bis an der Ëmweltkommissioun lant, da kann se och genau esou gutt op de Bëschkierfecht kommen. An do koume mer jo dann zu engem Vote. An dunn huet d'ganz Opposition ebe gestëmmt, dass mir sollen déi Motioun direkt unhuelen, an d'Majoritéit net. Dat ass e bëssen d'Virgeschicht, fir dat nach eng Kéier ze soen.

An dunn huet den Här Manderscheid dann eng Ëmweltkommissioun aberuff wou en eis dann och invitéiert huet an elo muss ech hien dann ausdrécklech luewen, well esou oft gëtt een als Schäffe jo och net gelueft, dass hien dat wierklech ganz konsequent gemaach huet an dass déi Sëtzung do och ganz konstruktiv war. An dann erlaabt mir elo einfach, vir d'éischt e puer Sätz ze soen "de Becher ass hallef eidel", an dann e puer



Sätz''de Becher ass hallef voll'', dann hu mir e gudden Equiliber. Also wann ech elo géif soen, de Becher wär hallef eidel, da géif ech soen Okay, wéi gesot an der Ëmweltkommissioun hate mir eng formidable gutt Diskussioun, an ech mengen, mir sinn do mat engem Lëtzebuerger Konsensmodell erausgaangen.

Mir haten zwar déi Motioun un de Schäfferot eréischt sur place kritt, dat heescht mir hunn se misse ganz schnell duerchliesen. Ech hunn dat eigentlech net schrecklech gâr: Ech hunn ëmmer gâr déi Saachen e puer Deeg am viraus, mä wéi gesot, dat ass net esou ganz schlëmm. Ech sinn allerdéngs dovunner ausgaangen, well mir do schonn en Draft vun enger Charte haten, dass dann déi Charte géif och haut dobäi leien. A wann ech elo rappelieren, do war een haaptsächlechen Diskussiounspunkt bei der Charte, nämlech am Artikel 1 vun deem Draft, do stoung an deem éischten Alinea: "Es besteht auch die Möglichkeit, die Möglichkeit, auf das Cup-System Pfandbecher der Gemeinde zurückzugreifen." Déi et jo bekanntlech gétt, well an der Motioun steet, mir sollen dat aféieren, mä et gétt et jo schonn. An dann an deem nächste Saz steet: "Die Vereine, die Behältnisse aus Glas - an esou weider - benutzen, sind nicht verpflichtet, das Cup System und andere ökologische Alternativen zu nutzen." Jo, wann déi éischt nëmmen d'Méiglechkeet hunn, dann hunn se jo och keng Verpflichtung, an ech mengen d'Diskussioun ass dorëmmer gaangen, mussen d'Veräiner iergendwann eng Kéier de Cup System huelen oder kënnen se nach aner Alternative selwer maachen, wou een oft net weess ob déi dann och deene selwechte Standarden entsprechen. An dofir hat ech mir erwaart, dass déi Charta géif och hei bäileien, dass mir déi kéinte mat ofstëmmen. Wann ech elo nach an der Diskussioun bleiwen "de Becher ass hallef eidel", da géif ech soen, dass de Schäfferot vläit Angscht hat, elo scho fir de Weihnachtsmarkt oder Winterlights, wéi dat da laizistesches heescht, missten d'Leit dann hire Glühwäin a Plastiksbecheren an hir Churros op iergendswelleche Palmblieder iessen, a wollten se dat e bësse vertagen.

Dat géif ech elo soen, wann ech an deem Szenario wier "de Becher ass hallef eidel". Wann ech elo an dem Szenario sinn "de Becher ass hallef voll", da géif ech soen, effektiv, ass et vläit besser déi Charte nach méi breet ze analyséieren an och Punkten dobäi ze hunn, déi am éischten Draft net dobäi sinn. An dofir hoffen ech awer, do rejoignéieren ech och den Här Gangler, et misst awer vläit e gewëssen Delai ginn, wéini dass déi Charte dann do zum Droe kënnt. Well soss waarde mir erëm eng Kéier 5 Joer, bis déi nächst Walen, bis dat zum Droe kënnt. An dofir géif ech vläit awer mengen, de Schäfferot sollt ongeféier eng Zäitschinn eis ugin, wéini dass déi Charte dann eng Kéier zum Droe kënnt an ob se och an de Gemengerot kënnt, dat ass nämlech

och vläit wichteg, well ech weess net ob se muss an de Gemengerot kommen, mä et wier awer vläit ganz sympathesch, well mir elo laang doriwwer geschwat hunn. Ansonsten, wéi gesot, well déi Diskussioun och an der Ëmweltkommissioun wierklech ganz konstruktiv ass a well an der Motioun och déi meeschte Saachen dra-stinn, déi mir och gefuerdert hunn, kënnen mir natierlech déi Motioun un de Schäfferot matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Garcia. Nach weider Stellungnahmen? Den Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also ech ginn elo net méi op den Detail a vun dem Plan d'action hei a vun enger Motioun vun Déi Gréng. Wat mir hei feelt, trotz dass et an der Kommissioun war, ass eng Deadline. En Datum wou verbindlech ass, fir zum Beispill d'Veräiner, dass se keng Plastiksbechere méi däerfen op der Gemeindeplaz benotzen. Dat feelt. Dat heescht, ech kann lech aus eegener Erfahrung soen, wann een elo dat do opbaut, da brauchen déi Veräiner an déi Verantwortlech, brauchen héchstwahrscheinlech en halleft Joer bis ee Joer fir mol ze wësse wéi dat soll funktionéieren, a virun allem och dass d'Leit dat unhuelen. Well et kommen ëmmer rëm déi nämlech Argumenter raus: De Béier ass net gutt an deem Glas, et ass egal wat an an an. Do muss een och déi Veräiner drop preparéiere wat do vun Argumenter kommen. Dat nämlech mat der Kautioun. Et muss ee jo schliisslech e Pfand froen. Do musse mir dann och iergendwéi global eppes ausschaffen, dass do ëmmer dat nämlech gefrot gétt an dass och ëmmer e ePfand gefrot gétt. Net eng Kéier jo an eng Kéier nee. Wat ech och ganz traureg fannen, dass mir ëmmer esou schwätze vu Verdeele vu Subsiden a vu Geld. Musse mir wierklech vu Geld schwätzen? Et geet ëm eis Ëmwelt. Dat geet jiddwereen eppes un. A mir mussen elo net ufänken rëm ze soen, hei da kritt erëm ee Veräi méi oder manner. Also wéi gesot, mir stëmmen dat do natierlech mat, mä wat wierklech einfach feelt ass en Datum vum éischten éischten 2020, dat ass elo just e Virschlag, dat muss net sou direkt sinn, dass ee seet do geet eng Karenzzäit un, wou mir als Gemeng et esou maachen, dass nëmmen nach de Cup System agefouert gétt, an d'Veräiner hunn d'Méiglechkeet, direkt drop zrëckze-gräifen, a si kënnen awer hir eege Saache maachen. Awer ech géif soen ab engem gewëssen Datum, 01.01.2021, dass dat strikt verbueden ass.

Wat ech awer och nach wollt wëssen, well dat ass ëmmer sou eng gefüllte Wourecht. Mir schwätzen elo vu Glieder op enger öffentlecher Plaz. Sief dat e Béierglas, sief dat e Colasglas. Mir hunn ëmmer gesot kritt, dass dat verbuede wär. Dofir, elo wonnert mech, dass och heiansdo hei nach op der Gemeindeplaz Saachen a richtige Glieder



servéiert gëtt. Dofir géif et mech mol eng Kéier intreséieren, ob do een eis mol kéint déi richteg Informatioun ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Jadin. Madame Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll och nach mol hei vu Säite vun der LSAP Fraktioun der Ëmweltkommissioun an dem René Manderscheid felicitéiere fir déi wäertvoll Aarbecht, déi hei an deene leschte Méint geleescht ginn ass. Et ass hei eng Motioun, déi mir hei diskutéieren, dat ass net iergendeng Motioun, déi fuerdert a vague Ëmschreiwunge mécht, wat misst gemat ginn, mä et sinn hei 11 ganz konkret an detailléiert Punkten, déi sollen an noer Zukunft ëmgesat ginn an dat mat alle méiglechen, an alle méiglechen Domainë vun eiser Gemeng. An de Schoulen, an der Gemeindeverwaltung, bei ëffentleche Manifestatiounen oder Fester an och am Veräinsliewen. Ausserdem ass och d'Formation continue hei net ze kuerz komm, déi eng gesinn dat hei iwwerflësseg, ech mengen awer datt dat ganz konsequent ass, datt een allegueren d'Acteuren, déi hei mussen reagéieren a mat agebonne sinn, datt déi och en toute connaissance de cause hei kënnen an hirem Domaine dorunner schaffen. Dëst betrefft dann och Beamten, Aarbechter, Politiker, Membere vun de Commissiounen, a wieder Acteuren.

Wat awer mengen ech besonnesch wichteg ass, ass och mol ze erwänen, dat ass Tatsaach, wéi gutt des Mesure mat deenen nationalen Acteuren um Terrain vernetzt sinn. Fir datt mir hei net eis eegen Zëppche kachen, hei zu Diddeleng, mä effikass a nohalteg agéiere fir relativ kuerzfristeg Resultater ze hunn an des noutwenneg a wichteg Transitioun hinze kréien, an ech mengen et ass keen hei bannen, den déi Transitioun a Fro stellt. Mir mussen agéieren, an dat relativ schnell. Dës Transitioun, déi fir d'Veräiner vläit, wéi den Här Jadin elo grad scho gesot huet, net ëmmer einfach ass, wäert an engem konstruktiven Dialog stattfannen. An ech mengen dat fanne mir och erëm an der Motioun hei, datt d'Veräiner sollen am Virfeld iwwert d'Charte an iwwert d'Mesuren déi ëffentlech Manifestatiounen betreffen, am Detail informéiert ginn, steet hei, an och hir Virschléi dozou kënnen maachen. Natierlech wëlle mir elo hei schonn, oder Verschiddener heibannen, deem virgräifen, an elo hei all Detail scho wëssen, mee wa mir elo hei vu konstruktivem Dialog schwätzen, an datt jiddwereen hei ka säint mat abréngen, seng Doleancen, seng Besoinen, seng Schwieregkeeten, seng Problemer, fir déi Mesuren hei ëmzesetzen, mat deene Responsabele vun der Gemeng hei diskutéieren, kënnen mir selbstverständlech haut nach net bis an de leschten Detail alles presen-

téieren. Mir mussen eis entscheeden hei, ob mir wëllen an den Dialog trieden, mat de Leit dobaussen, mat den Diddelenger Bierger a Veräiner, oder eben net.

Ech mengen, mir sinn eis all bewusst, datt dat net kann éiweg an der Luucht hänke bleiwen, mä wéi och schonn hei gesot ginn ass, relativ kuerzfristeg soll passéieren an dorop wäert de Schäfferot elo nach agoen, dat sinn natierlech keng Gummiparagraphen, déi hei an där Motioun hei stinn, mä dat ass schonn eppes wat konkret demnächst soll ëmgesat ginn. Voilà. An dofir vertraue mir och hei op eise Schäfferot, deen dat wéi gewinnt zesumme mat den Diddelenger Leit wäert maachen, an ech sinn iwwerzeegt dat gëtt och dobaussen appreciéiert. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Stellungnahm. Den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech schlësse mech deene meeschte Wieder heibannen un. Ech wollt awer just eng Kéier kuerz betounen, dass ech hei eppes vermessen an deem ganzen Text, an där ganzer Iwwerleeung. Et ass de Kannergemengerot am Fong, dee gëtt néierens zitéiert. Dat ass am Fong eng Doleance wou vill Kanner hunn an et wier eng Geleeënheet gewiescht, fir dat am Fong ze valoriséieren, wat se schwätzen, wat se sech wënschen. An et wier am Fong flott gewiescht wann de Kannergemengerot vläit och iergendwou invitéiert gewiescht gi wier oder vläit ass en invitéiert ginn, dass ech et net weess, mä einfach och fir dat eemol ze zitéieren, dass eppes am Kannergemengerot diskutéiert gi wier, dass si déi Iddien, dass mir déi an dee grouse Gemengerot hei bréngen, fir deem ganzen am Fong eng Valorisiatioun ze ginn. De Moien huet mäi Meedche mir gesot, hatt géif sech gär melle fir an de Kannergemengerot. Dunn hunn ech gefrot firwat géif et sech da gär doranner mellen? Dunn huet et mir zwou Saache gesot, dat ass "Ech géif gär de Schoulhaff frëschmaachen" an et géif gär manner Plastik verbrauchen. Dat heescht, dat sinn esou Sujeten, ech mengen dass déi meescht Kanner do ganz sensibel drop sinn. An ech mengen, si wäere bestëmmt stolz drop, wann si géife gesinn, dass esou Saache vun do géife mat heihinner geholl ginn. Virun allem bei esou Sujete wéi déi heiten oder fir wann, fir eng Kéier kuerz auszegräifen, wa mir iwwer de Véloswee schwätzen. Dat si bestëmmt och Sujeten, déi wou déi immens beschäftegen. A voilà, ech wollt lech dat mol mat op de Wee ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech hei d'Wuert weider un de René Manderscheid an duerno un de Loris Spina.



RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. An der Onméiglechkeet fir op alles hei esou ze äntwerten, wéi gewéinst ass, probéieren ech dann awer just kuerz op verschidde Saachen anze-goën. Hei gëtt ëmmer geschwat och vun Delaien a vu Konventiounen, dat ass richteg. Bon, mat Delaien, do kënnen mir net dinge. Mir kënnen net präzis soen, en Datum X, wéll ech dat och net weess. Wat ech awer als Delai ka soen, an do kommen ech op déi Charte zrëck ze schwätzen, dass mir am Mount Januar mat de Veräiner mol eng Kéier zesumme kommen. Dofir ass och net an Ärem Dossier déi Charte gewiescht, de Projet wou mir an der Ëmweltkommissioun haten, ech soen awer, mir musse fir d'éischt eng Kéier mat deenen Acteuren, vun deene mir och e bëssen ofhängeg sinn, dass se matschaffen, zesumme kommen, an dat wäerte mir am Januar maachen, fir mat de Veräiner iwwer de Projet vun der Charte ze schwätzen, fir ze kucken, ob d'Veräiner mat op dee Wee wëlle goen, respektiv ob se wëllen zu 100% matgoen oder nëmmen deelweis. Do musse mir kucken an do ginn dann e ganze Koup Froen och tranchéiert. Wéi gesot, deen eenzegelen Delais wou ech lech ka soen, Januar 2020 mat de Veräiner.

Mäi Gefill seet mir awer, dass mir d'ganz Joer 2020, et ass och schonn dat Wuert geholl ginn, als lwwerganksjoer wäerten huelen, fir op d'Schinnen dat alles ze setzen. Dat huet nämlech, vu dass mir als Gemeng net ëmmer selwer kënnen Responsabele sinn oder Acteur kënnen sinn, wéi verschidde Moosnamen ëmzesetzen, mir brauchen och Partner. An ee vun de Partner ass d'Veräiner, nieft anere Partner, ech schwätzen do och un déi Waschanlagstrooss, och dat ass e Partner. Wéi gesot, mir mussen do kucke mat verschiddeenen Acteuren zum Zil ze kommen. Hei ass och geschwat gi vun de Subsiden, den aktuelle Verdeelungsschlëssel vun de Subside vun de Veräiner, gëtt net berouert. Mir maachen déi Béchs doudsécher net méi op. Wa mir nach schwätze vu Subsiden, da schwätze mir vun enger finanzieller Sprëtzt fir de Veräiner ze hëllef, wann se sollten duerch déi Mesuren, déi mir hei huelen, méi Ausgabe bei engem Fest hunn. Mä dat mussen eis d'Veräiner soen, an da kucke mir wéi a wat, wéi déck déi Sprëtzt ass. Déi Wäschstrooss, wollt ech och nach betounen, déi wou d'Firma Heinz zu Housen huet, déi ass am Prinzip ausgelascht. Wann ech elo kucken am Summer, si waarden net op déi Diddelenger Bechere fir dass déi Maschinn soll lafen. Au contraire, wäit ewech dovunner, mä de Loris Spina wäert herno nach eng Kéier dorun nohänken. Op jiddwer Fall, déi Wäschanlag ass complet a mir amgang schonn ze kucken, on ee kéint eventuell eng mobil Wäschstrooss bei deene verschiddeenen Events, an de Knackpunkt ass d'Fête de la musique, wou mir eis jo eens sinn, dass een eventuell eng mobil Wäschanlagstrooss kann hei installéieren, fir dass mir kënnen eng

Kéier dat testen, wéi mir do eens ginn. Sanktiounen, dat Wuert wëll ech mol net an de Mond huelen. Mir mussen awer, trotzdem musse mir kucken, dass mir verschidde Mesuren huelen, fir dass ee verflucht gëtt matzemaache mä Sanktiounen, dat heescht jo meeschtens eng Strof. A vu Strofe wëll ech awer ofgesinn, sonder mir wëlle gären am Dialog mat de Veräiner, mat alle Partner kucken, dass mir hei eppes bewege kënnen. Voilà. De Loris Spina huet och nach e puer Saachen ze soen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll dann nach e puer Saachen do ergänzen, besonnesch wat d'Sports-bezéiungsweis d'Veräinswelt ubelaangt. Ier ech awer do ufänke wëll ech awer trotzdem soen, dass mir den Toun vum Här Gangler wierklech méissfall huet, wéi hien hei un deen Dossier hei erugaangen ass. Ech mengen, hei geet et u sech jo fir eis alleguerten ëm d'Saach, do si mir eis eens, dofir fannen ech dat wierklech deplacéiert déi Virwërf déi do onberechtegterweis hei a Richtung vum Schäfferot, eis entgéint bruecht gi sinn a fannen et wierklech traureg, dass ee besonnesch bei esou engem Thema esou muss aushuele mat deelweis Onwouerechten. Op den Här Garcia, effektiv den Historique, wëll ech awer net verpassen drun ze erënneren, dass mir déi Motioun och net konnten unhuelen, well schonn eng ganz Rei Saachen, déi do ugeklonge sinn, schonn ëmgesat goufen hei zu Diddeleng, dofir konnte mir och ënnert anerem déi Motioun esou net unhuelen. Mä ech mengen, elo hu mir jo e flotte Pabeier hei opgestallt kritt, alleguerten zesummen, wou wierklech wéi rëm ech virdru gesot hunn, fir d'Saach soll dinge. D'lwwerganksphas, ech mengen, déi ass schonn am gaangen. Et ass jo net dass eppes elo réischt, soen ech mol, mat der Motioun deemools hei op Diddeleng vum Himmel erofgefall ass.

D'Veräiner si scho relativ sensibiliséiert an déi Richtung, ech mengen, Dir wësst et ganz genau, dass am Hartmann zum Beispill de Cup System ouni Taxereglement, ouni Kautioun awer relativ gutt funktionéiert, och wa mir do eng Rei vun Ulafschwieregkeeten haten. Bezéiungsweis och bei verschidde Fester am Centre culturel ass de Cup System och schonn am Asaz. An och eng Rei vu Veräiner, Sportsveräiner, schaffen och ausserhalb vun deenen dote Gebaier scho ganz gutt domadder. Och um Zeltik do war e schonn am Asaz, sou dass dat dote keen neie Moment hei zu Diddeleng ass. D'lwwerganksphas wäert awer nach weider goen. Dat heescht wéi de René Manderscheid och elo kuerz ugedeit huet, wëlle mir eis do net zevill dränge loosson, well mir nach Léisunge brauchen. Dat si verschidde Welten, déi do mat der Thematik konfrontéiert sinn. Ech mengen d'Schoul, d'Maison Relais, deen ee Volet hu mir ganz gutt am Grëff. Wann ech dann awer kucken



am Centre René Hartmann ass erëm e bëssen eng aner Gegebenheet wéi am Centre culturel, an déi ass dann erëm e bëssen anescht wéi bei eisen ëffentleche Fester op der Gemengeplaz oder soss anzwousch. Sou dass een do fir Events bezéiungsweis fir déi verschidden Aktivitéiten, déi verschidde Veräiner kultureller Natur oder sportlecher Natur hunn, Léisunge muss fannen.

De Knackpunkt ass effektiv, wéi den Här Manderscheid gesot huet, d'Fête de la musique. Mir schwätzen do vu ronn 20 000 Visiteuren. Dat heescht, do sinn eng 100 000 Bechere wou am Asaz musse sinn. D'Fête de la musique fënnt zu engem Zäitpunkt statt wou och soss am Land ganz vill stattfënnt an dofir ass deen eenzege Fournisseur, dee mir am Land hunn, deen huet du séier Raute gewénkt wou mär ugefrot hunn ob hien eis och kéint bei der Fête de la musique ënnerstëtzen. Sou dass een elo muss kucken ob een do am Ausland Hëllef siche geet, wéivill Bechere kann ee vläit als Gemeng selwer kafen an zur Verfügung stellen, bezéiungsweis kritt een esou mobil Wäschstroossen. An nach musse mär dann och eng Plaz fannen, wou déi verschidde Veräiner bei hire Stänn kënnen déi Bechere stockéieren. Dat gëtt och nach en Challenge bezéiungsweis wa während dem Event frësch Bechere musse bei déi verschidde Stänn geliwwert ginn, wa virun der Gemengeplaz den Zodi lass ass, da kann een sech virstelle wéi schwierig dat ass do mat Paletten hin- an hierzelafen. Sou dass mir do nach e puer Kniet ze léisen hunn an deementspriedend wëlle mir eis do Zäit ginn an, wéi mir dat hei zu Diddeleng gewinnt sinn, d'nächst Woch ass d'Entrevue mat de Veräiner fir de Chrëschtmaart. Do war dat d'lescht Joer schonn deelweis ëmgesat ginn, fakultativ hate mir et jo nach lancéiert. An am Januar wäerte mir dann och aner Veräiner, déi do mat där Problematik concernéiert sinn, gesi fir ze kucken, wat brauchen si fir dat dote wierklech ëmzesetzen.

Well et geet just am Dialog a wa mir vun uwen erof elo Saache forcéieren an, wéi de René Manderscheid seet, Sanktiounen, sou eppes wëlle mir wierklech net aféieren. Dofir brauche mir déi Veräiner am Boot. Mir müssen si awer och ënnerstëtze fir dass si dat kënnen herno ëmsetzen, fir dass et och Sënn mécht fir Diddeleng an deem Sënn. De Kanner gemengerot, Här Martini, deen ass, dat wësst Dir, Äert Meedchen huet lech jo bestëmmt informéiert, déi Wale si jo eriwuer. Do konnten d'Kanner sech aschreiwen. Deen huet sech dëst Joer nach net zesummefonnt an et ass och esou, dass de Kanner gemengerot, sou wéi de Jugendgemengerot, sech am Prinzip seng Theme selwer eraussicht. Et ass net den Encadrant oder de Schäffen- oder Gemengerot deen deene seet mat wat se sech solle befaassen. Dat ass bei de Kommissiounen jo e bëssen anescht. Si haten awer effektiv dat Thema schonn an

der Vergaangenheet. Ech mengen de sécheren a propere Schoulwee, fir och autofräi Schoulen. Ech mengen dat war schonn d'Thema.

D'Superdreckskecht war en Thema. D'Schoulhäff an och d'Poubellen am Schoulhäff waren en Thema vun deene viregte Kanner gemengerot, sou dass mir wierklech do Kanner ganz ganz eescht huelen, och Saache scho flott ëmgesat hunn. Voilà, ech mengen elo hätt ech alles dat gesot wat ech wollt. Neen, dat wat ech nach soe wollt ass, d'Mülltrennung ass scho bei verschiddene Fester en Thema. D'Fête de la musique, da kënnt dat Beispill, jo do klappt et net, jo effektiv do klappt et am Backstage ganz gutt awer dobaussen nach net. Awer bei aneren Eventer, Manifestatiounen, do stinn awer regelméisseg déi blo an d'Glaspoubellen och, ech mengen, och um Maart hu mir dat elo fäerdeg bruet, dass do Mülltrennung virgesinn ass. Ech mengen, step by step si mir zesummen op engem ganz gudde Wee. A mir brauchen den Austausch mat de Veräiner, mir brauchen den Austausch mat de Concernéierten op der Plaz an ech mengen, dofir gi mir eis och déi néideg Zäit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid an dem Loris Spina fir hir Erklärungen. Ech mengen dat ass virun allem wat de Fong ugeet. Wat elo d'Form hei vun dëser Strategie ugeet, wollt ech dat opgräife wat den Här Gangler gesot huet, par rapport zum Règlement d'ordre interne. Sou wéi d'Formulatioun hei steet, limitéiert se sech op den Ee-Wee-Plastik. Bon, wann een sech awer méi à l'aise fillt, ech hu mir e bëssen dat doten duerchgekuckt, ech hunn nach eng Kéier de Règlement d'ordre interne gekuckt, well jo eng Rei, effektiv, aner Elementer dra sinn, wéi nëmmen dat doten. Wann ee géif soen, a Consideratioun vum Bestriewe vun den Diddelenger Schoulen a Maison Relaisen op Ee-Wee-Plastik ze verzichten, wann dat eng Formulatioun ass, wou een sech do méi à l'aise fillt, wou een dat anert ausklammert a just op dat fokaliséiert, géif ech proposéieren, dass mir vläit dat esou hei ëmformuléieren, an dass mir dann effektiv deen dote Saz, wéi gesot, anesches dréinen a mir dann de Fokus setzen, wéi gesot, op d'Ëmwee Plastik, well et ass jo och dat wat jo am Fong hei soll zum Virschäi kommen. Voilà. Ass de Gemengerot mat dëser Formulatioun averstanen, obwuel déi heite Formulatioun, wéi gesot, bezitt sech drop, voilà, et ass Kosmetik soe mir, mä et ass awer kloer, mengen ech.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): D'war just nach eng Fro vum Här Gangler och mat deene Seminaren, Workshopsen, wéi de Schäfferot sech dat virstellt? Wéi een dat sollt maachen? Dat wier vläit awer och intressant. An och wéi elo d'Prozedur mat der Charte, mir haten elo gesot, Dir gesitt d'Veräiner, an ech denken,



dass een dat awer och vläit vun lech frou wier gewuer ze ginn an - wéi den Här Garcia gesot huet - dass mir dat och all virgestallt kréien am Gemengerot, dass dat awer och eppes ass wat muss duerch de Gemengerot goen. Do wollte mir just nach eng Präzisioun dozou. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Seminaren, Coursen, effektiv eis Leit am Gréngen Haus hunn déi néideg Zäit, vu dass mir jo dräi Vollzäitaarbechter do an deem Service écologique hunn. De Jérôme Morbé an de Patrick Hoss déi kréien effektiv déi Zäit, respektiv hunn si d'Méiglechkeeten, sech déi néideg Verstärkung bäizehuelen, dat heescht Ökozenter Pafendall, Green Events, wéi ech scho gesot hunn, an nach aner Experte kennen do déi Coursen a Seminaren ofhalen, dat ass guer kee Problem. An dat zweet ass, effektiv, wien A seet muss och B soen, dat heescht mir hunn elo déi heite Motioun an de Gemengerot geholl, selbstverständlech wa mir déi Charte mat de Veräiner ausgeschafft hunn a mir sinn eis alleguerten eens, da kënnt déi Charte och heihinner, da kënnt dee Projet och hei an de Gemengerot. Vu dass jo all Conseiller mat Veräiner ze dinn huet, ass et also selbstverständlech, dass och de ganze Gemengerot iwwer déi Charte kann diskutéieren an och ofstëmmen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, an dann nach eng kleng Zousazfro: De Green Events, et ass wéi den Här Gangler sot, dat ass fir déi Leit déi eppes dovu kennen, mä fir esou de banale Bierger, sou wéi ech, dee guer net weess wat dat ass, kënnt Dir eis vläit do nach eng Präzisioun soen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Och dat kann ech maachen, mä bon, op Greenevents.lu, do kritt een alles wat ee muss wësse vun A bis Z. Mä fir et am Telegrammstil ze soen, den Ökozenter Pafendall, deen huet eng Checklëscht ausgeschafft, an déi kommen, wann de Veräin XY wëll gären e Fest organiséieren, da kommen déi dann och op dat Fest selwer an si stellen opgrond vun der Checklëscht déi Mängel fest, respektiv si schwätze mam Veräin driwwer wat ee ka maachen. An dann huet een zwee Labelen zur Verfügung, dat heescht wann een alles erfëllt, all honnertprozenteg Konditiounen vum Green Event, da kritt een den entspreche Logo. Wann een awer nëmmen e puer Punkten erfëllt, an et weist een awer säi gudden Wëllen, da kritt een e Logo mat "Mir engagéieren eis". Dat sinn déi zwee verschidde Logoen, mä wéi gesot, Veräiner déi wëllen de Logo kréien, mussen sech un den Ökozenter Pafendall wënnen. Déi kommen erof, maachen eng Analys vum Fest, hëllefen a kucken, wat ze verbesseren ass. An da kréien se de Logo, deen een oder deen aneren, dat ass kuerz gesot wat dat ass, Green Events. Et gëllt ëmmer nëmme fir ee Fest an et ass net esou, dass dat

eng Dauer huet vun illimité, sondern et muss fir all Fest, och wann et dat nämlecht ass, et muss ëmmer erëm vu vir ufänken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà. Also wéi gesot, alleguerten d'Erklärunge goufe ginn. Wéi gesot, dat heiten ass eng Diskussioun, déi am Gemengerot nach wäert weidergefouert ginn, notament um Niveau vun der Charte. Haut geet et jo vum Prinzip drëm, dës Strategie mol z'adoptéieren, fir dann och déi nächst Schrëtt kennen an Ugrëff ze huelen. Dofir géif ech dann de Gemengerot froen, ob en, wéi gesot, mat der Strategie, sou wéi se hei formuliert ass, mat der Ëmformulatioun ronderëm d'Diddelenger Schoulen a Maison Relais, wou se op den Ee-Wee Plastik verzichten, ass de Gemengerot mat dëser Strategie averstanen, kënne mir déi esou unhueelen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8. PERSONALFROEN

8.1. APPROBATION VUN DER LËSCHT VUN DE PERSOONEN, DÉI FIR 20 JOER LOYAL DÉNGSCHTER ENG AUER IWWERREECHT KRÉIEN A VUN DER LËSCHT VUN DE PERSOONEN, DÉI E KADDOSBONG GESCHENKT KRÉIE WELL SE AN D'PENSION GINN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da géinge mir op d'Personal iwwergoen. Do ass et esou, datt mir hei als Gemengerot d'Lëscht virleien hu fir alleguerten déi Mataarbechterinnen a Mataarbechter fir 20 Joer bons et loyaux services, respektiv déi déi am Joer 2019 an d'Pensioun gaange sinn a sollen e Kaddo vun der Gemeng kréien. 20 Joer am Service vun der Gemeng ass aus dem Schoulberäich d'Madame Barbara Bonn, d'Linda Dominici, de Claude Kasel, d'Carole Kolakovic, d'Christiane Reding, d'Françoise Reuter, d'Violette Schleich, d'Sylvie Serafin, d'Carole Vinandy an d'Anouk Weis. Dann ass aus den Administratiounen vun der Gemeng de Jean-Claude Fabeck, d'Liliane Fatte-bene, d'Myriam Hammes, de Bob Morhard, d'Kerstin Ness, de Romain Nosbaum, d'Muriel Papeux an de Claude Tritz. Dat si wéi gesot déi wou fir 20 Joer dëst Joer wäerte geéiert ginn an natierlech Leit, déi normal an d'Pensioun gaange sinn am Joer 2019.

Dat ass d'Joëlle Bertante, den André Bury, de Felix Lentz, d'Jaia Cloos, de Roland Davelli, d'Nicole Faber, d'Paulina Gomes, d'Danielle Igniti, d'Suzanne Kemp, d'Chantal Klein, d'Nadia Muller, de Robert Muller, de Candido Pazzaglia, de Patrick Valdagno, d'Eliette Wolff, de Romain Zeimetz an de Gilbert Zuang. Voilà, dat ass wéi all Joer déi Lëscht, déi mir dann hei dem Gemenge-



rot presentéieren. Ass de Gemengerot domat averstanen ? Eng Fro ? Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Wann ech just dierft nofroen, d'lescht Joer bei der Geleeënheet, do war d'Diskussioun opkomm, well verschidde Leit déi betraff waren, gesot hunn, si fillen sech e bësselchen ageschränkt mat der Méiglechkeet, datt si sech just dierfen eng Auer kafen. An do hate mir, mengen ech, doriwwer geschwat op deem Owend selwer vun der Verdeelung ob een net kéint dat e bësselche méi large gesinn an hinnen als Bong net express fir eng Auer e Bong ginn oder och fir en anere Bijou zum Beispill. An elo weess ech net, ass dat eppes wat zrëckbehale ginn ass oder geet et nach ëmmer nom ale System virun ?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mir fueren hei am normale System weider, well "da scheiden sich die Geister", also déi eng soe kllassesch soll een dat bäibehalen, anerer soen, datt een et ganz op soll maachen... Jo Madame Kayser ?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mä ech denken et kann een et awer opmaache well ech denken, éischstens emol, esou vill Leit doe keng Auer méi un. Haut hunn d'Leit allegueren en Handy oder sou. Bon, quitte datt dat hei méi eeler Leit sinn, déi hei géiert ginn. Ech denken et ass net méi jiddwereen, deen eng Auer unhuet an ech denken och, mir hate jo och schonn eng Kéier rieds gehat, do war och e Member vum Gemengerot dee proposéiert huet, dee ka jo zum Beispill déi 1000 Euro déi de Bong Wäert huet, datt een déi och ka spende fir Diddeleng Helléft an et wär och villäicht e Message wann ee kéint soen, Hei Du kanns entweder d'Suen hei zu Diddeleng an engem Geschäft ausginn, datt een e Bong gëtt fir eis Geschäftsleit och nach e bësselchen z'ënnerstëtzen, méi vaste. Ech denken, dat ass awer eng Diskussioun wäert, dat kann een awer villäicht hei am Gemengerot eng Kéier duerchdiskutéieren. Ech gesinn elo net den Intérêt firwat et just nëmmen eng Auer muss sinn. Dat ass mengen ech e bësselchen "iwwerlieft".

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Also do steet jo "le bon d'achat d'une valeur de", ech mengen dat kann och mol e Bijou sinn. Ech mengen, et si jo och Leit déi mol e Bijou kafen an net nëmmen eng reng Auer. Et bleift awer bei Diddelenger Geschäfte, et mussen ee jo de lokale Kommerz weider ënnerstëtzen. Dach, mir hate scho Mataarbechter déi dat ugefrot hunn an dat hu mir och akzeptéiert, dat ass kee Problem. Dat kréien si da matgedeelt, respektiv Du hues Verschiddener, déi nofroen, déi wou jo an der Situatioun sinn, déi froen no an deenen hu mir dat ni verweigert, mä wann do nach hei am Raum lwwerleeungen, Iddie sinn, kënne mir ganz gären ophuelen hei an de Bänke vum

Gemengerot an da kucke mir wou mir erauskomme fir déi nächste Kéier. Also ganz gär, wann do Ureegung sinn. Ech mengen, mir hunn einfach verschidde Prinzipien, ech mengen, et muss an Diddeleng bleiwen, vu datt et eng gewësse Valeur ass, soll et och eppes duerstelle wat de Kaddo hiergeet. Also, wéi gesot, d'Geeschter scheeden sech tëschent déi Traditioun bäibehalen a méi opmaachen a mir fannen do bestëmmt iergendwéi e Mëttelwee wann dat méiglech ass. Wéi gesot, wann Ureegungen do sinn, ganz gär, mä mir hu schonn de Moment an der Auswiel eng gewëssen Ouverture, déi do ass. Wa mir nach méi breet sollen opmaachen, da sot eis Bescheed. Voilà, ceci dit, ass de Gemengerot mat dëser Lëscht averstanen ? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech Merci.

8.2. ANNULATIOUN VUN DER PRIMM, DÉI ZWEE GEMENGEFONCTIONNAIREN (SCHWAMM-MEESCHTEREN) ACCORDÉIERT GOUF

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An da géife mir op de leschte Punkt vun de Personalfroen ugoen. Dat ass d'Annulatioun vun enger Prime pour masse d'habillement, déi mir hei maachen, well, effektiv et elo duerch dat neit Reglement vun der Mise à disposition vun de Fonctionnaires an Employés communaux vu Vêtements professionnels an enger Indemnité d'habillement déi Prime net méi brauch ausbezuelt ze ginn. Dat heescht, déi Indemnitéit ersetzt d'Primm. Dofir mussen mir hei am Fong déi Primm, déi de Gemengerot eng Kéier festgehalten huet, hei geet et virun allem ëm eis Schwammmeeschter, de Frank Romani an den Tom Schumacher. Mir müssen am Fong hei déi Primm annulléieren am Gemengerot, respektiv kréien si elo déi Indemnité d'habillement pour vêtements professionnels an dat ass e Règlement grand-ducal, dat dat fixéiert, dofir mussen mir dat hei effektiv ofänneren. Méi ass et net, et ass am Fong just fir d'Situatioun ze regulariséieren. Ass de Gemengerot domat averstanen ? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.



9. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER) : Da géinge iwwergoen op Froen un de Schäfferot. Do ass eng Fro mat e puer Ennerfroen déi ass hei era komm vun der Madame Kayser. Et geet ëm de Quartier NeiSchmelz. Do ass de Volet Geothermie, och de Volet Filmindustrie an och e bësselchen d'Zukunft vu NeiSchmelz. Op déi dräi Voleten wäert ech agoen an de véierte Volet, de Volet Mobilitéit, do wäert dann d'Claudia Dall'Agnol drop agoen. Dat heescht, mir deelen eis dat op. Ceci dit, géif ech da villäicht ufänke mat dem Punkt Geothermie, wou d'Madame Kayser seet datt ulässlech vun der Biergerinformatioun, a Biergerversammlung de 14. Oktober effektiv Froe gestallt goufen, wéi et mat der Geothermie steet an doropshin huet de Buergermeeschter geäntwert datt d'Probebuerungen nach net virleien an d'Froe vun der Finanzéierung nach net gekläert sinn. D'Madame Kayser seet, datt dës Äusserungen erstaunlech sinn, well den Energieminister de 19. Januar iwwert d'Geothermie geschwat huet a gesot huet, datt dat eng zukunftsweisend Alternativ wier an datt dat effektiv erneierbar Energie ass. Si stellt an deem Kontext also och d'Fro ob mir eng Zouso hu vum Energieministère wat d'Finanzéierung vun der Geothermieanlag ugeet a stellt d'Fro wien dat finanzéiert, ob dat de Logementsministère ass, an och ob dann de Wëlle besteet, d'Geothermie als Haaptenergiequell fir NeiSchmelz ze notzen. An d'Madame Kayser freet och, wat fir Alternative méiglech wiere wann dat net de Fall ass.

Ech wollt villäicht drop hiweisen, datt ech am leschte Gemengerot awer am Ufank vun der Reunioun mir awer eng Rei Informatiounen ginn hat, wéi et mat der Geothermie steet. Dat war de Gemengerot vum 1. Oktober ulässlech vun de 4 PAPen. Do hat ech ganz kloer gesot, datt déi éischt Phase vun de Buerungen ofgeschloss ass an datt mir jo dobäi sinn, un der zweeter Phase ze schaffen. Datt mir jo och an dem Kontext eng Entrevue hate mam Energieminister. Ech hat dat den éischten Oktober hei an der ëffentlecher Versammlung vum Gemengerot gesot. Bon, déi Äusserung, d'Madame Kayser weist sech do erstaunt vum Energieminister. Ech sinn net de Porte-parole vum Energieminister, mä natierlech ass d'Geothermie eng zukunftsweisend Alternativ an erneierbar Energieméiglechkeet. Fir datt dat awer ka Realitéit ginn an dat betrëfft natierlech och hei Diddeleng, mussen natierlech d'Gegebenheete stëmmen an déi Gegebenheete sinn effektiv déi vu geologescher Natur. Dee selwechte Prinzip ass par rapport zu der Diskussioun, déi mir hei am Gemengerot hate mat de Wandmillen. Mir waren eis hei eens, datt et wichteg wier zu Diddeleng Wandmillen opzeriichten. Och dat hunn

d'Analyse jo erausgestallt, an do hate mir de Gemengerot viru Joeren informéiert, datt mir duerch d'Topographie net déi ideal Plaz hu fir Wandmillen opzeriichten.

Hei sinn am Fong zwee verschidde Niveauen; dat eent ass einfach de Prinzip datt ee seet, et ass natierlech wichteg; dat anert ass, hu mir d'Gegebenheete fir et ëmzesetzen? Dat ass einfach als generell Remarque. Bei der Informatiounsversammlung war et mengen ech och net de Buergermeeschter mä och de Verrieder vum Fonds de Logement deen effektiv Ausféierung ginn huet iwwert d'Geothermie. Fir hei nach eng Kéier e bësselchen de Kader ze skizzéieren; et goufe jo am Joer 2018 Foragë gemaach bis 430 Meter an effektiv, déi Foragë sinn zimlech positiv an do kann eng éischt Conclusioun erausgezugin, datt am Fong déi sougenannte Geothermie mat enger faibeler Profondeur vun 100 bis 200 Meter, datt déi jo scho méiglech ass. Ech mengen, dat ass schonn eng éischt Conclusioun, eng éischt positiv Conclusioun an ech mengen dat ass och e Volet vun der Geothermie deen och op anere Plazen hei am Land jo och scho bei privaten Haiser gemaach gëtt. Ech mengen, déi éischt Conclusioun hu mir.

Wat awer elo wichteg ass, eben ze kucken an déi zweet Phase eranzegoe wou et jo soll op 1000 Meter deemtspriechend gekuckt ginn. Also, wéi gesot, mir hate jo do déi Entrevue beim Energieminister, deen och d'Zoustëmmung ginn huet fir déi zweet Phase mam Fonds du Logement zesummenzemaachen. Et ass am Fong elo net direkt de Logementsministère dee bezillt, mä éischter den Energieministère iwwert de Kyoto-Fong, am Fong heescht dat den Ëmweltsministère deen hei wäert ugezaapt gi fir déi zweet Phase ze maachen a si hunn awer nach eng Rei Saachen ze klären, dofir wollt ech mech elo net hei an dem Sënn fixéieren. Respektiv och punkto Genehmigungen, fir sou déif am Fong ze bueren, déi Saache muss gekläert ginn, mä de Prinzip ass awer, datt een déi zweet Phase soll an Ugrëff huelen. An d'Viraussetzung ass, datt een dat néidegt Potential fënnt op 1000 Meter fir dann och dee ganze Quartier effektiv ze maachen, mä dofir mussen dann déi Analysen och gemaach ginn an och déi Resultater virleie fir dann och déi Tiefengeothermie. Also déi éischt Conclusioun op 100 Meter, op 200 Meter ass et méiglech, mä déi Bestriewung déi mir jo haten ass jo op 1000 Meter fir dann de ganze Quartier mat Geothermie deemtspriechend ze speisen. Dat ass am Fong par rapport zu där dote Fro och wat d'Finanzment ugeet. A falls et sech géif erausstellen, an ech mengen dat gouf jo och an Informatiounsversammlungen erkläert, datt déi Geothermie net méiglech ass, do hu mir jo als Alternativ déi solar Nahwärme, déi Solarthermie mat de Späicheren och effektiv an d'Wärmepompe installéiert ginn och mat Fotovoltaikkollektoren, datt déi natierlech



eng Alternativ wiere wann d'Tiefegeothermie de Bedarf net géif kënnen ofdecken.

No deem Prinzip deen een och an den Informatiounsversammlunge duergestallt gouf, un deem huet sech näischt geännert. An natierlech gëtt dat och weider gedriwwen, mä d'Iwwerleeung ass elo einfach emol ze kucke punkto Genehmegunge fir déi zweet Phas, respektiv och d'Finanzementer vun der zweeter Phase iwwer de Kyoto Fong. Dat ass elo mol de Volet vun der Geothermie wou also wéi gesot de Fonds du Logement, den Energieministère, den Ëmweltministère an d'Gemeng dat dote weider driewen. Mir hate Mëtt September déi Entrevue mam Energieministère an dee kuckt eben déi dote weider Schrëtt ze klären, och mam Ëmweltministère. Dat par rapport zu der Geothermie, well, ech mengen do si mir eis eens, dat, wann et méiglech wier och do en Alleinstellungsmerkmal wier, dat mir hätten hei op NeiSchmelz an Diddeleng am Allgemengen, par rapport zu der gängiger Geothermie, déi mir hei am Land hunn. Dir frot och ob do schon aussokräfteg Planunge sinn. Also, dat Energiekonzept gëtt et jo, dat hu mir jo e puer Mol virgestallt. Ech hunn och kee Problem, datt mir am Kader vun Diskussiounen ëm NeiSchmelz dat Energiekonzept och nach eng Kéier hei virstellen. Dat parallel och kucken zur Buerung, déi gemaacht gëtt. Ech mengen, datt dat absolut kee Problem ass, datt dee Büro deen dat gemaacht huet, dat ass IB Hausladen, datt déi dat eng Kéier hei virstellen, engersäits d'Geothermie respektiv d'Alternativen. Ech mengen, et ass jo e ganze Package, datt mir dat hei nach eng Kéier dem Gemengerot virleeën, spezifesch. Ech mengen dat ass sécherlech absolut machbar.

Da wier deen anere Punkt, den zweete Punkt zu der Filmindustrie. Do seet d'Madame Kayser, datt an der Gemengerotssëtzung effektiv gesot gëtt, datt déi sech jo net hei zu Diddeleng usidelt. Et ass awer ëmmer dem Gemengerot do verséichert gouf vum Schäfferot, datt d'Filmindustrie sech géing op NeiSchmelz installéieren, datt dat ofgeséichert wier... Ech mengen, déi Zousécherung krute mir och ëmmer vun der Regierung, well ech heibäi awer bemierke bei Ärer Ausféierung. An d'CSV schreift datt dat Erstaunen an Onmut effektiv zur Kenntnis hält, datt et do e Konzept géif ginn respektiv och déi 22 Milliounen Euro par rapport zu deene 7,2 Milliounen Euro, an deem Kontext seet d'CSV ob mir hinne kënnen en Agenda vun den Treffen a Berichter vun deenen Treffen zoukommeloossen, freet wéi d'Konzept vun de Filmstudioe vun 2007 ausgesinn huet, welleche Büro mat der Ausplanung vun deem Konzept chargéiert gouf a wéi et méiglech ass, datt de Projet vun 2007 méi deier gouf a wien de Optraggeber vun dësem Konzept war a wéini a wou dat Konzept virgestallt gouf.

Voilà, ech mengen dat sinn déi Froen déi Dir par rapport zu der Filmindustrie stellt. Ech muss elo Mol hei soen, mir hu jo an deene sëllegen Informatiounsversammlungen, Biergerversammlungen déi mir haten, respektiv awer och an der Modification ponctuelle vum PAG an och de Biergerversammlunge ronderëm d'PAPen, och d'Avant-projeten, hu mir jo ëmmer am Fong déi Pläng virleie gehat wou d'Filmindustrie sech usidelt mat deene verschiddenen Affektatiounen vun deene verschiddene Gebaier, wat d'Funktione sinn, wat wou hi kënnt. Ech mengen, datt dat jo bei méi wéi enger Geleeënheet ganz kloer jo och dem Public an och dem Gemengerot gewise gouf, wat jo och Bestanddeeler waren och vun den Diskussiounen. Ech mengen, wat elo d'Demande ass punkto ausféierlechen Agenda, respektiv Berichter, där Demande wäerte mir als Schäfferot net Folleg leeschten, well mir net intern Rapporte verschécke vu Reunione vum Ministère respektiv vun Diskussiounen, vun Negociatiounen, déi awer an engem gewësse Huis clos stattfonnt hunn. Ech mengen, dofir komme mir hei fir lech Saachen ze berichten an ech mengen et ass am Fong de Schäfferot, deen sech d'Aarbechtsweis an d'Aarbechtsmodalitéit och definéiert. Wat ech lech awer ganz gären hei soe kann an dat hunn ech och schon e puer Mol gesot, datt déi Diskussiounen mat der ULPA 2016 jo rëm opgeholl goufen am Kader vun de Besoine vun der Modification ponctuelle vum PAG ronderëm NeiSchmelz. Datt 2017 Entrevuë stattfonnt hu mat der ULPA, mam Filmfonds, mam Kulturministère, mam Logementsministère, mam Wirtschaftsministère, datt mir do jo och en Optrag kritt hunn, eng nei Käscheschätzung ze maachen, dat war Enn 2017. Dat hu mir och gemaach. Do hu mir och dem Büro INCA den Optrag ginn, well déi eis och schon 2007 gemaach haten zesumme mat engem Paräiser Büro.

Et geet einfach drëm, déi Chifferen nach eng Kéier ze aktualiséieren. Do hu mir och keng Ausschreiwung brauchen ze maachen, well dat largement ënnert dem Seuil war vum Marché-publics-Gesetz. Wéi gesot, déi Käscheschätzung ass gemaacht ginn. Déi ass och natierlech unhand vun de Besoine vun der ULPA och nach eng Kéier dem Filmfonds, dem Kulturministère, dem Wirtschaftsministère an dem Logementsministère presentéiert ginn an am Kader vun der Foulée ass dat natierlech och an de Koalitiounsaccord komm an, wou déi Regierung och stoung Enn des Joers, natierlech, an déi Courrieren hutt Dir jo och gesinn an dem leschte Gemengerot, hu mir och eng Entrevue ugefrot eben unhand dovunner beim Kulturministère an do war och de Filmfonds, Wirtschaftsministère, Logementsministère an och den Tourismusministère do, well mir och déi Komponent mat bäigezunn hu mat der Decisioun, déi am Juli do war vum Regierungsrat an ech kann hei scho soen, datt mir ufanks des Joers dann och déi nächst



Entrevue wäerten hu mam Kulturministère, Wirtschaftsministère a Logementsministère fir deen heiten Dossier weiderzedreiwen, well mir ganz kloer der Meenung sinn, datt awer och do d'Regierung an der Bréngschold ass vis-à-vis vun der Stad Diddeleng, quitte datt mir parallel mam Fonds du Logement weider Iwwerleeunge jo och schonn hunn an eng éischt Iwwerleeung war, fir datt mir effektiv eng Erlebnisswelt ronderëm Film a Fotografie mengen ech kéinten op de Site setzen. An awer mengen ech do och ganz kloer datt mer nach d'Responsabilitéit beim Staat ganz kloer siche wäerten, datt en eis och do déi néideg Kompensatioune gëtt.

Wat effektiv déi Diskussioun ugeet firwat ass de Projet méi deier ginn 2007 par rapport elo rezenterweis. Dat ass well d'Besoiner jo och evoluéiert hu vun der Filmindustrie. Et ass effektiv esou, datt Notzunge bäikomm si vum Laminoire, vun den Exterieur, vun der Maison Rouge, dat war 2007 net virgesinn. Ech kann do ganz gären och dem Gemengerot déi Oplëschtung ginn, déi gemaach gouf 2007 respektiv 2017 mat ganz kloer de Besoiner vun der ULPA, well mir hunn eis jo hei orientéiert un de Besoiner vun der ULPA mat deene mir an Diskussioun jo waren, quitte datt hir Positioun herno komescherweis sech geännert huet, mä ech menge si wollten sech mat kengem d'Hänn verbrennen an deem Projet, souwuel net mat der Regierung wéi och net mat der Gemeng Diddeleng am Kader vun deenen Diskussiounen. Mir kënnen lech ganz gären déi Oplëschtungen zoukomme loossen, do gesäit ee wéi am Fong d'Evolutioun war 2007 par rapport zu 2017 unhand vun de Besoiner an och vun de Funktionalitéite vun deene verschiddene Gebaier, da kann een dat besser novollzéien. Dat kënne mir lech per Mail wéi gesot zoukomme loosse firwat dat esou evoluéiert huet an och deementsprechend sou an d'Diskussioun komm ass. An iwwer déi Funktionalitéite vun deem Konzept, ech mengen do goufe jo och verschidde Plattformen, wéi gesot Biergerversammlungen an och hei am Gemengerot driwwer diskutéiert, Madame Kayser, do waart Dir jo och derbäi, wéi mir iwwert d'Filmindustrie geschwat hunn, wat wouhinne kënnt. Um Niveau vun der Affektatioun ass an dem Sënn keng Inconnue gewiescht. Dat ass e Budget deen iwwert de PAG NeiSchmelz gelaf ass an dat war eng Ausgab vu 5000 Euro, déi mir hei wéi gesot getätegt hu fir dat à jour ze setzen, wéi gesot, largement énnert dem Marché-publics-Gesetz.

D'Zukunft vun NeiSchmelz, dat ass deen drëtten Volet. Welch Zouso vun der Regierung mir kritt hunn a wellech Moosnamen nach weider geholl gi vis-à-vis vun dem Versprieche vun 2005. Wéi mir eis als Stad Diddeleng also positionéieren. Ma engersäits krute mir jo d'Zouso och vum Staatsminister, ech mengen dat ass emol déi initial Zouso, datt deen Accord vun 2005 net

ausser Kraaft gesat ass, wat natierlech net onwichtig ass an op dee mir jo och vun Ufank u gepocht hunn. Ech muss awer och soen, datt ech de Moment en Zweifel drun hunn, datt d'Regierung eng Alternativ am Tirang huet an ech wäert lech ganz kloer hei wéi soen, datt dës Schafferot op alle Fall do wäert dem Staat dës Responsabilitéit loossen och wa si mat Alternative kommen. Ech war och iwwerrascht ze héieren, datt scho verschidde Regierungsmembere probéiert hunn, dat doten a Fro ze stellen. Ech verstinn absolut guer net déi dote Meenung well de Staat vis-à-vis vun der Stad Diddeleng an der Bréngschold ass, wéi gesot, hunn ech gesot, datt mir Ufank 2020 schonn eng Reunioun hunn, wou mir dat dote gären wëllen hardi weiderféieren, respektiv eis Initiativen erabrinne, respektiv och do de Staat weider net aus der Responsabilitéit loossen an natierlech wäerte mir bei deem doten Dossier um Ball bleiwen an och weider de Gemengerot iwwert d'Evolutioun vum Dossier natierlech informéieren.

Well mir jo och sou wéi sou, forcément, am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mir hei féiere ronderëm NeiSchmelz wann d'Diskussioun wäert gefouert ginn iwwer déi véier PAPen, déi jo nach an de Gemengerot komme, mengen ech och d'weider Affektatioun vun deene Gebaier och nach eng weider Diskussioun wäert bleiwen, sou datt mir natierlech hei och de Gemengerot iwwert déi nächst Schrëtt wéi gesot wäerten informéieren. Voilà, dat mengen ech zu deenen doten dräi Voleten déi mech méi concernéiert hunn an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol fir de Volet Mobilitéit.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) : Merci fir d'Wuert. Bon, d'CSV seet e puer Mol wier bei der Biergerversammlung d'Fro no der Mobilitéitsproblematik an Diddeleng opgeworf ginn an de Schafferot hätt keng Äntwerte ginn, mä just d'Konzept vun der Mobilitéit am Quartier NeiSchmelz erkläert mä net d'Gesamtkonzept. Ech mengen, dozou gëtt et ze soen, et war genau eng Persoun, déi déi Fro gestallt huet, net "mehrere" an da "mehrfach", wéi d'CSV schreift, an, Jo, et gouf d'Mobilitéit am Quartier NeiSchmelz erkläert, ganz einfach well et eng Informatiounsversammlung war zum Quartier NeiSchmelz. Ech erënneren drun, fir déi Leit déi vläit herno den Analytesche liesen, datt de But vun der Versammlung eigentlech en Info-Owend war iwwer d'PAPE vum Site NeiSchmelz, déi mer an d'Prozedure geschéckt hunn, an do souz e volle Sall an déi hu sech fir dee Projet interesséiert, an déi hunn och Froen gestallt zum Quartier oder dozou, wéi dee Quartier soll an Zukunft ausgesinn. Ech mengen, dat ass jo och aus deene Froen erausgaangen, déi de Buergermeeschter elo grad beäntwert huet. Dann, wéi eng konkret Léisungsvirschléi hunn déi sëlloch - "unzähligen" schreift d'CSV - Entrevu mat der CFL, der Ponts et Chaussées an dem Ministère bruet



fir de Verkéier an Diddeleng, respektiv a Richtung Beete-
buerg an a Richtung Stad ze verbessern? Bon, och hei
schreift d'CSV vun "unzähligen" Entrevuen an dat kléngt
a mengen Queren e bëssen esou, wéi wa mir all gudden
Dag géinge bei hinne virun der Dir stoen an dann hoffen,
datt ee vun deene Partner eis dann d'Léisung vun deem
Verkéiersproblem, dee mer hunn, op engem gëllene Pla-
teau servéieren. Also, fir mech wier dat immens schéin,
wann dat esou géif goen, mä leider ass dat net de Fall,
ech mengen, eisen nationale Radio, den RTL, huet grad
en neit Spill mam Titel "E Land am Stau", dat weist wéi
grouss dee Problem eigentlech ass an datt dee wäit
iwwer d'Grenze vun Diddeleng ewechgeet.

A wa mer vun Diddeleng schwätzen, wat eng Grenz huet,
da wësst Dir, datt et fir eis Gemeng och nach wäit iwwer
d'Grenze vun deem Land erausgeet an dofir verweisen
ech och, wann Dir sot a Richtung Beetebuerg an a Rich-
tung Stad, op déi Etüd Diddeleng-Beetebuerg, déi Dir jo
och nach ëmmer Online fannt an an där eng ganz Partie
Léisungsvorschläi opgezeechent sinn. Déi Etüd ass jo
deemools 2015 offiziell virgestallt ginn an déi ass och
nach ëmmer aktuell. Wat d'N31 ubelaangt, geméiss
engem Deel och aus där Etüd, also engem Léisungs-
vorschlag aus där Etüd, soll déi N31 tëschent Beete-
buerg-Cellula an Diddeleng-Rondpoint-Q8-Audisgarage
frëschgemaach ginn, wéi gesot, eng Mesure aus
där Diddeleng-Beetebuerg Etüd. Mir hunn elo mol
deen Dossier kritt, en APS wéi een dat dann an der
Fachsprooch nennt, en Avant-projet sommaire, fir Avis a
fir ze kontrolléieren an eis eventuell Remarques ze formu-
léieren, an dësen Dossier ass wéi gesot amgaang, mat
senge Pläng vun eise Servicer analyséiert ze ginn. D'Fro
no der Suppressioun vun der Barrière, dat ass jo eigent-
lech déi, déi nach opbliwwen ass, zënter dem leschte
Joer ass dat jo och amgaang gepréift ze ginn, nämlech
d'Barrière ewech – Jo oder Neen? All ewech? Zuch oder
Tram? Train-Tram? an domat kéim ech dann och schonn
zur nächster Fro ob de Vorschlag Train-Tram gepréift gi
war a wéi ee Bureau domat beoptraagt gi war a wat
dobäi erauskomm ass.

Bon, am Februar dëst Joer ass en techneschen Aar-
bechtsgrupp zesummegesat gi mat Verrieder vum
Ministère, der CFL an der Gemeng an do souz dann och
fir d'Gemeng Komobile mat zwee Spezialisten an der
Matière um Dësch. Dësen Aarbechtsgrupp ass zesumme-
geruff ginn nodeems dat eng Fuerderung war vun der
Gemeng Diddeleng an enger Reunioun mam Minister.
Ech mengen awer, datt de Buergermeeschter, respektiv
ech selwer dat schonn e puer Mol hei gesot hätten,
d'Aufgab vun den Techniker sollt et ënner anerem awer
och sinn, mol ze kucken, wann een déi Barrière géing
bäibehalen, wéi een déi Schléisszäiten, déi mer elo hunn,
well dat ass jo eigentlech de gréisste Problem, well déi

Barriären immens laang zou sinn, wéi een déi kéint méi
kuerz maachen, zemools well mer jo alleguerten hoffen,
méi Zich esoubal wéi méiglech ze kréien an am beschten
nach méi Direktzich ustriewen, respektiv ob dat och
duerch en Train-Tram oder en Tram ze erreeche wär.
De 17. Juni dëst Joer war dunn déi Reunioun, d'CFL
huet nach eemol drun erënnert, datt se aus Grënn vun
der Verkéierssicherheit gär all d'Barriären – ech men-
gen, dat ass bekannt – am ganze Land ewech kréich
an datt se do och scho ganz wäit an der Planung wier.
Si hätten e Betribskonzept fir den Horizont 2020-2028
an dat fannt Dir och am Modu 2.0 erëm, dat virgesäit,
pro Stonn a béid Richtungen zwee Zich tëschent Vol-
merange an Ettelbréck verkéieren ze loosse a fir déi
Kapazitéitenenkpäss, déi et op där Linn tëschent der
Stad an Ettelbréck kënnen gerecht ze ginn, do missten
déi Zich eng Kapazitéit vun all Kéier 600 Plazen hunn.
Dat war e neie Moment, dat mat deene 600 Plaze war
u sech eppes, wat virun där Reunioun net bekannt war.
An dat entspreichend Material, also déi Zich, déi eben
och eng Fuergeschwindegkeet missten hu vun 140 Km
an der Stonn hätten se och scho bestallt.

Da gouf eng ganz Rei Technesches och nach beschwat,
den Ëmbau, Ëmsteigweeër, ob een den Zuch erwëscht
mat där enger oder anerer Mesure, wann en an déi
eng Richtung oder an déi aner Richtung kënnt. Et gouf
och diskutéiert ob en Train-Tram just kéint zum Beispill
tëschent Diddeleng a Beetebuerg fuere gelooss ginn.
Bon, Dir kënnt lech virstellen, datt d'CFL dat ganz
kritesch gesinn huet, wann ech lech gesot hunn, datt
se d'Material scho bestallt hunn, dat muss 600 Leit
faassen, an si missten och nach 140 Km an der Stonn
fueren. De Koordinator awer vum Aarbechtsgrupp huet
och nach eemol drop higewisen, datt een sech misst op
Léisunge fokusséieren, déi een dann éischters och mët-
telfristeg kéint ëmsetzen an zweetens, déi eben och net
déi zentral Projeten, déi och schonn amgaang sinn, wéi
zum Beispill d'Garë Lëtzebuerg oder Beetebuerg géingen
a Fro stellen. Den Aarbechtsgrupp soll sech elo eng
zweete Kéier treffe fir da weider drun ze schaffen, déi
ëffentlech Versammlung vum Minister mat de Bierger
a Biergerinne virzebereeden an déi Reunioun vun deem
techneschen Aarbechtsgrupp soll dann elo den 13.
Januar 2020 stattfannen. An der Teschenzäit ware mir
Responsabeler vun der Gemeng awer zesumme mat
de Responsabele vun der Gemeng Beetebuerg erëm
eng Kéier um Ministère an zwar genau virun engem
Mount, de 15. Oktober, an do hu mer erëm e puer
Punkten ugeschwat wat esouwuel zu Ärer éischer Fro
zum Verkéier a Richtung Diddeleng-Beetebuerg wéi och
zu der Fro zwee Train-Tram passt, zum Beispill wéini ass
de Chantier vum Rondpoint fäerdeg, wéini kënnt d'Dräi-
spueregkeet vun der Autobunn, alles dat, huet de
Minister eis gesot, krite mer schrëftlech vun der Ponts



et Chaussées matgedeelt. Dat ass awer net geschitt a mir hu selwer virun zwou Wochen nach eng Kéier schrëftlech nogehaakt. An och schrëftlech solle mer vun hinnen eis Froen zu de Vëlosweeër an de Raccorden zu de Vëlosweeër beäntwert kréien. Dat ass dat wat ech virdrun op eng Remarque vun der Madame Goergen jo scho gesot hat. Allerdéngs, wéi gesot, hu mer dat nach net kritt.

Da soll jo och d'Zone industrielle eenheetlech a besser beschëldert ginn, och dat ass eng Mesure aus der Etüd Diddeleng-Beetebuerg fir eben och deen onnëtze Verkéier, ganz dacks Camionen, déi sech net auskennen an dann egal wou landen, duerch eng nei Signalisatioun ze verbesseren. An do huet de Minister och elo en techneschen Aarbechtsgrupp zesummegeruff an do stinn elo zwee Datumer am Raum fir Enn November sech ze treffen an dat doten dann och a Musek ëmzesetzen. An där Reunioun, déi mer zesumme mat de Kolleegen a Kolleginnen vu Beetebuerg haten, huet eise Schäfte-rot och nach eng Kéier drop higewisen, datt fir eis eng zousätzlech Bushaltestell vum RGTR 305 beim Globus fir d'Bierger an d'Biergerinnen ideal wär an si hunn eis och versprochen, si géifen dat da préiwen.

Zum Train-Tram sot de Minister eis och, datt fir d'CFL wier den Urbanist oder Architekt domat beoptraagt fir falls eng Ënnerféierung bei der Gare Diddeleng néideg géing ginn, ze kucke keng esou grouss Aschnëtter méi ze hunn, wéi dat nach beim éischte Projet de Fall gewiescht wier: Wann all déi Donnéeën, dat heescht vum Architekt, Urbanist, respektiv och déi Donnéeë vum techneschen Aarbechtsgrupp bis um Dësch sinn, da wäert de Minister wéi versprochen op Diddeleng komme fir dann och den Dialog mam Bierger ze féieren. Ech mengen, datt déi Entscheedungen Zuch an/oder Tram -Barrièren ewech - eng Barrière ewech - alleguerten d'Barrièren ewech och ob mer d'Schlësszäite vun deene Barrière reduzéiert krite wann se misste bleiwen, ech mengen, alles dat, alleguerten déi Saache musse mer am Virfeld wëssen ier mer iwwerhaupt weiderkommen an ier mer do iwwerhaupt weiderplange kënnen a méi an d'Detailer kënnen goen. Eng gutt Noriicht ass déi, datt se elo awer wëlles hunn, dee Bus 207, deen Direktbus, dee vun Diddeleng op de Kierchbiérg fiert, ze verlängere bis op Volmerange-les-Mines. Dat ass e puer Mol gefrot ginn an dat géif eis och hëllefen a mir hunn dann och nach eemol schrëftlech trotz allem betount, datt de Bus awer och weiderhin natierlech hei am Zentrum stoebleiwen muss, net datt en op Volmerange fiert an net méi hei fiert an datt mer et och géife begrëisse wann en d'Gare géif ufueren, also eis Haaptgare hei zu Diddeleng.

Dann hutt Dir nach Froen zu Etüde gestallt, do war eng Fro no der Etude d'optimisation de la fluidité du

Trafic au centre-ville, Budgetsartikel 4-622-211000-1201. Bon, dat sinn haaptsächlech d'Etüde vum Shared Space, Phas 1 a Phas 2, déi doriwwer bezuelt gi sinn. Fir d'lescht sinn d'Etüde vun der Rue du Commerce, dat jo dann deen nächsten Deel vum Shared Space wäert ginn, bezuelt ginn an am Ufank vum Joer gouf och decidéiert, deen Artikel zouzemaachen an et gouf en neien opgemaach fir d'Analysen ze maachen, wat dann eben no Shared Space, also de Phasen 1 an 3, wann dat fäerdeg ass, kéim. Wann ech dobäi sinn, Rue du Commerce, do gëtt et och nei Infoen, do krute mer gesot laut Ponts et Chaussées, datt si géifen déi Soumissioun elo Mäerz-Abrëll 2020 lancéieren – dat wär jo dann déi nächst Phas vun eisem Shared Space – Enn 2019 ginn si den Dossier un de Minister weider an d'Aarbechte kéinten dann am September 2020 ufänken. Wéi gesot, dat dote sinn Infoen, déi mer vun der Ponts et Chaussées kritt hunn, mir sinn hei net Här a Meeschter, do kann sech nach eppes drun änneren.

Dann hutt Dir nach eng Fro gestallt zu engem anere Budgetsartikel "Frais d'études suppression PN an études urbanistiques", bon, dat ass de Relevé topographique an d'Etude préparatoire urbanistique zur Ënnerféierung beim PN Dudelange-ville, dat huet elo manner eppes mat Mobilitéit ze dinn, ech weess net ob den Dan Biancalana nach eppes dozou wëll soen. An dann ass et awer och esou, Dir hutt an Ärer Froestellung eppes vun Teilzahlung geschriwwen. Déi Froestellung ass net ganz richtig well déi 53 601 Euro, respektiv déi 126 600 Euro am Joer 2018, dat ass de Solde vum Kredit fir dat Joer vun all Projet. Just fir dat ze präziséieren an dann hätt ech mäin Deel fäerdeg, Dir hutt nämlech nach eng Fro gestallt zu der Etude de mobilité et environnement vum LIST an dat huet eppes mat Ëmwelt ze dinn an dofir wäert de René Manderscheid lech déi Informatioun zu deem Artikel, respektiv zu där Etüd kënnen ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ëmwelt, Jein, mä bon, de Projet "Etude de mobilité et environnement LIST", deen ass bei eis am Budget gefouert am Ëmweltsektor, et ass awer keng Etüd am Sënn vum Wuert. Et ass en europäesche Projet Mobility Urban Values, MUV a Kuerzform genannt. De LIST ass do de wëssenschaftleche Partner an deem Projet an e wollt och dofir eng Lëtzebuerger Gemeng gewanne fir do matzemaachen an de LIST huet Diddeleng kontaktéiert a mir hunn dunn zougesot. Beim Projet geet et dorëms, mat Hëllef vun enger App op eng spilleresch Aart a Weis d'Mobilitéitsverhale vun de Bierger ze beaflossen. E groussen Deel vum Projet huet doranner bestanen, dës App z'entwéckelen an déi eenzel Entwécklungsstufe vun der App an eise Stied dann ze testen. Dës App ass, nodeems am Laf vun dësem Joer nach e puer technesch Onzoulänglechte behuewe gi sinn, am September elo



voll operationell an déi Stied, déi an dësem Projet wëlle matmaachen, sollen d'Bierger elo mat der App vertraut maachen an d'Stied selwer sollen och géinteneen an e Concours triede wie seng Bierger am beschte motivéiert kritt fir hiert Mobilitéitsverhalen ze verännern. Dofir sinn d'Stied op déi lokal Geschäftswelt och ugewisen, well doduerch, datt ee säi Mobilitéitsverhale ännert, kann ee Punkte gewinnen an an deene lokale Geschäfte soll ee fir déi Punkten dann och mat eppes belount ginn. Elo am September ass nach eng Entrevue mat dem LIST an eisem City Manager geplangt fir ze kucken, wéi mer dat hei zu Diddeleng kënnen ëmsetzen. Et sinn nach keng Sue vun deem Kont gebraucht ginn, well mir hunn nach keng Rechnung kritt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, domat hu mer probéiert, op déi eenzel Froen anze-
goen. Ech gesinn, do ass eng Präzisiounsfro, Madame
Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir déi
ausféierlech Explikatiounen. Zur Geothermie hätt ech
just déi Fro: Dir hutt gesot, elo geet déi zweet Phas
un, da gi mer op 1000 Meter, wéini soll dat sinn a
geschitt dat op deemselwechte Site? Well ech hu mat
Erschrecke festgestallt, dass do elo Planéierungsaa-
rbechte just do hannendru sinn, also do sinn se momentan
amgaang ze planéieren. An dann och, Dir hutt gesot, de
Forage bis 430 Meter war zimlech positiv. Géif dat wa
mer just op déi Déift géinge goen, net duergoe fir dee
ganze Quartier ze alimentéieren? Dat ass d'Fro. An da
beim zweete Punkt hat ech nach eng Fro gestallt, déi
ass nach net beäntwert ginn. Wie war dann den Optrag-
geber vun deem neie Konzept? War dat just d'Gemeng
Diddeleng, a wéi gesot, ech begréissen och, datt Dir
gesot hutt mir kréichen déi Ennerlagen zoukomme
gelooss vun deem Projet. Dat ass och ganz wichteg,
denken ech, och wéinst der Transparenz, ech fannen,
dat ass ëmmer eppes wat gutt ass.

An dann zum Zukunft NeiSchmelz, also, ech muss lech
och emol eng Kéier luewen, de Buergermeeschter hat
eng ganz interessant Interventioun an der Chamber,
ech hu seng ganz Interventioun gesinn an ech hunn
och d'Äntwert vum Mediëminister mat Befriemen zur
Kenntnis geholl. Dat war wierklech lamentabel wat do
als Äntwert koum vun der Regierung, mä ech si frou,
datt Dir gesot hutt, datt Dir lech do net gitt an ech
denken, mir hu jo och dräi Deputéierte vun der LSAP Ex-
a jëtzeg Buergermeeschter an der Chamber, déi wäerte
jo kënnen Drock ausübe fir datt do eppes geschitt. Zur
Mobilitéit, do soen ech och villmoos Merci fir déi Aus-
féierungen. Vlät just eng Ureegung, Dir sot, d'CFL wëll
Zich asetze mat 600 Plazekapazität vu Volmerange op
Ettelbréck, d'Zich wiere scho bestallt. Ech froe mech

ob een do net ka soen, da kommt mir maachen dat vu
Beetebuerg op Ettelbréck an da kucke mir mol, datt mir
awer mol aus deem Lach hei erauskommen. Welle ch
weess net ob mer soss eng Léisung hunn. Merci fir déi
Explikatiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Par rapport zu der Geothermie kann ech soen, also wann
déi zweet Phas gemeet gëtt, da gëtt se do gemeet wou
déi éischt Phas gemeet gëtt, dat ass emol dat éischt.
Déi Aarbechten, déi elo do gemeet ginn, dat hat ech
awer eng Kéier hei am Gemengerot gesot, dat war am
Kader vun engem Accord tëschent dem Fonds de Loge-
ment an der ARCELOR wou nach e bësse vum Schlaken-
tipp ewechgeholl gëtt. Dat behënnert an deem Sënn
net.

An dann, par rapport zum Optraggeber, ech mengen, déi
Käschteschätzung an d'Ophuele vun de Besoinen, dat
war eng gemeinsam Decisioun am Kader vun den Nego-
ciatiounen vun der ULPA, vun engem Kulturministère, vun
engem Wirtschaftsministère mat der Gemeng zesum-
men, mir hunn dat net eleng decidéiert, dat war eng
gemeinsam Decisioun. Déi mir geholl hunn. Dat nach eng
Kéier als Präzisioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A mir kréien déi
Ennerlage vun deenen zwee.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir loossen lech dat per Mail zoukommen, wou Dir da
ganz kloer gesitt déi Ennerscheeder 2007-2017 a wéi
d'Funktionalitéiten evaluéiert goufen en fonction vun de
Besoinen vun der ULPA. Dat loosse mir lech ganz gären
zoukommen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Just nach
fir dat, wat Dir elo zum Schluss sot mat den Zich, ech
weess nämlech net ob ech mech kloer ausgedréckt
hun. Den Enkpass, dee besteet jo net op Diddeleng,
den Enkpass besteet ab der Stad op Ettelbréck. A vu
datt si déi Zich wëllen duerchfuere loosse ab Volme-
range, muss deen Zuch schonn ab Volmerange kënnen
déi 600-Leitkapazität hunn.

Dat ass eigentlech den Hoke bei der Saach. Well si de
ganze Réseau kucken an net onofhängeg, soe mer elo
emol, dat Stéck Volmerange-Beetebuerg oder Beete-
buerg-Stad, Stad-Pafendall an Ettelbréck. Si kucken dat
grousst Ganzt an dofir muss eben d'Vitesse stëmmen
an d'Kapazität. An dat ass wat d'Techniker ennerenee
geschwat hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Affaire à suivre.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Affaire à suivre. Voilà, mir hu probéiert, op déi verschidde Froen ze äntweren an dësen Dossieren, déi eis nach wäerte weider beschäftegen. Domat ass dann elo déi ëffentlech Sitzung eriwwer a mir ginn iwwer an de Huis clos.

DUDELANGE COMPTE SUR VOUS!

Soyez solidaires,
achetez local!

DÜDELINGEN ZÄHLT AUF SIE!

Seien sie solidarisch,
kaufen sie lokal!

LES COMMERCE DE DUDELANGE SONT À NOUVEAU PRÊTS À VOUS ACCUEILLIR!

L'été arrive ! Profitez de vous faire plaisir après ces longues semaines de confinement : complétez votre garde-robe et faites votre shopping parmi les nombreux magasins de votre ville (tout en respectant les gestes barrières obligatoires).

Un immense MERCI pour votre solidarité via la plateforme #mäindideleng qui continue de fonctionner.

**Nos commerces ont plus que jamais besoin de vous.
Continuons à les soutenir, achetons local !**

DIE GESCHÄFTE IN DÜDELINGEN SIND WIEDER BEREIT, SIE ZU EMPFANGEN!

Bald ist Sommer! Machen Sie sich eine Freude nach all den Wochen im Lockdown: Vervollständigen Sie Ihre Garderobe, indem Sie in den vielen Geschäften unserer Stadt eine Shoppingtour machen (im Respekt der verschiedenen Schutzmaßnahmen).

Ein großes DANKESCHÖN für Ihre Solidaritätsbekundung über die Internetplattform #mäindideleng, die auch weiter funktioniert.

**Unsere Geschäfte brauchen Sie mehr denn je.
Unterstützen wir sie weiterhin, indem wir lokal einkaufen!**



INFOS

www.dudelange.lu → Infos COVID-19
www.mäindideleng.lu
www.fcad.lu

